

INFO BLAT

°07 25

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

**GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 29. OKTOBER 2025**

ActualitésEventsDIFFMAGEmploiDifferenttogether.lu

Ville de
Differdange

VivreDécouvrirLa villeDémarchesContact

Maint.

12°

 **ATTENTION** Les inscriptions à la maison relais pour 2026-2027 sont ouvertes. Le délai d'inscription est le 6 mars. Fermer x

Conseil communal du 11 février 2026

ACCUEIL > CONSEIL COMMUNAL DU 11 FÉVRIER 2026

A⁻ A⁺ 

Conseillers présents

ALTMEISCH Guy (bourgmestre, LSAP)

CEMAN Emina (CSV)

OLTEN Claude (CSV)

ULVELING Tom (échevin, CSV)

DA SILVA Elisabeth (DP)

PREGNO Laura (déi gréng)

WAGNER Thierry (échevin, LSAP)

DIDERICH Gary (déi Lénk)

SCHEUREN Michel (LSAP)

HARTUNG Gerard dit Jerry (échevin, CSV)

HUBERTY Caroline (LSAP)

SCHÜTZ Manon (déi gréng)

CHARLÉ Zenia (échevine, LSAP)

MEISCH François dit Fränz (DP)

TEMPELS Guy (CSV)

AGUIAR Paulo (déi gréng)

MULLER Erny (LSAP)

Absents et excusés

CILLIEN Eric (DP)

ENGEL Morgan (LSAP)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

INFO BLAT^{07 25}

COMPTE-RENDU DU 29 OKTOBER 2025

4-68

DARLIN

69

GUIDE TOURISTIQUE

70

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 500 exemplaires

© PHOTOS Couverture: Mirko Mengoni

INFOBLAT imprimé sur du papier 100 % recyclé
L'INFOBLAT est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION 07/2025, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsblat

F Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 29. OKTOBER 2025

CONSEILLERS PRÉSENTS

Guy Altmeisch, bourgmestre (LSAP)
Tom Ulveling, 1^{er} échevin (CSV)
Thierry Wagner, échevin (LSAP)
Jerry Hartung, échevin (CSV)
Zenia Charlé, échevine (LSAP)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Eina Ceman (CSV)
Eric Cillien (DP)
Gary Diderich (déi Lénk)

Caroline Huberty (LSAP)
Fränz Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Claude Olten (CSV)
Laura Pregno (déi gréng)
Michel Scheuren (LSAP)
Manon Schütz (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

Absents/excusés: Morgan Engel (LSAP), Elisabeth Da Silva (DP)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège échevinal.
2. Office social de Differdange :
 - a. Compte de l'exercice 2023;
 - b. Budget rectifié 2025 et budget initial 2026.
3. Personnel communal :
 - a. Adaptation de l'organigramme : création de deux postes pour les besoins du département scolaire et de l'enfance;
 - b. Validation du texte coordonné de la convention collective de travail pour les salariés des communes du sud du 1^{er} janvier 2025 au 31 décembre 2027.
4. Actes et conventions :
 - a. Accord de collaboration avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg relatif au projet Biergerguide;
 - b. Autorisation domaniale avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg et la SNCFL portant sur le maintien de deux garages empiétant sur le domaine ferroviaire de l'État;
 - c. Convention de maintien d'un garage dans la zone non aedificandi du domaine ferroviaire (du PK 4,875 au PK 4,582 à Differdange);
 - d. Convention de mise à disposition d'un atelier d'artiste situé au 88 et 88a, rue Principale à Lasauvage;
 - e. Contrat de bail commercial concernant un local situé au no 10 de la place du Marché à Differdange;
 - f. Premier avenant au contrat de bail avec Arcus Kanner, Jugend a Famill ASBL pour les besoins de son projet Familljenhaus au no 23 de la Grand-rue à Differdange;
 - g. Deuxième avenant à la convention du réseau de chauffage urbain Woiwerwisen à Oberkorn;
 - h. Deuxième avenant à la convention Karro relative à la mise à disposition de structures pour l'hébergement provisoire de demandeurs de protection nationale signée avec l'Office national de l'accueil (ONA).
5. Plan annuel de gestion des forêts 2026.
6. Consultation publique relative aux projets de plan d'action de lutte contre le bruit dans l'environnement en application de l'article 2 de la loi modifiée du 21 juin 1976 relative à la lutte contre le bruit — avis.
7. Autorisation d'ester en justice accordée au collège échevinal dans le cadre d'un recours en annulation contre l'arrêté ministériel portant sur le classement comme patrimoine culturel national de l'immeuble centre Marcel-Noppeney.
8. Résolution relative à la sortie du nucléaire et au développement des énergies renouvelables.
9. Règlements communaux :
 - a. Règlement d'ordre intérieur portant sur l'utilisation de l'auberge An der Schoul à Lasauvage;
 - b. Modifications au chapitre « B-2 : Structures communales à Lasauvage » du Règlement des taxes, tarifs et prix;
 - c. Relevé des nuits blanches officielles pour l'année 2026;
 - d. Modification du Règlement de circulation;
 - e. Règlements temporaires de circulation.
10. Changements au sein des commissions consultatives et des groupes de travail.

1. Communications

GUY ALTMEISCH (LSAP) ouvre la séance du conseil communal en accueillant les membres présents dans le Hall O. Il note les absences de madame Engel et de madame Da Silva, celle-ci ayant donné procuration à monsieur Meisch.

Il prend note des questions destinées au collège échevinal de la part de monsieur Meisch, monsieur Aguiar et madame Pregno, précisant que les retardataires pourront être ajoutés ultérieurement à la liste.

Il présente ensuite avec satisfaction le rapport d'activités 2024 du 1535° Creative Hub. Il souligne que cette année marque un renforcement de la position de ce lieu créatif differdangeois comme moteur important des industries culturelles et créatives du pays. La communauté des locataires continue de démontrer une grande diversité de compétences et de professions dans les domaines du design, de l'architecture, du cinéma, de la musique, de la communication et de l'innovation. Cette communauté s'est encore agrandie en 2024, confirmant que le 1535° reste un lieu où les créatifs se sentent bien et où ils souhaitent travailler ensemble.

Le bourgmestre met particulièrement en avant le succès du Creative Day, qui a attiré un large public de 6000 visiteurs et a prouvé la capacité du hub à partager la créativité sous diverses formes avec la population.

Il mentionne également la contribution significative du Sonotron, qui place la musique et le développement de formats intéressants au centre de ses activités grâce à ses ateliers. En collaboration avec la Ville de Differdange et d'autres partenaires, le 1535° a participé tout au long de l'année à différentes initiatives et coopérations, qui ont renforcé la visibilité du secteur créatif et le réseau entre les acteurs du pays.

Le rapport est distribué dans un tube contenant un format poster avec le slogan Voir grand. Ce format reflète non seulement l'idée de penser en grand et de regarder vers l'avant, mais aussi une approche durable. Cette année, au lieu d'être publié sous forme de livre imprimé, le rapport sera disponible sous

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Dir Dammen an Hären aus dem Schäffer- an dem Gemengerot, ech si frou, Iech haut fir eis Gemengerotssitzung hei am Hall O kënnen ze begreifen. Entschëllege loosse sech d'Madamm Engel an d'Madamm Da Silva Elisabeth. D'Madamm Da Silva huet een Droit de Vote un den Här Meisch ginn.

Ech géif nach Är Froen un de Schäfferot opschreiwen, fir dass mer kee vergiessen. Dat sinn: den Här Meisch, den Här Aguiar, d'Madamm Pregno. Wann ee méi spéit kënnt, kënne mer den ëmer nach nodréiglech op eis Lëscht schreiwen. Ech soen Iech Merci.

Punkt 1 sinn d'Kommunikatioun vum Schäfferot. Ech géif ufänken. Ech freee mech, haut de Rapport d'activité vum 1535° Creative Hub fir d'Joer 2024 virzestellen.

Et war ee Joer, wou eise kreative Standuert zu Déifferdeng seng Positioun als wichtige Motor fir déi kulturell a kreativ Industrien am Land weider verstärkt huet. D'Gemeinschaft vun de Locataires huet weiderhin eng grouss Diversitéit u Kompetenzen a Beruffer aus de Beräicher Design, Architektur, Film, Musek, Kommunikatioun an Innovatioun opgewisen.

Zënter 2024 huet sech dës Communautéit souguer nach vergréissert. Dës weist, dass de 1535° eng Plaz bleift, wou Kreativer sech wuelfillen a gären zesummeschaffen.

Besounesch ervirzehiewen ass de Succès vum Creative Day, den nees ee grouse Publik, 6.000 Visiteuren, ugezunn huet an d'Fäegkeet vum Hub bewisen huet, d'Kreativitéit a villfältege Forme mat der Bevëlkerung ze deelen.

De Sonotron huet mat senger Workshopen an Jam Sessions e bedeitende Bäitrag geleescht, andeems en d'Musek an d'Entwécklung vun interessante Formater an de Mëttelpunkt geréckelt huet.

Zesumme mat der Stad Déifferdeng an anere Partner huet de 1535° am Laf vum Joer u verschidden Initiativen a Kooperatiounen deelgeholl, déi d'Visibilitéit vum kreative Secteur an

d'Netzwerk tëscht den Acteuren am Land gestärkt hunn.

Dese Rapport gëtt an engem Tube verdeelt, den e Posterformat enthält mam Slogan „Voir grand“. Dës Format reflektéiert net nëmmen d'Iddi, grouss ze denken an no vir ze kucken, mee och eng nohaltege Approche. Amplaz ee klassescht Buch ze drécken, gouf de Rapport dës Joer als Poster proposéiert. Eng Léisung, déi weesentlech manner Pabeier verbraucht an domat bewusst Ressourcë schount.

De Rapport ass multifunktionell opgestallt, mat enger Säit als Poster an där anerer als Rapport d'activité. Esou sinn Informatioun an Inspiratioun an engem eenzege ressourcëschoonende Medium vereenegt.

Et weist, dass d'Innovatioun och an der Form ausgedréckt ka ginn an net nëmmen vum Inhalt hier.

Ech invitéieren Iech, dese Rapport ze entdecken, well en d'Geschicht vun engem Joer erzielt, an deem Déifferdeng, duerch de 1535°, nach eemol bewisen huet, wéi wichteg d'Kreativitéit fir eng nohaltege a lieweg Stad ass. Ech soen Iech Merci.

Ech géif d'Wuert un den Här Ulveling ginn, fir eis seng Kommunikatioun matzedeele vu senger Ressourcen. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, virun enger Woch si mer offiziell zu Bréissel als Mission City ernannt ginn. Mir waren do zesumme mat 12 oder 14 anere Gemenge, déi den Titel offiziell kruten. Sou dass mer elo gefuerdert sinn.

Ech hat Iech jo d'leschte Kéier scho gesot, dass mer am Januar géifen eng informell Gemengerotssëtzung maachen, fir dee ganze Projet eng Kéier virzestellen, wou jiddwereen nach ka säi Bäitrag ginn, fir déi 520 Ziler, déi mer eis gesat hunn, ze erreechen.

Do wäerte mer warscheinlech owes eng Kéier zesummekommen, fir iwwer dat Ganz ze kucken. Well den Dossier huet eng 800 Säiten. Ech mengen net, dass

1. Communications

een déi 800 Säite wäert kënnen duerch-
knaen, ouni dobäi ze entschlofen.

Dat anert ass, Dir hutt gesinn, dass mer
am CID amgaange sinn ofzerappen.
Dat heescht mir wäerten do, sou wéi
beim Collé, zousätzlech Parkplaze
schafen. Déi Parkplaze si geduecht, an
do gëtt och een Opruff gemaach an
deen nächsten Wochen, fir pro Mount
verlount ze ginn. An zwar au prorata
vun deenen Interesséierten, zum Bei-
spill aus dem CID. Haaptsächlech déi
Leit, déi an der Géigend wunnen, déi
eppes brauchen. Respektiv d'Enseignanten
aus der EIDE, der Fondation
Emile Metz respektiv dem 1535°. Sou-
dass mer do kucken, e Quota fir jidd-
wereen ze reservéieren, fir dass een do
ka lounen op de Mount.

Beim CID hu mer gesot, dass dat onge-
féier während zwee Joer just ka sinn. De
Parking Collé, deen och amgaangen ass
ze entstoën, deen am Januar normaler-
weis misst fäerdeg sinn, do geet et
drëms, fir d'Leit, déi an den Hane-
boesch schaffe kommen, eng Parkplaz
ze reservéieren. An do ass et esou, dass
déi Leit musse Privatautoen hunn. Et
ass net geduecht, dass Firmaen hir Fir-
menautoen do ofstellen, mee et musse
Leit sinn, déi do schaffen. Déi kréien
dann och, au prorata, vun deene Fir-
men, déi dann do sinn, eng Plaz zouge-
schoustert. Wa se dat da wëllen.

Am Kader vun NetZeroCities, do hu
mer den Digital Twin, do hu mer ze-
summe mam LIST zwee Projeten elo
lancéiert. Dat eent geet éischter ëm
Photovoltaikanlagen. Dat heescht Digi-
tal Twin an ass eppes, wou de Bierger
duerno ka mat enger App kucken, en
fonction dovun, wou e wunnt, vu sen-
ger Parzell, kann en direkt kucken, wat
fir eng PVC-Anlag fir hien optimal wier.
An och wat fir eng Batterie fir hien op-
timal wier.

Net, dass e sech iergendwou eppes
opschwätze léisst, wat guer kee Sënn
ergëtt. Well déi hunn eis bewisen, dass
ab engem gewëssene Seuil eng zousätz-
lech méi héich Batterie guer näischt
bréngt. Dat ass éischter kontraproduk-
tiv. Dat heescht, Dir bezuelt duerno méi
fir deen Zousaz wéi dat, wat et abréngt.
Soudass een dat kann duerno op der
Diffkaart kucken, säin Haus kucken an
dann, wann ee wëllt dat maachen, dat
och installéiere loosse.

Dat anert ass en Digital Twin, dee mer
och mam LIST amgaange sinn ze deve-
loppéieren. Dat ass, fir eng genau Zir-
kulatioun an der Stad ze kucken, wéi
d'Leit do fueren, wéi se sech verhalen.
Dat heescht, dat kënne mer da selwer
maachen. Mir kënne wierklech eng
Momentopnam kréien. Do ginn d'Pla-
cke fotograféiert a gepixelt, an déi kën-
nen da genau eis soen, wann déi Cap-
teuren iwwerall opgestallt sinn, wie
wouhinner fiert.

Net wéi elo, do konnte mer just eng
Strooss kucken, dann ass da gezielt
ginn, esou vill Autoen. Hei kënne mer
eis e genaut Bild maachen. A mir sinn
och amgaangen ze kucken, ob mer dat
net am ganze Kordall kënnen installéie-
ren, fir déi ganz Beweegungen am Kor-
dall ze kucken. Dass een déi opti-
miséiert, fir eeben, wéi gesot, eis Stad
hei ze désengorgéieren, zumindest muer-
res, wann d'Leit op d'Aarbecht ginn.

Dat Lescht, wat ech nach wollt soen,
ech hat schonn eng Kéier driwwer
rieds, déi LED-Luuchte si mer amgaan-
gen ze installéieren an de Quartieren. À
ce stade hu mer 1.329 LED-Luuchten.
1.711 mussen nach an den nächsten
zwee Jore gewiesselt ginn. Déi konven-
tionell Luuchten, 57 % vun deem ganze
Luuchtepark verbrauchen 82 % vun
der Gesamtenergie vun der Belichtung.

Et muss ee wëssen, dass d'Belichtung
15 % ausmécht an eiser Stad, wat den
Éclairage public ugeet, 15 % vun eise-
m Energiebesoin ausmécht. A mir hunn
elo festgestallt, dass déi nei Luuchten
am Fong nëmmen nach 1/3 vun deem
verbrauchen, wat déi vireg verbraucht
hunn.

Den Avantage vun deene Luuchten ass,
dass een eng Gestion intelligente ka
maachen. Dat heescht, et kann ee se
dimmen, d'Maintenance ass och man-
ner. Esou Luuchte solle 25 Joer halen,
do brauche keng Biere gewiesselt ze
ginn. Déi LED, déi maachen och, dass
een d'Faarwe besser gesäit.

Dat eenzeg, wat mer elo nach musse
maachen, mir hunn e puer Reklama-
tioune kritt, dat ass, fir a verschiddene
Quartieren ze kucken, effektiv, dass dat
optimal alles beliicht gëtt. Et sinn e
puer Plazen, wou den Trottoir net ganz
beliicht ass. Mee ech mengen, déi
Luuchte sinn do fir d'Strooss. Dat si jo

*forme de poster, une option qui né-
cessite beaucoup moins de papier et
qui respecte davantage les res-
sources. Le document est conçu de
manière multifonctionnelle, avec
un côté poster et l'autre côté rap-
port d'activités, unissant ainsi in-
formation et inspiration dans un
seul support respectueux des res-
sources.*

TOM ULVELING (CSV) prend ensuite
la parole pour présenter ses com-
munications. Il annonce que Dif-
ferdange a été officiellement nom-
mée Mission City à Bruxelles il y a
une semaine, aux côtés de 12 à
14 autres communes. Une séance
informelle du conseil communal est
prévue en janvier pour présenter
l'ensemble du projet et permettre à
chacun de contribuer aux 520 ob-
jectifs fixés. Le dossier comportant
environ 800 pages, une soirée sera
organisée pour l'examiner en-
semble.

Il informe également sur les tra-
vaux en cours au CID, où des
places de parking supplémentaires
sont créées. Ces places seront
louées au mois aux intéressés, prin-
cipalement les résidents du quartier,
les enseignants de l'EIDE, de la
fondation Émile Metz et du 1535°,
avec un système de quotas.

Au parking Collé, qui devrait être
terminé en janvier, des places seront
réservées aux personnes travaillant
au Haneboesch avec leurs véhicules
privés.

Tom Ulveling explique que, dans le
cadre de NetZeroCities, deux pro-
jets de Digital Twin ont été lancés
avec le LIST. Le premier concerne
les installations photovoltaïques :
les citoyens pourront utiliser une
application pour déterminer, selon
leur parcelle et leur habitation,
quelle installation solaire et quelle
batterie seraient optimales. Il pré-
cise qu'au-delà d'un certain seuil,
une batterie plus grande devient
contreproductive, car elle coute
plus cher que ce qu'elle rapporte.

Le second Digital Twin vise à ana-
lyser précisément la circulation ur-
baine en photographiant et pixeli-
sant les plaques pour comprendre
les flux de déplacement. L'objectif
est d'étendre ce système à toute la
vallée de la Chiers pour optimiser

1. Communications

les mouvements et désengorger la ville aux heures de pointe.

Concernant l'éclairage public, 1329 lampes DEL ont été installées et 1711 restent à remplacer. Les lampes conventionnelles, représentant 57 % du parc, consomment 82 % de l'énergie totale. Les nouvelles DEL ne consomment que 1/3 de l'énergie des anciennes, permettent une gestion intelligente avec variation d'intensité et nécessitent moins de maintenance. Quelques réclamations concernent l'éclairage insuffisant des trottoirs dans certains quartiers.

Tom Ulveling explique qu'une fois tous les travaux terminés, la commune pourra économiser 365 t de CO2 grâce au remplacement complet de l'éclairage. Il précise qu'il faudra encore environ un an et demi pour achever la conversion de l'ensemble du territoire communal.

THIERRY WAGNER (LSAP) souhaite présenter l'agenda des festivités de fin d'année ainsi que d'autres informations importantes. Il annonce qu'un premier atelier sur le sport et le mouvement aura lieu le 14 novembre, réunissant des acteurs sélectionnés du domaine sportif pour partager leurs expériences. Il souligne que cet exercice est crucial pour le plan de développement sportif de la commune et que toutes les conclusions alimenteront la stratégie sportive 2027, dont il promet de donner plus de détails lors de la présentation du budget.

Thierry Wagner insiste sur l'importance des infrastructures sportives adéquates comme pilier de la politique sportive communale. Il annonce l'inauguration officielle du centre sportif John-Scheuren au parc des Sports les 22 et 23 novembre, combinée avec des journées portes ouvertes.

Le 24 novembre suivra le traditionnel Gala sportif de la Ville de Differdange, où de nombreux champions seront honorés, conformément au statut de ville sportive de la commune.

Il décrit ensuite le programme des célébrations : le marché de l'Avent du 28 au 30 novembre à Lasauvage; la fête de Saint-Nicolas le 4 décembre également à Lasauvage; l'ouverture du marché de

Stroosseluuchten, déi sinn do, fir den Trottoir an d'Strooss ze belichten an net fir d'Fassade vun den Haiser ze belichten. Do mussen d'Leit sech e bësse vläicht ëmstellen, deemno wéi. Et sinn dräi oder véier Reklamatiounen erakomm. Mee mir hunn dat gekuckt, a mir wäerten do dann déi néideg Modifikatiounen maachen.

Wa mer dat alles fäerdeg hunn, wäerte mer 365 Tonnen un CO₂ kënnen spueren, wa mer déi ganz Luuchten do ëmgeswicht hunn. Wat nach wäert ongeféier annerhalleft Joer daueren, bis mer dee ganzen Territoire ëmgeswicht hunn. Dat wollt ech Iech soen. An domat wär ech fäerdeg. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Mir bleiwe bei de Kommunikatiounen. Här Wagner, wannechgelift.

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot. Schéine gudde Moie vu menger Sait och un d'Nolauschterer dobaussen.

Wéi gewinnt, wëll ech Iech ee klengen Ausbléck ginn iwwer d'Agenda vun de Festivitéite fir d'Enn vum Joer, awer och e puer weider interessant Infoen.

De 14. November ass en éischte Workshop: Sport a Beweegung. Do geet et drëm, haaptsächlech ausgewielten Acteuren aus dem Sportberäich un een Dësch ze kréien an hir Erfahrung matzedeelen. Dat ass ee wichtege Exercice fir eise Sportentwécklungsplang. All déi Erkenntnisser fléissen an eis Sportsstrategie 2027. An der Presentatioun vum Budget wäert ech Iech weider Detailer kënnen ginn.

Ee wichtege Pilier vun eiser Sportpolitik sinn natierlech déi adequat Sportsinfrastrukturen. Den 22. an den 23. November gëtt d'Sportshal John Scheuren am Parc des Sports hei niewendrun offiziell ageweit. Dat Ganzt kombinéiert mat Porte-Ouverte-Deeg.

Direkt deem Dag duerno, de 24.11. geet et sportlech weider, dann ass den traditionelle Gala sportif, d'Sportleréierung vun der Stad Déifferdeng. Do brauch ech Iech jo net ze soen, dass mer och dëst Joer nees vill Championen ze éieren hunn, passend zu eiser Sportsstad.

Méi besënnlech gëtt et den 28. bis den 30. November op der Zowaasch mam Adventsmaart. No den éischte Budgetsitzungen am Gemengerot, gesi mer eis dann de 4. Dezember, och zu Lasauvage, fir Bärbelendag. De 5.12. ass d'Ouverture vum Chrëschtmaart am Zentrum, wou erëm villes programméiert ass.

Op Kleeserchersdag selwer, also de 6. Dezember, ass e Cortège vum Hellege Mann, dee bei eis op Besuch kënn.

Am Hall O ass d'Chrëschtfeier fir d'Seniore vum 9. bis den 11. Dezember.

Dëst Joer ass den Tipi am Park, an dat de Weekend vum 12. bis 14. Dezember. Den Highlight ass do freides d'Anna-Maria Zimmermann. Sonndes ass de Brunch fir d'Bierger, am Kader vum Vivre-ensemble. An och den traditionelle Chrëschtlaf steet dann deem Dag um Programm.

Avis aux amateurs. Merci gesot.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Wagner. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Här Buergermeeschter, léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Matbiergerinnen a Matbierger, Verrieder vun der Press, gudde Moien alleguer. Ech wollt Iech haut eng kleng Aktualiséierung ginn, wou mir zurzäit dru sinn, wat eis Aarbecht ronderëm d'Chambres meublées ugeet.

Wéi am Gemengerot d'lescht Joer matgedeelt, wëlle mer jo dës Aart vu Wunnengen an ee gereegelte Kader bréngen, dat heescht: Mindestnormen, wat d'Hygiène, d'Sécherheet an d'Liewens-

1. Communications

qualitéit ugeet, nom Reglement vum Dezember 2019.

Ech ënnersträichen nach eemol ganz kloer, datt et eis net drëms geet, dës Logementer ze verbidden – absolutt net, well si gi gebraucht. Mee si mussen engem gewëssene Standard entsprechen, fir datt d'Leit wierdeg kënnen wunnen an net ausgebeut ginn.

Et gött vill Proprietären, deenen ass et wichteg, uerdentleche Wunnraum unzebidden. Et gött awer och där anerer. Dofir ass et eis wichteg, datt mir als Gemeng dee Standard sécherstellen.

Zur Erënnerung: Am Abrëll 2024 hate mir decidéiert, all déi Chambres meublées, déi net deklaréiert waren, zäitlech ze spären, bis de Proprietär sech konform gesat huet. An der Vergaangenheet waren zwar Courriere geschéckt ginn, mat Opfuerderungen, Aarbechte geméiss dem Gesetz ëmzesetzen. Mee éierlech gesot, säitens den Exploitanten a Proprietären ass an der Reegel net vill geschitt.

Mat dëser Spärung hu mir bewosst decidéiert, kee Mënsch op d'Strooss ze setzen. Déi Leit, déi do gewunnt hunn, konnte weider do wunne bleiwen, mee nei Locatairë konnten net méi bäikommen. Eng néideg Mesure mat Kloertext géintwuer de Bedriwer, wou mir den Drock lues awer sécher erhéicht hunn.

Well gläichzäiteg hu mir hinnen ee Joer Zäit ginn, fir alles an Uerdnung ze bréngen. Am Fréijoer 2025 hu mir mat den éischte Kontrollen ugefaangen. Do, wou mir an der Vergaangenheet scho Reklamatiounen haten.

Zesumme mam CGDIS an der Inspection sanitaire hu mir sechs Gebaier kontrolléiert. Dräi goufen direkt zouge-maach. Bei dräi aneren hu mir sechs Méint Frist ginn, fir déi néideg Aarbechten ëmzesetzen. Eng vun dësen ass haut och scho komplett konform. Déi aner zwou hu bis Dezember Zäit.

Et muss een awer och ervirhiewen, datt et eng Rei Bedriwer gött, déi mëttlerweil op eis duerkommen. Déi gewëllt sinn, déi néideg Aarbechten ze maachen an amgaange sinn, hir Situatioun, am Dialog mat eise Servicier, ze regularisieren.

Mee natierlech net all. Dofir, mir bleiwen drun a wëllen dat konsequent duerchzéien. Am Hannergrond gi schonn déi nächst Kontrolle geplangt.

Als zousätzlech Informatioun nach, datt mir 2024 och een Online-Site opgestallt hunn, deen déi gesamt Gesetzeslag a Prozedure resüméiert an de Bedriwer kloer erkläert, wéi si musse virgoen.

Wa mer elo e bëssen Zuele kucken: Am Abrëll 2024 hate mir 53 Gebaier detek-téiert, déi Chambres meublées bedriw-wen hunn, mee just fënnf dovun waren en règle – also 48 waren et net.

Mëttlerweil, September 2025, koume fënnf nei Objete bäi, deemno si mer elo op 58 insgesamt. Elo ziele mer der schonn 20 konform, also déi fënnf, déi et scho waren, dann déi fënnf, déi nei bäikoumen, an eeben zéng Stéck, déi virdrun net konform waren a mëttlerweil déi néideg Aarbechten duerchge-fouert hunn, fir konform ze sinn.

Da kommen nach aacht weider net-konform Gebaier dobäi, déi mëttlerweil net méi bewunnt sinn, well mer se nom Contrôle oder duerch ons Aktioun vun 2024 gespaart hunn.

Deemno bleiwen nach 30 Entitéiten, déi net an Uerdnung sinn. Awer, wéi gesot, verschiddener mat eise Service logement a Kontakt sinn, fir sech eebe konform ze setzen. Respektiv déi zwee, déi bis Dezember den Delai gesat kruten, wäerte spéitstens dann esou oder esou gereegelt sinn.

Fir sech déi ganz Entwécklung besser ze verbildlechen, hei nach Zuelen um Niveau vun de Bewunner. Well esou Gebaier hu jo an der Reegel vill Zëmmeren: Am Abrëll 2024 hu mir 294 Leit an net-konforme Chambres meublées gezielt géintwuer nëmme 25 a konformen.

Am September 2025 ziele mer nach just 158 Leit an net-konformen Zëmmeren. Kloer nach ze vill, awer bal eng Halbéierung am Verglach vu virun 18 Méint. An, op där anerer Säit, 102 Persounen wunnen elo a konformen Zëmmeren. Also ronn eng Vervéierfa-chung.

Noël le 5 décembre en ville, avec un riche programme; le défilé de Saint-Nicolas le 6 décembre; la fête pour les aînés du 9 au 11 décembre au Hall O; le Tipi dans le parc du 12 au 14 décembre, avec comme point d'orgue Anna-Maria Zimmermann le vendredi; et le dimanche, le brunch citoyen dans le cadre du vivre-ensemble, ainsi que la course traditionnelle de Noël.

JERRY HARTUNG (CSV) prend ensuite la parole pour faire le point sur le travail concernant les chambres meublées. Il rappelle que la commune souhaite encadrer ce type de logements selon le règlement de décembre 2019, en imposant des normes minimales d'hygiène, de sécurité et de qualité de vie.

Il souligne fermement qu'il ne s'agit pas d'interdire ces logements, absolument nécessaires, mais de garantir un standard permettant aux gens de vivre dignement sans être exploités. En avril 2024, la commune a décidé de bloquer temporairement toutes les chambres meublées non déclarées jusqu'à leur mise en conformité, sans expulser les occupants actuels, mais en empêchant l'arrivée de nouveaux locataires. Un délai d'un an a été accordé aux propriétaires pour effectuer les travaux nécessaires.

Jerry Hartung présente ensuite le bilan des contrôles effectués depuis le printemps 2025 avec le CGDIS et l'Inspection sanitaire : six bâtiments contrôlés, trois fermés immédiatement, trois autres ayant reçu six mois pour se conformer.

Il note que plusieurs exploitants collaborent désormais activement avec les services communaux. Les chiffres montrent une évolution positive : sur 58 bâtiments identifiés, 20 sont maintenant conformes, contre seulement 5 en avril 2024, et le nombre de personnes vivant dans des chambres non conformes est passé de 294 à 158.

Jerry Hartung explique que la commune est sur la bonne voie pour assurer une certaine qualité dans les locations et lutter contre l'exploitation financière des personnes vulnérables par certains propriétaires, dans le contexte de la crise du logement. Conformément à la loi, la

1. Communications

commune aide les locataires lors des fermetures d'établissements. Il précise que, lors des trois récentes fermetures, 21 personnes ont été touchées. Grâce à une communication intensive en amont et une présence active sur le terrain, sept personnes avaient déjà trouvé une nouvelle solution de logement au moment de la fermeture. Dans une structure, le propriétaire lui-même a relogé les 14 personnes qui y habitaient. La Commune a finalement dû héberger temporairement dix personnes dans des hôtels. Il rappelle que la loi stipule que, lorsque les propriétaires ou exploitants n'ont pas de solution pour leurs locataires lors d'une fermeture pour insalubrité ou pour des problèmes de sécurité, la Commune peut les reloger pour une période maximale de trois mois et récupérer les frais auprès du propriétaire ou de l'exploitant, ce que la Commune fait systématiquement. Grâce aux contacts avec différents exploitants de chambres qui se sont mis en conformité, la Commune essaie d'y héberger ces personnes. Certains trouvent également leurs propres solutions ou sont encadrés par des institutions sociales. Il affirme que, actuellement, plus personne ne se trouve à l'hôtel et que chacun a trouvé une nouvelle solution, résultat du suivi étroit de l'équipe d'assistants sociaux, qui travaillent avec beaucoup d'engagement et de présence sur le terrain. Il conclut en remerciant tous les services concernés : le service logement, le CGDIS, l'Inspection sanitaire, le département du vivre-ensemble, l'office social, les travailleurs de rue et le service comp-table de la Commune.

GUY ALTMEISCH (LSAP) s'associe aux remerciements. Il confirme avoir été présent sur le terrain dans différentes situations et témoigne que ce ne sont pas toujours des dossiers faciles. Il exprime sa fierté que le collègue échevinal ait relevé ces défis pour aider les personnes vivant dans des conditions précaires, dans des logements exigus et mal entretenus. Il exprime son respect pour tous ceux qui participent à ces actions et sa conviction que la Commune est sur la bonne voie et

Dobäi muss een nach bemierken, datt net onbedéngt Wunnraum verluer geet. Well op diverse Plaze Chambres meublées, déi net konform waren, no Aarbechten elo net méi ennerdeelt als eenzel Zëmmeren, mee zukünfteg nees als Appartementer verlount ginn. Dat sinn der insgesamt 22, déi esou geschafgoufen. Déi falen elo net méi an d'Statistik vun de Chambres meublées, mee si droen natierlech och zu Wunnraum-Disponibilitéite bäi.

Enner dem Stréch gesäit een, sief et duerch konform Chambres meublées oder Transformatiounen an Appartementer, datt mer um gudde Wee sinn, fir eng gewësse Qualitéit an de Locatioune sécherzestellen, a vu d'Wunnengsnout, der Ausnotzung vu finanziell schwache Leit vu vereenzelte Besëtzer entgéintzewierken.

Natierlech, wéi d'Gesetz et virgesäit, kucke mer, de Locatairë bei eise Fermeturen ze hëllefen. Bei den uganks erwäanten dräi Fermeturë vun ons, waren 21 Persounen betrafft.

Vu datt mer am Virfeld scho vill mat alle Betraffene kommunizéieren a sur place aktiv sinn, haten der siwe selwer eng nei Wunnléisung bei der Fermeture schonn. An enger Struktur huet de Proprietär selwer déi véier Persounen, déi do gewunnt hunn, relogéiert. Soudatt mir schlussendlech nach zéng Persounen iwwergangsweis an Hotellen ennerbruecht hunn.

D'Gesetz seet jo, datt wann d'Besëtzer oder d'Bedreiwer bei enger Fermeture wéinst Insalubritéit oder Sécherheetsbedenken net selwer eng Léisung fir hir betraffe Locatairen hunn, d'Gemeng dës fir bis zu dräi Méint ka relogéieren an d'Fraise vum Proprietär oder Exploitant zrëckfuerderen. Wat mer natierlech maachen.

Doduerch datt mir a Kontakt mat de verschiddene Bedreiwer vun esou Zëmmeren sinn, gouf versicht, bei deene vir-druck opgezielten, déi sech konform gesat hunn, dës Leit hei ennerzebréngen. Verschiddener fannen awer och selwer eng Léisung oder gi vu sozialen Institutiounen encadréiert. Op jidde Fall, méttlerweil ass kee méi am Hotel. Jiddereen huet eng nei Léisung fonnt. Dat ass d'Resultat vum enke Suivi vun eisem Team vun den Assistant-socialen,

déi mat vill Engagement a Presenz um Terrain schaffen.

Ofschléissend wëll ech alle Concernéierten ee grouse Merci soen. Eise Service logement, déi dëst ëmsetzen a suivéieren an – dat muss dann och erwänt ginn – ganz proaktiv Proprietären oder d'Exploitante beroden, wa se da bereet sinn, déi néideg Aarbechten ze maachen.

Natierlech och dem CGDIS, der Inspection sanitaire, eise Service vivre-ensemble, dem Office social, de Streetworker an och der Compta vun der Gemeng. Well d'Fraisen, déi d'Gemeng heiweinst huet, ginn natierlech, wéi d'Gesetz et virgesäit, vum concernéierte Proprietär an Exploitant zrëckgefuerdert.

Mir gesinn: Et geet net drëms, Géigeparteien ze schafen, mee Hand an Hand eng Situatioun ze verbessern, wou jidderee gewënnt: d'Leit, déi do wunnen, d'Proprietären, déi fair Wunnsituatiounen ubidden, an d'Gemeng, déi hir Verantwortung fir mënschewierdegt Wunnen eescht hält. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Ech ka mech just de Mercie vum Här Hartung uschléissen. Ech war a verschiddene Situatiounen um Terrain dobäi, ech kann Iech just confirméieren, dass et net ëmmer ganz flott Dossiere sinn. An dass ech stolz drop sinn, dass mer als Schäfferot déi Erausforderungen do ugeholl hunn, fir deene Leit ze hëllefen, déi enner prekäre Konditiounen, leider, an deene ganz klengen a schlecht ennerhalene Wunnenge musse wunnen.

Dofir all Respekt fir déi Leit, déi do matupaken. All Respekt. An ech sinn och iwwerzeegt, dass mer do um gudde Wee sinn, dass mer weider Energie do dran investéiere wäerten, fir déi Saach ze berengen.

Da géif ech d'Wuert weiderginn un d'Madamm Charlé, wannechgelift.

1. Communications

SCHÄFFIN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Villmools merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Léif alleguerten heibanen an och Nolauschterer dobaussen, ech géif profitéieren, e puer Informatiounen virunzeginn, awer och Datumen, déi Der Iech eventuell scho kënnt opschreiwen, vu Saachen, déi dëst Joer nach wäerte stattfannen.

An zwar hu mer ee Workshop iwwer d'Theema vun den Decheten. Dëse fënnt statt de 15. November moies vun 9:00 bis 12:00 Auer, wéi gewinnt mat Frühstück an Aktivitéite fir Kanner, fir Elteren hir Kanner wëlle matbréngen.

Dann e Mobilitéitsworkshop den 13. Dezember am Kader vun enger Visitt vum Här Moreno, engem ganz bekannte Paräisser Professor, deen eis méi iwwert d'15-Minutte-Stad wäert erzielen. An deem Kader wäert dann de Workshop oflafen.

Eng Expo, déi heescht „Waste Less“ am Ale Stadhaus vum 19. bis de 26. November. Hei hu mer eng kleng Ouverture den 20. November moies. Do sidd Dir natierlech ganz häerzlech invitéiert, fir bis laanscht ze kommen.

Eng weider Informatioun ass, datt de Wee am Kannerbongert, iwwer dee mer schonn oft geschwat hunn, Richtung Bëschcrèche den 21. an den 22. November wäert frësch gemaach ginn.

Deen Dag ass, mengen ech, och Klappjuegd an der Géigend. Dat heescht, dass d'Kanner d'office schonn net um Site sinn. Wat am Fong ganz gönschteg ass, dass een d'Kanner net nach en zousätzlechen Dag muss do aus der Schoul eraushuelen, well d'Schoul dann eeben net accessibel ass.

Da kommen ech zu enger Fro, déi mer an engem virege Gemengerot gestallt kruten, wat eis Plazunge vu Beem ugeet. Do hu mer eng Zesummerechnung gemaach, natierlech am Kader vun der Gemeng, vum Siconan an och zesumme mam Fierschter, vun alle Planzungen, déi mer gemaach hunn.

Fir d'Joer 2025 komme mer op 893 Beem. Do feelen der also nach 107, fir datt mer et packen. Mee d'Joer ass jo, Gott sei Dank, och nach net eriwuer.

An ech mengen, do wäerten och nach déi eng oder aner Aktiounen kommen.

2024 ware mer op 916 Beem. Do hate mer et esou just net gepackt.

Eng weider Informatioun ass, datt de Foodsharing Point elo definitiv geplënnert ass, dat heescht net méi an der Spuerkeess ass, mee uwen am Medico-Gebai. Deen och elo schonn aktiv ass a wou een och elo scho ka matschaffen. Wann do Leit gewëllt sinn a benevole wëllen hëllefen, kënnt Der Iech ganz gär am Service écologique vun eiser Gemeng mellen.

Da kommen ech zu engem grösseren Punkt betreffend d'Mobilitéit an eiser Gemeng. Wéi warscheinlech deen een oder deen anere scho gemierkt huet, hu mer e Méindeg ugefaange mat enger Testphas an der Hiel, dat heescht d'Lonkecher Strooss erop. Wou elo, ab engem gewëssene Punkt, d'Duerchfaart just nach am Sens unique méiglech ass. Dës Testphas wäert dräi Wochen undauern. Huet elo e Méindeg ugefaangen.

A mir hunn, ënnerhalb den éischten zwee Deeg, wou dat elo uleeft, effektiv scho gemierkt, dass dat, wat d'Zil e bësse war vun dëser Spärung – natierlech net fir de Leit op de Geescht ze goen, mee dee vill ze vill befuerene Rond-point Nidderkuer, dee mer alleguerten kennen, platzt einfach aus allen Néit, wat de Verkéier ugeet. De Rond-point ass ze kleng fir déi vill verschidden Agäng a Sortien. Deementspreechend, wa mer zu gewëssenen Zäiten einfach manner Verkéier do an dee Rond-point drainéieren, gesäit een, datt d'Leit, déi vun deenen aneren Agäng an dee Rond-point kommen, einfach ee bessere Flux hunn.

Natierlech hu mer och bemierkt, dass bis ewell nach net jiddweree sech drun hält, mee ech denken, dass dat awer lues a lues wäert kommen. Datt d'Leit, déi am Zentrum vun Nidderkuer wunnen, och d'Plus-value heira gesinn.

Natierlech sinn déi eng oder déi aner Leit, zemools vu Lasauvage, manner ze fridden, well se dee Wee net méi kennen huelen. Also dat war eis natierlech bewosst, dass dat fir déi net ideal ass.

continuera à investir de l'énergie dans cette cause.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) intervient pour donner plusieurs informations pratiques. Elle annonce un atelier sur les déchets le 15 novembre de 9 h à 12 h avec petit déjeuner et activités pour enfants, un atelier sur la mobilité le 13 décembre avec la visite du professeur Moreno, qui parlera de la ville des 15 minutes, et l'exposition Waste Less, Taste More à l'Aalt Stadhaus du 19 au 26 novembre.

Elle informe que le chemin du Kannerbongert vers la crèche forestière sera refait les 21 et 22 novembre.

Concernant la plantation d'arbres, elle indique que pour 2025, 893 arbres ont été plantés avec encore 107 à planter pour atteindre l'objectif.

Elle annonce que le point de partage alimentaire est définitivement installé dans le centre médicosocial et qu'une phase de test de circulation à sens unique a débuté lundi dans la rue de Longwy pour désengorger le rondpoint de Niederkorn, avec de premiers résultats encourageants malgré quelques infractions. Zenia Charlé explique que des accidents se sont produits récemment au rondpoint et qu'il est nécessaire de réagir pour protéger les enfants qui vont à l'école ainsi que les citoyens habitant le centre de Niederkorn et la rue de Longwy, qui subissent le trafic massif.

Elle annonce qu'une phase de test va commencer dès lundi pour deux semaines, avec une circulation en sens unique dans le centre de Differdange. Cette phase commencera pendant les vacances pour permettre aux gens de s'habituer progressivement au nouveau circuit, avant que la semaine suivante ne reflète davantage la réalité du trafic habituel.

1. Communications

Elle évoque la sécurité des enfants et mentionne le pédibus, qui fonctionne très bien dans le centre. Elle reconnaît que le trottoir est trop étroit pour les besoins actuels. Cette phase de test s'inscrit dans une réflexion à long terme sur l'avenir du centre-ville. Elle souligne les difficultés à attirer et maintenir des commerces à Differdange et pense qu'un sens unique permanent avec des trottoirs élargis, de belles vitrines et des terrasses agréables pour les cafés et restaurants créerait une réelle plus-value pour les citoyens, les commerçants et les enfants. Elle affirme qu'il n'existe probablement pas d'autre solution pour élargir les trottoirs que de ne garder qu'une seule voie de circulation.

Elle précise que ce projet ambitieux ne se réalisera pas immédiatement après la phase de test, mais que celle-ci permettra de recueillir de nombreux enseignements grâce aux comptages effectués. Elle explique que Differdange souffre d'un important trafic de transit, avec des automobilistes qui utilisent simplement la commune pour aller d'un point A à un point B sans s'y arrêter ni rien y consommer.

Les comptages révèlent que près de 90 % des véhicules quittant la rue de Hussigny ne s'arrêtent même pas en ville. Elle rappelle que la liaison Micheville était initialement prévue pour désengorger les communes du sud et faciliter le retour des frontaliers. Elle espère que les automobilistes privilégieront cet itinéraire plutôt que de suivre aveuglément leur GPS ou Waze, qui cherche toujours le trajet le plus court, même si ce n'est que deux minutes de différence, au détriment de la qualité de vie des habitants du centre.

Mir hunn awer, am Géigesaz zu Nidderkuer am Zentrum, ganz vill Leit, déi mat positive Gefiller do erauskommen, well déi Strooss vill, vill méi roueg ass. An d'Sécherheet, zemools moies, wann d'Kanner an d'Schoul ginn, d'äitlech verbessert ginn ass.

Mir hu wëlles, à long terme, zesumme mam Schoulservice, a Richtung Pedibus ze goen. An d'Viraussetzung fir e Pedibus ass emol fir d'éischt, dass d'Stroossen an d'Trottoiren an d'Zebrasträife sécher sinn.

Et ass nach net esou laang hier, datt mer och Accidenter an deem Rondpoint haten.

Also mir musse reagéieren. Mir müssen d'Kanner, déi do an d'Schoul ginn, schützen. A mir müssen och eis Bierger, déi am Zentrum vun Nidderkuer wunnen, an an der Lonkecher Strooss, e bësse schoune virun deem massivem Kaméidi an deem massive Verkéier, dee mer hei hunn.

Déi Testphas soll net just do eleng stoe mat der Hiel. Et ass en Deel am Fong vun enger Testphas, déi och Déifferdeng concernéiert. Dat heescht, mir wäerte vun e Méindeg un, iwwer zwou Wochen, déi grouss Testphas starten, wou mer am Zentrum vun Déifferdeng am Sens unique fueren.

Och dat wäerte mer ufänken an enger Vakanz – net, well dat dann net reell ass, mee einfach, datt d'Leit sech lues a lues kënnen gewinnen un de Circuit. An dann déi Woch drop, wou dann e Koup méi Leit do sinn, no der Vakanz, soll dat dann éischter der Realitéit entsprechen.

Natierlech schwätze mer och hei vun der Sécherheet vun de Kanner. Mir hunn elo de Pedibus, wéi Der vläicht gesinn hutt, deen aktiv ass am Zentrum. Deen ee ganz gudden Erfolleg huet, dee super funktionéiert. Mee och hei musse mer d'Kanner virun der Schoul, virun allem am Déifferdenger Zentrum, schützen. Et ass zwar eng Clôture do, déi mécht, datt kee muss op d'Strooss falen.

Eis ass et jo natierlech all bewosst, dass den Trottoir vill ze schmuel ass fir dat, wat do gebraucht gëtt. An dass mer einfach, à long terme, déi Testphas hei

maache fir Zielungen, awer wa mer an d'Zukunft denken, och eisen Zentrum muss méi hiergi wéi dat, wat en elo ass.

Mir wëssen all, datt mer Probleemer hunn, wat d'Commercen ugeet, déi an Déifferdeng ze kréien. An déi, wou do sinn, dass se iwwerhaupt do bleiwen. A mir denken, dass wann ee laangfristeg ee Sens unique hei hätt, mat schéine breeden Trottoiren, mat uerdentleche Vitrinne vun de Butteker, mat schéinen Terrassen, déi Caféen oder Restauranten hunn, dass mer do wierklech eng grouss Plus-value kéinte schafe fir den Déifferdenger Bierger, d'Commerçanten, d'Kanner.

An et à long terme warscheinlech keng aner Léisung gëtt, fir d'Trottoire méi breet ze maachen, wou da just nach an enger Spuer eeben do gefuer gëtt.

Dat ass natierlech ee grouss Projet, an dat ass och net fir haut an och net fir muer an och net fir déi dräi Wochen no der Testphas. Do kënnen mer jo net direkt lassleeën, mee mir wäerten awer ganz vill Erkenntnisser kënnen erausfannen duerch déi Testphas. Mir maachen natierlech och op alle Plazen Zielungen. Mir hunn elo scho ganz vill Zielunge gemaach, mee mir wäerten awer sécher Verschiddenes kënnen do mathuelen.

Mir hunn einfach als Déifferdenger Gemeng, ech soen emol, e Problem mat ganz vill Duerchgangsverkéier. Leit, déi Déifferdeng einfach just benotzen, fir vun A op B ze kommen an net wierklech stoe bleiwen zu Déifferdeng, näischt consomméieren zu Déifferdeng, näischt vun Déifferdeng iwwerhaupt wëllen, ausser enger Strooss, fir séier virunzekommen.

A mir hu bei deenen Zielungen erausfonnt, dass bal 90 % vun de Leit, déi d'Héisinger Strooss verloossen, bleiwen net emol hei stoen. 90 %, dat ass ganz vill. A viru Joren, wou d'Liaison Micheville geplangt gouf, war d'Iddi hannendrun, fir d'Dierfer, déi mer hei am Süden hunn, e bëssen ze entlaaschten. Dat sollt eng Strooss sinn, déi ville Leit hëlleft, einfach och méi séier heem ze kommen, vun de Frontalieren.

Mir wëllen do natierlech kengem am Fong Steng an de Wee leeën, mee mir hunn awer d'Hoffnung, datt d'Leit de

2. Office social de Differdange

Wee iwwer d'Laision Micheville besser packen. Déi Probleemer, déi mir eeben hunn, ass, ënner anerem, bedénkt do-duerch, dass d'Leit haut just dem Navi oder Waze nofueren.

Waze sicht déi kierzte Weeër. A wann et zwou Minutte méi kuerz ass, fir duerch Déifferdeng ze fueren, dann huelen d'Leit dee Wee, och wann dat zwou Minutte sinn. An am Fong Tonne Leit, déi am Zentrum wunnen, doduerch man-ner Liewensqualitéit hunn.

An ech denken, datt, wa mer dat versichen unzegoen, dass mer et kéinten hikréien. Versiche mer net, et unzegoen, kënne mer et net hikréien. Also och wann et vläicht keen Erfolleg ass, wann et vläicht net klappt, wéi mer eis et erhoffen, dann hu mer awer ee Versuch gemaach. A mir wäerten op jidde Fall, egal wéi et dann ausgeet, och weiderfueren, fir eis ze iwwerleeën, wat déi beschten Optioun hei wär, fir eise Stad-kär ee Schratt no vir ze bréngen.

Wa mer ee Schratt no vir soen, da si mer awer och bei eiser Gare, wou och ganz vill, ech mengen, an de Soziale Medien, awer och d'Leit dobaussen, déi vill den Zuch huelen, ganz onzefridde sinn. A mir sinn do ganz, ganz frou iwwer dee villen Austausch an de leschte Méint mam MMTP, mam Ministère du Transport. Awer och, virun allem, mat der CFL, wou iwwer d'Joren e bësse vläicht eng kleng Funkstille war a man-ner gutt Kommunikatioun war. Wou mer elo säit engem Joer wierklech op-geholl hunn.

A wou mer virun zwou Wochen déi grouss Nouvelle kruten, dass am Joer 2027 de Chantier vun eiser, ech soen, Déifferdenger Gare – mir kruten ëmmer gesot, et wär keng Gare, well eng Gare hätt méi wéi eng Direktioun, dofir ass et am Fong ee Quai –, dass dee Chantier 2027 ugoe wäert. Dëse soll ganz moderniséiert ginn, esou am Genre, wéi mer e vläicht hei vun eiser Uewerkuerer Gare kennen.

Awer och urbanistesche solle mir als Gemeng net vergiessen, eis do unzebannen, mat Gebailechkeeten, mat engem Parking, dee bevirsteet. Dat ass eng grouss Chance, och fir dat, wat ech vir-dru gesot hu mam Sens unique. Wann ee sech virstellt, dass d'Ëffnung fir an Déifferdeng, ënner der Bréck, eventuell

duebel esou grouss kéint ginn an een einfach do eng uerdentlech Plaz hätt, fir an Déifferdeng eranzekommen, da kéint ee sech laangfristeg virstellen, dass een dat als ganzt Konzept dee Moment kéint ëmsetzen.

Net ze vergiessen, dass och do vill Chantier wäert sinn. Wa mer da vläicht souguer vun engem Sens unique, deem d'Leit gewinnt sinn, och kéinte profitéieren, dass mer net am totale Chaos do wäerte sinn.

Dat war et vu menger Säit. Villmools merci fir d'Nolauschteren. Ech ginn d'Wuert virun.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé, fir déi interes-sant Informatiounen.

Ech ka just confirméieren, dass déi Reuniounen, déi mer hate mat deene ver-schiddene Ministère, ganz konstruktiv waren. An dass mer do och eng Forma-tioun haten, dass mer keng Gare hei hätten zu Déifferdeng, mee een Arrêt.

Mee eis ass et egal, wéi mer et nennen, d'Hauptsach ass, mir komme viru mat deem, wéi ech et an der Reunioun ge-nannt hunn, bessere Busarrêt, fir och de Ministère eisen Ausdrock ze bréngen, dass mer an deene leschten zéng Joer, wat d'Mobilitéit an d'CFL ugeet, ëmmer e bëssen als Kordall-Gemenge ver-giess gi sinn. An e bëssen e Stéifkand waren, wéi d'Kollegen aus dem SIKOR dat och ëmmer richteg nennen. Dat hunn ech dann nach eng Kéier zum Ausdrock bruecht.

Doropshin hu mer awer Gehéier fonnt an hu mer och déi Confirmatioun kritt, dass mer vun eise Partner, der CFL an esou virun, do ënner d'Äerm gegräff géife kréien, fir déi Modifika-tiounen zum Wuel vun eise Bierger 2027 unzegoen. Wat eng ganz flott Saach ass a wat eis als Stad immens, immens no vir bréngt.

Dat gesot zu de Kommunikatiounen. Ech mengen, et ware vill Informatiounen, déi Der elo matgedeelt kritt hutt. Da géife mer zum Punkt 2 kommen. Dat géif den Office social begräifen, do-fir géif ech d'Wuert dem Här Hartung

Concernant la gare, elle se réjouit des échanges fructueux avec le ministère des Transports et surtout les CFL après des années de communication difficile. Elle annonce la grande nouvelle reçue il y a deux semaines : le chantier de modernisation de la gare de Differdange commencera en 2027. Cette modernisation sera complète, sur le modèle de la gare d'Oberkorn, avec des aménagements urbanistiques incluant des bâtiments et un parking.

GUY ALTMEISCH (LSAP) confirme que les réunions avec les différents ministères ont été très constructives. Il souligne que Differdange a été négligée ces dix dernières années en matière de mobilité et par les CFL, mais que désormais leurs partenaires les soutiendront pour ces modifications importantes qui commenceront en 2027, ce qui représente une avancée majeure pour la ville.

2. Office social de Differdange

JERRY HARTUNG (CSV) aborde ensuite le décompte de l'office social de 2023, mentionnant que le ministère de l'Intérieur n'a formulé que trois remarques, dont le retard récurrent dans la soumission du bilan, dû à l'attente des documents ministériels nécessaires.

Il présente deux points techniques. Il explique que ces points, de nature technique, ont désormais été corrigés et qu'ils ne devraient plus faire l'objet de remarques l'année prochaine. Le premier concerne la comptabilisation d'un élément sur un autre article, et le second porte sur la nécessité d'inscrire le CET excédentaire comme dépense dans le budget. Il précise que les rapports montrent que ces ajustements ont été correctement effectués et demande au conseil d'approuver les comptes de l'office social pour l'année 2023.
(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) redonne la parole à monsieur Hartung pour présenter le budget rectifié et le budget initial.

JERRY HARTUNG (CSV) poursuit en présentant le premier budget pour 2026, celui de l'office social, soulignant que cette fois-ci, ils respectent les délais. Il affirme que le domaine social reste une priorité absolue pour la commune, avec la volonté que chaque citoyen puisse bénéficier d'un soutien adapté lorsque la situation l'exige.

Il décrit l'office social comme un pilier pour les citoyens confrontés à des situations difficiles et comme un partenaire pour ceux qui ont besoin d'aide ou d'orientation, temporairement ou sur une plus longue période. Il insiste sur l'importance de maintenir et renforcer l'autonomie des clients au premier plan.

L'échevin mentionne d'autres mesures nécessaires, citant des projets comme les travailleurs de rue, l'Outreach avec la maison des jeunes, Youth & Work, et l'épicerie sociale, qui déménagera dans des locaux plus grands pour proposer également des vêtements de seconde main. Il évoque aussi les nombreuses actions en matière de logement pour aider les personnes en situation de précarité. Cependant, il

viruginn, fir eis d'Detailer zu de Punkten 2a) an 2b) ze liwweren. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Villmools merci, Här Buergermeeschter. Ech fänken u mam Dekont vum Office social vun 2023.

Den Intérieur hat a sengem Rapport de vérification just dräi Remarken. Eng, dat ass jo e bëssen esou „alle Jahre wieder“ an zwar, datt och dëse Bilan ze spët erageschéckt gouf. Mee dat läit jo dorun, datt si mussen op d'Piécë vun hirem Ministère waarden. An och de Ministère muss ee propperen Ofschloss jo virhuelen, wat, verständlecherweis, Zäit hëlt. An da läit ee schonn no dësem Delai. Deemno ass et onméiglech fir den Office social vun Déifferdeng, matzäiten ee Bilan ofzeginn. Ausser Zäitreese ginn erfonnt.

Deemno wäerte mer d'nächst Joer nees déi Remark kréien. Dat weess och jiddereen. Mee esou huet jidderee seng Aarbecht da korrekt gemaach.

Déi aner zwee Punkten, déi si méi technescher Natur. Dir gesitt an de Rapporten, datt déi mëttlerweil behuewe sinn, déi zwee Punkten. Do dierfte mer dann d'nächst Joer heizou keng Remark méi kréien. Dat eent, datt een eppes op engem aneren Artikel soll comptabiliséieren, an zum aneren, datt den opstoende CET am Budget muss als Depense verbucht ginn.

Wéi gesot, am Dossier gesitt Der, datt dëst elo richtig ugepasst gouf. Ech bieden Iech, de Kont vum Office social vum Joer 2023 esou guttzeheeschen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Wuertmeldungen zu deem Punkt, soss géife mer zum Vott kommen?

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le compte de l'exercice 2023 de l'office social de Differdange.

Ech soen Iech Merci. Da géif ech nach eng Kéier d'Wuert un den Här Hartung ginn, fir eis de Punkt 2b), de Budget rectifié an de Budget initial virzedroen. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Wann ech dat richtig am Kapp hunn, hu mer hei deen éischte Budget fir 2026, an zwar dee vum Office social. Do si se jo dann dës Kéier gutt am Delai, wann ech op de virege Punkt kann uschléissen. De soziale Beräich, dee bleift fir eis ganz kloer eng Prioritéit. Mir wëllen, datt jidderee kann op eng passend Ënnerstëtzung zrëckgräifen, wann d'Situatioun et verlaangt.

Den Office social ass eng Stäip fir eis Bierger, déi a schwéier Situatiounen geroden, an eeben ee Partner fir si. Fir déi, déi op Zäit oder och méi laang eng Hëllef oder eng Orientatioun brauchen. A munche Fäll gesäit een, wéi séier et ka goen. An da sinn d'Leit frou, datt se esou kënnen opgefaange ginn. Natierlech muss d'Autonomie vun de Clienten ëmmer am Vierdergrond stoen a gestärkt ginn.

Et brauch och ganz kloer aner Moosnamen. Do hu mer jo, beispillsweis, Projete wéi d'Streetworker, den Outreach mam Jugendhaus, Youth & Work, d'Épicerie sociale, déi elo an d'Wierkstrooss an ee méi grousst Lokal geplënnert ass, fir dann och Secondhand-Kleeder unzebidden. An och punkto Logement maache mer jo vill, fir eeben de Leit an der Prekaritéit ze hëllefen.

Awer et gött och Situatiounen, wou d'Leit direkt finanziell ënnerstëtzt mussen ginn, an do kënn dann den Office social an d'Spill.

Dir gesitt déi komplett Liasse op der Cloud, mat de verschiddene Montanten. D'Aiden, besonnesch an de Liebensmëttel, bleiwe mat 150.000 Euro konstant héich. Déi am medezinesche

2. Office social de Differdange

Beräich klamme souguer liicht, sief et, fir bei den Dokteschrechnungen oder de Medikamenter an der Apdikt eppes bäigeluecht ze kréien oder bezuelt ze kréien.

Zum Verständnis: Do muss ee wëssen, datt dës déi éischt Hëllef sinn, déi d'Leit kréien, wat dann och erklärt, datt dës esou héich sinn an déi aner, wou ee sech elo och méi géif erwaarden, zum Gléck, net esou héich ausfallen.

Zum Beispill d'Loyere leie bei 20.000 Euro, d'Garantie de loyer bei 2.000 Euro. Well eeben, wéi erklärt, d'Leit jo ee gewëssene finanzielle Montant selwer hunn, wouvu si da fir d'éischt sollen hir Fixkäschten, wéi de Loyer, selwer tätigen. An eeben, wann et fir d'Liewensmëttel oder de medezinesche Beräich oder anere Besoinen net méi duerget, se da gehollef kréie vum Office social.

Ech ginn elo net weider op déi aner Zuelen an. Dir hutt jo alles am Detail am Budget op der Cloud. Den Här Muller wäert als President vum Office social, esou hu mer et emol ofgemaach, aner Zuelen ervirhiewen. Ech wëll awer nach deem ganze Personal vum Office social an hirem Verwaltungsrot fir hiert Engagement an hiren Asaz villmools Merci soen. Well si erfëllen eng ganz wichteg Aufgab, fir datt d'Hëllef gerecht bei all deenen ukommen, déi se néideg hunn. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Schäffchen- a Gemengerot, léif Nolauschterer, ech soen dem Här Hartung Merci fir déi Introduktioun vum Budget vum Office social 2025-2026.

Dës Budget ass bekanntlech een Zuelespill, awer hannendru verstoppe sech eng ganz Partie Initiativen, administrativ Aarbecht, awer och Schicksalsschlei vu Persounen a Familljen.

D'Aarbecht vum Office social, der Administration an dem Conseil d'administration besteet doranner, déi manerbemëttelt oder déi Leit, déi duerch Schicksalsschlei wéi Krankheet, Stierfall, dem Verloscht vun der Aarbecht, Scheedung an esou weider, an Nout gerode sinn, ze hëllefen. Dat op der Basis vun enger Enquête sociale.

Déi meeschte finanziell Ënnerstëtzunge geschéien a Form vun enger Avance, déi monatlech iwwer ee vertriebbare Betrag, jee no Akommes vum Menage, zrëckbezuelt gëtt.

Och ass et eng wichteg Missioun vun eise Sozialassistentinnen an -assistenten, de Leit ze hëllefen, duerch verschidden Demarchen, fir aus der momentaner mësslecher Situatioun erëm erauszekommen.

Ech wëll dann awer och op e puer Eckdaten a Montante vum Budget agoen.

Zu Ärem Verständnis, wann Der vläicht op der Cloud de Budget hutt – et ass och iwwregens dee leschten, deen e Méindeg do publizéiert ginn ass, dee maassgebend ass. Deen ass och ënnerschriwwen a votéiert ginn am Conseil d'administration vum Office social.

Et muss ee wëssen, zum Verständnis, wann Der déi Daten an Zukunft kucke gitt, dass et do verschidde Kapitele gëtt. An déi Kapiteln, mir nenne se intern Konventiounen, déi spigelen de Charakter erëm vun den Depensen oder Recetten, ëm déi et sech handelt.

Do ass zum Beispill d'Konventioun 0, dat gesäit een ëmmer an der Hauptnummer vun deem eenzelnen Titre. 0 ass 50/50 Participatioun Gemeng a Ministère de Famille, MiFa.

D'Konventioun 1 ass dat, wat 100 % vun der Gemeng ufält. Dozou gehéiert de Projet social, do komme mer nach drop. Dat heescht déi Suen, déi mer vun der Oeuvre kréien, fir dann a Projeten anzesetzen, déi fält direkt ënner d'Gemeng. An och ënner Gemeng fält d'Personal, zum Beispill, wat nëmmen iwwer d'Gemeng finanzéiert gëtt, oder Prestatiounen wéi, zum Beispill, d'Allocation de solidarité, déi iwwer den Office social ofgewéckelt gëtt, an awer d'Gemeng d'Personalkäschten dovun iwwerhëlt.

reconnait que certaines situations nécessitent un soutien financier direct, et c'est là qu'intervient l'office social.

Jerry Hartung détaille les montants budgétaires : les aides alimentaires restent élevées et constantes à 150 000 €, tandis que les aides médicales augmentent légèrement, qu'il s'agisse de participation aux frais médicaux ou aux médicaments en pharmacie. Il explique que ces aides constituent les premiers secours accordés aux personnes, ce qui justifie leur importance, tandis que d'autres postes, comme les loyers à 20 000 € et les garanties locatives à 2000 €, sont moins élevés, car les bénéficiaires doivent d'abord utiliser leurs propres ressources pour leurs charges fixes.

Il conclut en remerciant la personnel de l'office social et son conseil d'administration pour leur engagement.

ERNY MULLER (LSAP) explique que derrière les chiffres du budget se cachent de nombreuses initiatives, du travail administratif et des destins personnels. Il décrit la mission de l'office social, qui consiste à aider les personnes démunies ou victimes de coups du sort, comme la maladie, le décès, la perte d'emploi ou le divorce. La plupart des aides financières sont accordées sous forme d'avances remboursables mensuellement selon les revenus du ménage.

Il détaille ensuite la structure du budget avec ses différentes conventions et les montants des recettes et dépenses prévues. Il explique que les avances sont essentiellement des sommes qui restent dues, mais qui sont régulièrement remboursées par les clients, ou plutôt les prestataires qui en bénéficient. Il précise qu'ils examinent désormais régulièrement ce compte pour identifier qui ne rembourse pas et en comprendre les raisons. Lorsqu'il s'agit de personnes décédées ou de personnes introuvables, qui ne vivent plus dans le pays, ils procèdent à une régularisation par des décharges. Cette démarche permet que la somme indiquée corresponde de plus en plus à la réalité. Ils envoient également des rappels

2. Office social de Differdange

pour exercer une certaine pression sur les personnes qui, même si elles traversent probablement des difficultés, doivent être traitées équitablement. Tout individu ayant contracté une dette est tenu de la régler.

Il présente ensuite des chiffres intéressants : les avances aux créations diverses s'élèvent à 530 000 €. La somme des bénéficiaires représente 250 000 € par an que l'office social met à disposition comme avances. La CNS rembourse 150 000 € pour les factures payées par l'office social.

Cent-mille euros rentrent à travers les recettes, notamment les allocations familiales, toujours avec l'accord des personnes concernées. Erny Muller exprime personnellement ses réticences à ce sujet et indique avoir déjà tenté de proposer des solutions de rechange. Il souligne qu'ils essaient toujours de lier les obligations à quelque chose, permettant ainsi aux gens de rembourser.

Un autre poste particulier représente 920 000 € au budget. Cette somme n'appartient pas vraiment à l'office, mais correspond aux cas où les salaires sont directement versés à l'office social, qui assure ensuite la gestion financière du ménage. Cette situation concerne les personnes qui ne parviennent pas à gérer leur budget personnel. Dans ces cas, il s'avère parfois préférable, toujours en accord mutuel, de confier l'intégralité de la gestion à l'office social. Vingt-cinq personnes sont concernées dans la commune.

D'Konventioun 3 ass 100 % MiFa. D'Konventioun 4, do kënn den anere grouse Partner vum Office social mat an d'Spill, dat ass den ONIS. Iwwer d'ARIS hu mer de Patronat, dat ass den Office national de l'inclusion sociale.

An dann hu mer nach eng aner Konventioun, ënner 7, dat ass TPS. Dat ass dat, wat vum Ministère de la Santé erakënn iwwer Tiers payant social.

Also mir hunn, wéi Der gesinn hutt, am Budget ordinaire Recetten an enger Héichtenuerdnung vu 6.313.000 Euro fir d'Joer 2026. 2025 waren dat 6.122.000 Euro. Dat heescht, d'Joer si mer ronn 190.000 Euro méi héich.

D'Depensen, selbstverständlech mam selwechte Montant, well hei ass dat allkéiers ugestriift, dass dee Budget um Enn vum Exercice am Equilibre soll sinn.

Mir fänke mat de Recetten un. Hei wär et besser, et géif een d'Depensé fir d'éischt kucken, da weess een, wat een als Recettë brauch, fir déi ze equilibréieren. Ech fänken awer mat de Recetten un, well wa mer chronologesch an den Dokumenter elo virginn, da fannt Der Iech besser erëm.

Den éischte Montant, direkt am Ufank, Recettes restant à recouvrer des exercices antérieurs, ass een interessante Posten. Dat hu mer elo nei och bäigesat. Dat ass am Fong déi Zomm op den 31.12.2024: 1.114.265 Euro. An zwar sinn dat déi Avancen, déi all déi Exercicë virdrun un d'Beneficiairen ausbezuelet gi sinn, déi da monatlech zrëckbezuelet ginn.

Et ass am Fong, wéi ee seet, eng Zomm, déi aussteet an déi awer erëm regelméisseg zrëckbezuelet gëtt vu Clienten – net Clienten, mee Prestataire, géif ech emol soen –, déi dovun profitéieren. An déi kucke mer dann – hei mussen mer soen, dass mer dee Kont elo neierdengs regelméisseg kucken, an da versichen erauszefannen, wien net zrëckbezil. An da kucken, aus wat fir enger Ursaach dat ass.

Wann dat zum Beispill ass, well d'Leit verstuerwe sinn oder et Leit sinn, déi mer net méi erëmfannen, déi iwwerhaupt net méi am Land wunnen, da maache mer do eng Berengegung iwwer

Dechargen. Soudass mer déi Zomm berengegen. Soudass déi Zomm, déi do steet, ëmmer méi korrekt un d'Realitéit erukënn.

A mer och do, wann net bezuelet gëtt, Rappelle schécken, fir e bësse méi Drock auszeüben op déi Leit. Déi et jo warscheinlech net einfach hunn, mee mir wëllen awer och, dass do ee wéi deen anere behandelt gëtt – muss ginn. Jiddwereen, deen eng Obligatioun agaangen ass, muss déi och zrëckbezuelen.

Dann hu mer aner interessant Chiffren, dat sinn d'Avancen un d'Créanciers divers. Dat si 530.000 Euro. An do ass déi Zomm vun de Bénéficiaires, dat mécht pro Joer 250.000 Euro aus, déi mer als Avancen de Leit zur Verfügung stellen. Vun der CNS kréie mer 150.000 Euro erëm, vu Rechnungen, Facturen déi vum Office social bezuelet gi sinn.

100.000 Euro huele mer eran iwwer Recetten iwwer d'Kannergeld. Dat gëtt ëmmer mam Accord vun de Leit gemaach. Ech perséinlech sinn do guer net waarm. Ech hunn och scho probéiert, fir ze froen, ob mer dat net kënnen anescht maachen. Et muss ee soen, mir versichen ëmmer déi Obligatiounen un eppes ze bannen. Dat heescht, dass d'Leit se och kënnen zrëckbezuelen. A mat hirem Accord gëtt da gesot, mir maachen et dann iwwer dësen oder dee Wee.

Een anere Posten, dat ass och speziell, 920.000 Euro hu mer am Budget, déi eis am Fong net sinn. Mee wou d'Pai vun de Leit am Ufank vum Mount direkt op den Office social geet. An den Office social dann d'Gestioun, déi finanziell Gestioun vun deem Menage mécht.

Dat kënn an esou Fäll vir, wou d'Leit net eens gi mat hirer perséinlecher Gestioun vun hirem Budget. An da stellt sech op eemol eraus, dass et vläicht besser wär, och erëm am géigesäitegen Accord, fir déi Leit dann déi ganz Gestioun iwwer den Office social ze maachen. Dat si 25 Persounen, déi hei an der Gemeng concernéiert sinn.

Ee grouse Chiffer ass d'Participatioun um Defizit, d'Participatioun 50 % MiFa a 50 % Administration commu-

2. Office social de Differdange

nale, d’Gemeng. Dat sinn zweemol 1.331.000 Euro, also zesummen 2.662.000 Euro. Dat sinn am Fong déi Suen, déi net couvériert sinn am Budget. An zwar sinn dat d’Personalkäschten, Käschten duerch Loyeren, Käschten duerch Secoursen, dat heescht Saachen, déi bezuelt ginn an déi net recuperéiert ginn.

Am Endeffekt, gesitt Der, vun deene 6.300.000 sinn dat 2.662.000, dat sinn déi reell Gelder, déi öffentlich bäigesteiert ginn, fir de Budget am Equiliber ze halen. All déi aner kommen iwwer iergendeen anere Wee erëm eran.

Ee weidere grouss Chiffer ass d’Dotatioun vun der Lotterie Nationale Grande-Duchesse Charlotte, 420.000 Euro – elo nach – pro Joer. Eng grouss Hëllef. Mee, wéi gesot, déi musse geholl ginn, fir Projets spéciaux d’envergure sociale ze maachen.

An dann den ONIS, eng aner Administratioun vum Office social. Den Office social gëtt jo gëstert vun 13 Leit, déi direkt am Office social sinn, fënnef an der Administratioun, aacht Sozialaarbechter an -aarbechterinnen. An den ONIS huet fënnef Leit Personal. Dat heescht iwwer d’ARIS hunn déi fënnef Agents régionaux pour l’inclusion sociale. Do hu mer da fënnef Leit. An dat ass 1.116.000.

A wa mer dat elo alles zesummerechen, wat ech Iech elo gesot hunn, da komme mer op sechs Milliounen vun deene 6.313.000 Euro. Esou gesi mer, wéi de Budget strukturéiert ass a wéi e sech am Equiliber hält.

An dann zu den Depensen. Hei wëll ech e bëssen op d’Prestatiounen agoen. Ënner Avances fanne mer all déi Montanten erëm, déi mer virdru bei de Recettes remboursables schonn opgeléicht hunn.

Mee gi mer nach op e puer spezieller an. Dat ass den TPS, à récupérer par la CNS, Caisse nationale de Santé: 100.000 Euro. Firwat den TPS? Den TPS huet fir d’Leit eng Partie Virdeeler. Ech mengen, Leit, déi finanziell scho schlecht situéiert sinn an déi ganz grouss Probleemer mat der Gesondheet hunn, dat gi ganz héich Käschten. A mir wëssen, dass och elo nach net iwwerall den Tiers payant eng Realitéit

ass bei den Dokteren. Mir sinn nach wäit dovun ewech. Et geet ëmmer besser, mee et ass awer nach net de Fall.

(Ënnerbriechung)

Fir jiddwereen.

(Ënnerbriechung)

Dann ass dat jo scho mol eng gutt Nouvelle. Dat heescht, den 1. Januar gëtt dat dann definitiv agefouert.

Domat ass awer den TPS nach net vum Dësch fir eis, well dat eng Partie Virdeeler huet. Well da brauchen d’Leit och net hir Part patient ze iwwerhuelen. A mir hunn am Fong kee Verloscht, well dee ganze Montant kréie mer vum Ministère de la Famille rembourséiert. Do fir hu mer all Interêt, mir fueren et virun, am Interêt vun de Leit. A mir sinn net perdant, mir ginn d’Suen aus a mir kréie se 1:1 erëm eran.

Dann d’Secours an Aides aux personnes dans le besoin. Ech mengen, déi heefegst – net déi heefegst, mee déi dramatescht Fäll, sinn déi Décharges non-remboursables an, dat huet den Här Hartung scho gesot, non-récupérable. Dat ass ee Montant vun 100.000 Euro. Mir hunn am Kader médical 55.000 Euro, Pharmacie 90.000. Awer och Energiekäschten. Do ass un der Spëtzt d’Electricité, also d’Elektresch-Rechnungen, déi net kënne rembourséiert ginn, fir 15.000 Euro. Dat ass drastesch eropgaangen. Dat war virdru zirka 5.000, dat ass elo op 15.000 Euro.

Dir hat dat scho gesot, Här Hartung. An dann hutt Der och nach een anere Punkt erwänt, dat ass de Logement. An do sinn hei bei de Secoursen, wéi gesot, Loyer 20.000 Euro a Garantie de loyer 2.000 Euro.

Et muss een awer bemierken, dass de Secours Loyer a Kautiounen fir eng Wunneng e Sujet ass, woumat sech den Office social praktesch all Sitzung beschäftegt – an net nëmme mat engem Fall. Dat ass déi lescht Zäit bedeitend an d’Luucht gaangen. An d’Ursach dovun ass am Fong déi, wat den Här Hartung eis gesot huet, wéi en iwwer d’Wunnengen, iwwer eis Chambres meublées geschwat huet.

Concernant la participation au déficit, répartie à 50 % entre le ministère de la Famille et l’administration communale, le montant s’élève à deux fois 1 331 000 €, soit 2 662 000 € au total. Il s’agit des sommes non couvertes au budget, notamment les frais de personnel, les loyers et les secours non récupérés. Sur les 6 300 000 €, 2 662 000 € représentent les fonds publics réellement contribués pour maintenir l’équilibre budgétaire. Les autres montants rentrent par d’autres voies.

La dotation de la Loterie nationale grande-duchesse Charlotte représente 420 000 € annuels, une aide importante destinée aux projets spéciaux d’envergure sociale.

L’ONIS emploie cinq personnes pour le REVIS, ce qui représente un montant de 1 116 000 €.

Concernant les dépenses et prestations, Erny Muller aborde le TPS à récupérer par la CNS (100 000 €), soulignant ses avantages pour les personnes en difficulté financière ayant des problèmes de santé importants. Même si le tiers payant n’est pas encore généralisé chez tous les médecins, l’office social avance ces frais et se fait rembourser intégralement par le ministère de la Famille.

Les secours non remboursables représentent 100 000 €, incluant 55 000 € pour le domaine médical et 15 000 € pour les factures d’électricité impayées, montant drastiquement augmenté depuis les 5 000 € précédents. Les secours au logement comprennent 20 000 € pour les loyers et 2 000 € pour les garanties locatives. Erny Muller souligne que ce problème occupe l’office social à pratiquement chaque séance, avec plusieurs cas traités simultanément et une augmentation significative récente.

2. Office social de Differdange

Il précise que les secours pour frais d'alimentation s'élèvent à 150 000 €, correspondant à environ 800 bons destinés principalement à l'épicerie sociale. Ce montant constitue une valeur indicative, car l'aide peut également s'étendre aux supermarchés locaux de la commune.

Il détaille ensuite le tiers payant social, qui représente 100 000 €. Concernant les projets sociaux, le projet CollecDiff dispose d'un budget de 600 000 € pour 2025 et 2026, marquant une augmentation significative par rapport aux 450 000 € précédents. Cette hausse s'explique par le recrutement d'un agent supplémentaire, ce qui porte l'équipe à quatre travailleurs de rue en collaboration avec HUT. Il souligne l'importance de ce montant substantiel tout en rappelant que ce projet constitue un pilier préventif essentiel du Plan local de sécurité, fonctionnant en étroite collaboration avec le département du vivre-ensemble.

Erny Muller poursuit en mentionnant l'Office national d'inclusion sociale avec un budget de 1 116 609 € couvrant les frais de personnel de l'ARIS, le loyer et autres frais de fonctionnement. Il insiste sur l'importance du travail effectué par l'ARIS, qui fait partie de l'office social, et qui aide les personnes sans revenu n'étant plus admissibles au chômage.

Il évoque la situation dramatique de ceux qui se retrouvent sans revenus pendant plusieurs mois, rappelant que peu disposent de réserves suffisantes. L'ARIS réagit promptement en distribuant le REVIS et en favorisant la réintégration professionnelle grâce à des projets communautaires utiles, offrant ainsi aux bénéficiaires la possibilité de recouvrer leur dignité et leur autonomie.

D'Chambres meublées, dat ass wuel richteg, dass d'Leit sech vill beméien, an dass se sech vill engagéieren, fir een anert Zëmmer ze fannen. Mee wa se da gewuer ginn, dass se mussen zwee Loyer als Avance bezuelen, een hallwe Loyer als Kommissioun an nach hiren éischte Loyer vum Mount, da si se um Enn. An da komme se bei eis. An dann hëllef mer. Ech kann Iech soen, et sinn der vill.

Mir kréien zwar déi Fäll do regléiert. Firwat? Majo, well mer dann de Leit dat iwwer de System vun den Avancé virstrecken. Mir kucken zwar allkéiers – dat ass wichtig – ganz genee: Ass dat esou? Ass déi Situatioun esou vun deem Menage, dass déi Leit dat do net selwer kënnen stemmen? An da maache mer et nom Prinzip: Si kréien eng Avance. An dann duerno, iwwer eng adequat Zomm, mensuell, déi net ganz héich ass, mee iwwer Joren awer erëm erakënnt.

Fir Iech ze soen, fir fir esou een Zëmmer, en einfacht Eenzelzëmmer een neie Contrat de bail ze maachen, dat kascht 3.500 Euro fir déi Leit. A bis 5.000 Euro kann dat kaschten. Allerdéngs, wéi gesot, dat ass da remboursable. A ganz seltene Fäll iwwer Secoursen. An dat sinn déi Chifferen, wou den Här Hartung gesot huet, dat si ganz seele Fäll.

Spéitstens bei dësem Punkt kënnen mer erkennen, wéi schlecht eng Partie Leit dru sinn. Et handelt sech ëm d'Secours fir Frais d'alimentation, dat sinn déi 150.000 Euro, Bonge fir an d'Épicerie sociale. Am Total sinn dat 800 Bonge fir 150.000 Euro. Dat ass ee Richtwäert. Well et muss jo net nëmmen d'Épicerie sociale sinn, et kann och an anere Fäll mol och eis Supermarché sinn, déi mer hei an der Gemeng hunn. Déi kennen och do mat an d'Spill kommen.

Den Tiers payant social sinn 100.000 Euro, dat hate mer jo scho gesot. An dann ënner Secours Projets sociaux, eise Projet Collec'Diff: 600.000 Euro am Budget 2025, an och nach 2026. Dir gesitt, wéi wäit deen eropgaangen ass. Do ware mer bei 450.000, do hu mer ee méi agestallt, mir sinn elo bei véier Streetworker mat HUT.

An duerfir si mer elo op 600.000 Euro. Wat awer schonn eng stattlech Zomm ass, géif ech soen. Bon, et ass wichtig. Et ass ee vun de preventive Pilieren am Kader vum PLS, dat wësst Der, dem Plan local de sécurité, ee wichtige preventive Pilier. An ech muss och soen, dass de Projet ganz gutt funktionéiert a ganz enker Zesummenaarbecht mat dem Service vivre-ensemble.

Ee weidere Posten un der Säit vun den Dépenses ordinaires ass den ONIS, Office national d'inclusion sociale, hat ech och scho gesot. Dat sinn 1.116.609 Euro, mee et si Käscht fir d'Personal vun der ARIS an de Loyer an aner Frais de fonctionnement.

Nach eng Kéier, muss ech soen, dass d'ARIS, déi jo Bestanddeel ass vum Office social, eng immens wichtig Aarbecht mécht, de Leit hëllef, déi kee Revenu méi hunn, déi net méi ënner de Regime vum Chômage falen an dann op eemol an ee ganz déift Lach falen. Well stellt Iech emol vir, Dir hätt alleguer een, zwee, dräi Méint kee Revenu méi, wou Der dann alleguer dru wäert – mir alleguer hei dann dru wäeren an eisem Budget. Well déi Reserven hunn déi allerwéinegst.

An déi kréien dann direkt gehollef an esou schnell wéi méiglech gëtt versicht, deenen de Revis auszebezuelen. An net nëmmen dat eleng, well d'Mënschewërd ass och, dass ee gär schaffe geet an och sech dat verdéngt, wat ee kritt. An dat ass dann eis Aktivitéiten, dass déi Leit erëm an en Aarbechtsprozess erakommen iwwer déi sougenannten TUC, dat heescht Travaux d'utilité commun. An dat mécht och d'ARIS, dat sinn eis Agents régionaux d'inclusion sociale.

Ee leschte Punkt, elo hu mer et gläich gepackt, mir gesinn am Tablo, dass mer am Service extraordinaire e Mali hu vun 149.366 Euro. Mer kommen elo bei den Extraordinär, dofir geet eis Reserv aus der Dotation extraordinaire Lotterie nationale, déi jo bekanntlech fir speziell Projekte virgesinn ass, vun 2.241.000 erof. Dat heescht, mir brauchen am Fong déi Reserv, mee déi ass jo och net do fir opgestockt ze ginn, déi ass do, fir verbraucht ze ginn. Natierlech wëll ech drun erënneren, wéi ech schonn ëfters gesot hunn, déi ass eng Attributioun fir ee Projet social.

2. Office social de Differdange

Ofschléissend wëll ech allen ee grouse Merci soen, déi sech fir d'Cause vun deene Leit an eiser Gesellschaft asetzen, deenen et net esou gutt geet. Un éischter Stell eiser Administratioun vum Office social, mat eisem neie Chargé de direction, Sacha Breuer, deen elo just no engem Joer definitiv agestallt gëtt. An all senge Mataarbechterinnen a Mataarbechter, awer och den Damme vun der ARIS.

Ee spezielle Merci dem Nico Ceravolo, deen de Budget opgestallt huet. Net zescht ee grouse Merci u meng Kollegeinnen a Kollegen aus dem Conseil d'administration fir hiren Asaz. Merci dem Receveur vun der Gemeng, dem Sven Zahles a sengem Adjoint, dem Francesco Borgia, fir hir Ënnerstëtzung. Well déi hu bis elo déi Exekutioun gemaach vun de Paiementer, an och de Suivi, op deem Niveau, wat alles bezuelt ginn ass. Merci dem Sozialschafferen, dem Jerry Hartung an dem Service vivre-ensemble mam Catia Pereira fir déi gutt Zesummenaarbecht.

Ech wär frou, wann Der eis dëse Budget kéint stëmmen a soe Merci fir Är Gedold.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller, fir dës Erklärungen. D'Wuert geet un den Här Cillien, wannechgelift.

ERIC CILLIEN (DP):

Gudde Moien, Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, mir begreissen déi wichteg Aufgab, déi d'Ekip vum Office social mécht an enger Zäit, wou d'Besoinen vun eise Biergerinnen a Bierger, déi Schwieeregkeeten hunn, déi zwee Enner um Schluss vum Mount beieneen ze kréien, ëmmer méi grouss ginn.

D'Hëllef fir déi, déi se am meeschte brauchen, ass zënter 2024 ëm ronn 850.000 Euro geklommen. Dat weist engersäits den Effort vun eiser Solidaritéit, mee och déi sozial Realitéit, déi mer musse meeschten.

D'Ekippen aus dem Office social sueren dagdeeglech dofir, datt dës Hëllef

wierklech bei deene Leit ukënnt, déi se wierklech brauchen, an datt d'Mëttel seriö an transparent verwalt ginn.

Ee grouse Merci all deenen, déi un dësem Budget matgeschafft hunn, an un d'Ekip vum Office social fir hiren deeglechen Asaz am Déngscht vun eise Bierger, déi op dës Hëllef ugewise sinn.

D'Demokratesch Partei wäert de Budget rectifié an de Budget initial vum Office social matstëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Cillien. D'Madamm Schütz, wannechgelift.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moien hei am Sall an och dobaussen eisen Nolauschterer. Här Muller, Dir hutt eis wierklech de Budget ganz detailléiert virgestallt.

Ech ka mech just de Wieder uschléissen, déi scho gesot gi sinn, dass et ee wichteg Organ ass. Ech drécken och ee grouse Merci un déi ganz Ekippen aus, well et si jo e ganze Koup verschidden Ekippen, a vill Leit, déi do mat dra schaffen, souwuel um Budget wéi och un der Ausféierung vun hirem Alldagsjob, déi d'Leit betreien. Mir wäerten natierlech hei och mat Jo stëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Schütz. Madamm Ceman, wannechgelift.

EMINA CEMAN (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Léif Kollegeinnen a Kollegen aus dem Schaffen- a Gemengerot, ech wëll fir d'éischt emol dem Här Hartung an dem Här Muller Merci fir all déi Explikatiounen soen.

Mir schwätzen haut iwwer de Budget vum Office social vun der Stad Déifferdeng fir d'Joer 2026. Op den éischte

Concernant le service extraordinaire, il signale un déficit de 149 366 €, compensé par la réserve de la dotation extraordinaire de la Loterie nationale qui diminue de 2 241 000 €. Il précise que cette réserve est destinée à être consommée pour des projets sociaux spécifiques. Il conclut en remerciant chaleureusement tous ceux qui s'engagent pour les plus démunis, notamment l'administration de l'office social avec le nouveau directeur Sacha Breuer, l'équipe de l'ARIS, Nico Ceravolo, pour l'élaboration du budget, le receveur communal et son adjoint, ainsi que l'échevin social Jerry Hartung et le département du vivre-ensemble.

ERIC CILLIEN (DP) salue le travail essentiel de l'équipe de l'office social dans un contexte où les besoins des citoyens en difficulté augmentent. Il note l'augmentation de 850 000 € de l'aide depuis 2024, reflétant à la fois l'effort de solidarité et la réalité sociale à affronter. Il remercie les équipes et annonce que le Parti démocratique votera en faveur du budget.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG) remercie monsieur Muller pour sa présentation détaillée et souligne l'importance de cet organe. Elle exprime sa gratitude envers toutes les équipes impliquées et confirme son vote favorable.

EMINA CEMAN (CSV) remercie les intervenants et note que ce budget 2026 ressemble au précédent tout en soulignant certains points importants.

2. Office social de Differdange

Elle relève l'augmentation du budget des bons alimentaires, révélateur des difficultés croissantes des citoyens. Elle mentionne également les frais médicaux pris en charge et justifie l'augmentation des salaires des travailleurs sociaux par la complexité de leur mission.

Emina Ceman souligne le travail important et considérable que réalise l'office social de la ville. Elle explique que cet organisme accueille des personnes qui, sans lui, n'auraient ni voix ni chance. Au nom du CSV de Differdange, elle remercie toute l'équipe de l'office social pour son engagement, son professionnalisme et son dévouement. Elle affirme que son parti soutient ce budget, car il est nécessaire pour que ce travail puisse se poursuivre à l'avenir.

Gary Diderich (déi Lénk) remercie monsieur Muller pour ses explications et reconnaît que l'office social effectue un travail très important, même s'il pense que, dans l'idéal, ce travail ne devrait pas être nécessaire.

Il constate malheureusement que la réalité évolue dans la mauvaise direction. Au cours des dernières années, le Luxembourg est devenu le plus mauvais élève concernant le taux de travailleurs pauvres, atteignant 14,7 % de personnes qui travaillent, mais vivent dans la pauvreté, dépassant même la Roumanie, qui occupait longtemps la première place.

Gary Diderich contredit fermement l'image selon laquelle les personnes se rendant à l'office social seraient responsables de leur situation ou ne feraient pas d'efforts. Il souligne que la plupart des cas résultent de coups du sort et que presque tous font tout pour sortir de leur situation difficile. Il insiste sur le fait qu'il ne s'agit pas d'une responsabilité individuelle, mais structurelle.

Bléck ënnerscheet dëse Budget sech net vill vun deem vum leschte Joer, awer et gëtt e puer Punkten, déi wichteg sinn ze ënnersträichen. An déi weisen, wéi wichteg d'Aarbecht vum Sozialamt ass an och wéi sech déi sozial Situatioun bei eis verännert.

Ee Budgetsartikel, deen an d'A spréngt, ass dee vun den Iessbonge fir Persounen. Hei muss ee méi Budget virgesinn, well ëmmer méi Leit dës Hëllef brauchen. Dat weist kloer, datt et och bei eis zu Déifferdeng vill Mënsche gëtt, déi Schwiereregkeeten hunn, hir Grondbedierfnisser ze decken.

Een anere groussen Deel vum Budget geet zum Beispill drop fir d'Dokteschrechnungen, déi d'Sozialamt iwwerhëlt. Dës Käschte sinn net onwichtig. D'Sozialamt hëlleft do séier a praktesch, wann d'Leit selwer net kënnen.

Natierlech komme mir net derlaanscht, datt d'Paie vun de Sozialaarbechterinnen an de Sozialaarbechter eropginn. Dat ass gerechtfäerdigt, well d'Aarbecht, déi si maachen, immens usprochsvoll ass.

Ech weess dat aus mengem eegene Beruff als Sozialaarbechterin. Ech gesinn nämlech all Dag, mat wéi enge Schwiereregkeete vill Leit ze dinn hunn, a wéi vill Engagement, Zäit a Gedold et brauch, fir hinne wierklech ze hëllefen.

Den Office social vun eiser Stad mécht eng grouss a wichteg Aarbecht. E fänkt Mënschen op, déi soss keng Stëmm oder Chance hätten.

Am Numm vun der CSV Déifferdeng wëll ech deem ganzen Team vum Office social Merci soe fir hiert Engagement, hir Professionalitéit an hiren Asaz. Mir ënnerstëtzen dëse Budget, well en néideg ass, fir datt dës Aarbecht och an Zukunft ka weidergefouert ginn. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Ceman. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemen-gerot. Merci dem Här Erny Muller fir all dës Explikatiounen. Den Office social mécht eng ganz wichteg Aarbecht, wou mer eis awer, mengen ech, all eens sinn, dass am beschten déi Aarbecht net néideg wär.

Et ass awer leider d'Realitéit a se entwéckelt sech leider och an déi falsch Richtung. An deene leschte Joren huet Lëtzebuerg sech, zum Beispill, zum schlechteste Schüler entwéckelt, wat den Taux vun de Working Poor ugeet. Dat heescht, mir si bei 14,7 % vu Leit, déi schaffen an awer an Aarmut liewen hei am Land. A mir hunn do Rumänien iwwerholl, wou mer laang Zäit op zweeter Plaz waren.

Dat heescht, deem Bild, dat oft besteet, dass een, deen an den Office social geet, souzoe selwer schold ass u senger Situatioun a keng Efforte mécht, wëll ech einfach ganz kloer nach eng Kéier widersprieche. A soen, dass, wéi den Här Muller och erkläert huet oder och den Här Hartung, ganz vill Schicksalsschlei drun hänken. Dass déi allermeeschte Leit do alles maachen, fir aus där Situatioun erauszekommen. Mee et ass keng reng individuell Verantwortung, dat ass eng strukturell Verantwortung.

D'Chômagezuele ginn an d'Luucht zu Lëtzebuerg, d'Situatioun um Aarbechtsmaart huet sech wierklech dramatesch verschlechtert an deene leschten zwielef Méint. Also dramatesch ass vläicht elo iwwerdrüwen, mee ganz staark verännert. Soss hate mer eng Situatioun, wou méi Plazen ausgeschriewe ware wéi Leit, déi eng Aarbecht gesicht hunn. An et huet méi un der Qualifikatioun gefeelt. Elo si virun allem Jonker an och eeler Demandeurs d'emploi ëmmer méi staark dovunner beträff, dass wierklech keng Plaze méi do sinn.

Dat gekoppelt un d'Energiepräisser, gekoppelt un d'Wunnungspräisser ass eng Situatioun, déi fir ganz vill Leit existenziell Probleemer provoziert.

An ech muss soen, d'Office-socialen zu Lëtzebuerg funktionéiere ganz ënnerschiddlech. An ech si frou, dass den Office social zu Déifferdeng eebe ganz ak-

3. Personnel communal

tiv ass, wann et drëm geet, wann een d'Chance huet, eng Wunneng ze kréien, dann och anzesprangen an et ze erméiglechen, dass een déi Wunneng ka kréien. Oder och wa mol Retarde vu Loyereren entstinn, en och wierklech aspréngt.

Dat ass leider net de Fall bei all Office social. An dat ass och problematesch, dass dat net bei all Office social de Fall ass.

Et muss een awer och do soen, wa mer als Politik géifen déi richteg Decisiounen huelen, notamment, an dësem Fall, an der Chamber, da bräicht den Office social net anzesprange fir eppes, wat den Zougang zum Logement gewäert.

Wa bei deenen héije Loyerspräisser dräi Méint Kautioun kënne gefrot ginn – bon, elo ass et am Fong per Gesetz op zwee Méint reduzéiert ginn, mee et si jo awer nach ëmmer ganz héich Loyerspräisser. An och d'Agencëkäschten, do ass et am Fong net méi ee Mount, wéi Der nach virdu gesot hutt, Här Muller. Do ass am Fong d'Hallschent un de Proprietär, d'Hallschent un de Locataire.

Awer och do hätt ee kënne gesetzlech dat Ganzt reduzéieren a soen, ee Mount Kautioun geet duer, an d'Kommissioun fir d'Agence missten integral vun deem bezuelt ginn, dee se bestallt huet. An dat ass jo meeschtens de Proprietär.

Dat géif d'Situatioun fir de Locataire vereinfachen. Hie bräicht net nach d'Demarche maachen, fir op den Office social ze kommen. Den Office social wär entlaascht. An dat si politesch Decisiounen, déi de Legislatuer, dat heescht d'Chamber misst treffen.

Dat gesot, nach eng Kéier Merci un d'ganz Ekip vum Office social. An un eis d'Aufgab, strukturell déi Saachen esou ze veränneren, dass den Office social manner asprange muss. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. D'Madamm Huberty, wannechgelift.

CAROLINE HUBERTY (LSAP):

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Léif Membere vum Schäffen- a Gemengerot, léif Matbiergerinnen a Matbierger. Hei am Conseil communal schwätze mer iwwer politesch Léisungen. Dobäi solle mer ni vergiessen, deene Leit Merci ze soen, déi déi Mesuren um Terrain ëmsetzen. Dofir ee ganz grouse Merci un all déi Leit am Office social, déi all Dag um Terrain am Dëngscht vun eise Bierger schaffen. Ee ganz häerzleche Merci fir hiren onermiddlechen Asaz. Mir als LSAP stëmmen natierlech mat Jo fir dëse Budget. Merci fir d'Wuert.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Huberty. Et gött keng weider Wuertmeldung. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le budget rectifié pour l'exercice 2025 et le budget initial 2026 de l'office social de Differdange.

Ech soen Iech Merci. Punkt 3 vum Ordre du jour, d'Personal vun der Gemeng. Do hätte mer am Punkt 3a) eng Adaptatioun vum Organigramm. Do géif ech d'Wuert un den Här Wagner ginn, deen eis do géif d'Detailer ginn, wannechgelift.

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Hei geet et ëm zwou Créations de postes am SAS-Kontrakt, dëst am Kader vum Pedibus, mee och, nenne mer en emol de Sports- oder Veräinsbus.

Ëm wat geet et elo do genau? Eise Pedibus gött lues a lues méi ausgebaut. An d'Resonanz ass och ganz grouss. Aktuell hu mer eelef Trajeten oder Pied, wéi mer se nennen, fënnef fir den Zentrum a fënnef fir Uewerkuer. Stand haut hu mer 31 Accompagnateuren. Zu Uewerkuer si 54 Kanner agedroe fir de Pe-

Les chiffres du chômage augmentent au Luxembourg et la situation sur le marché du travail s'est considérablement détériorée ces 12 derniers mois. Les jeunes et les demandeurs d'emploi plus âgés sont particulièrement touchés par le manque de postes disponibles. Cette situation, combinée aux prix de l'énergie et du logement, crée des problèmes existentiels pour de nombreuses personnes.

Il se félicite que l'office social de Differdange soit très actif pour aider les personnes à obtenir un logement ou à gérer les retards de loyer, ce qui n'est malheureusement pas le cas dans tous les offices sociaux. Il estime que si les bonnes décisions politiques étaient prises à la Chambre, l'office social n'aurait pas besoin d'intervenir pour garantir l'accès au logement. Il critique les trois mois de caution demandés pour les loyers élevés et suggère des modifications législatives pour simplifier la situation des locataires.

CAROLINE HUBERTY (LSAP) rappelle l'importance de remercier les personnes qui mettent en œuvre les mesures sur le terrain. Elle exprime sa profonde gratitude envers tout le personnel de l'office social, qui travaille quotidiennement au service des citoyens. Le LSAP vote naturellement en faveur de ce budget. (Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) introduit le point suivant concernant le personnel communal.

THIERRY WAGNER (LSAP) éclaire sur la mise en place de deux emplois en contrat SAS pour le pédibus et le bus sportif. Le pédibus se développe progressivement avec une forte résonance. Actuellement, 11 trajets sont organisés avec 54 enfants inscrits à Oberkorn et 37 à Differdange. L'objectif est d'étendre le service à Niederkorn et au Fousbann.

3. Personnel communal

Pour améliorer la sécurité de planification et la coordination, ces postes seront occupés par des personnes avec des contrats de 20 à 24 heures, qui s'occuperont également du transport des enfants de la maison relais vers les associations.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG) *ap-
puie sans réserve le pédibus, car il
représente pour les enfants une oc-
casion d'exercice en milieu routier
ainsi qu'un moment de relaxation
après l'école.*

*Elle rappelle que le projet contri-
bue à la réduction du trafic aux
abords des écoles en diminuant le
nombre de voitures. Sa fraction a
néanmoins soulevé plusieurs ques-
tions qu'elle souhaite présenter au
conseil.*

*Premièrement, elle demande com-
ment sont répartis les 2,5 postes
par rapport aux indépendants ou
aux postes déjà existants. Elle s'in-
terroge également sur l'éventuelle
création de postes supplémentaires
lors de l'extension du pédibus à
d'autres localités, soulignant que
cette expansion générerait des
couts importants pour couvrir l'en-
semble de la commune.*

*Deuxièmement, elle souhaite
connaître la répartition des vingt
heures de travail hebdomadaires.
Elle note que le bourgmestre a
mentionné l'attribution de tâches
supplémentaires, car, si le travail se
limitait uniquement aux trajets sco-
laires, qui durent généralement 30
à 45 minutes et se répètent parfois
quatre fois par jour, cela créerait
trois coupures dans la journée. Elle
s'interroge sur la compatibilité de
cette organisation avec la conven-
tion collective du SAS.*

*Troisièmement, elle s'interroge sur
les différences dans l'exercice des
fonctions et les assurances entre les
deux types de contrats. Elle évoque
particulièrement les questions de
sécurité et de responsabilité en cas
d'accident, prenant l'exemple hy-
pothétique d'un enfant qui courrait
dans la rue et provoquerait un acci-
dent.*

*Sa quatrième question porte sur la
responsabilité : est-ce la personne
accompagnant l'enfant sur le che-
min de l'école, donc un indépen-
dant, est-ce l'un des deux nouveaux
postes, ou est-ce la Commune qui*

dibus, an zu Déifferdeng 37. Et ass än-
lech wéi zu Uewerkuer, wou et och lues
a lues ugaangen ass a wann d'Elteren et
bis gesinn, da ginn déi Zuelen och zu
Déifferdeng bestëmmt an d'Luucht.

Mir hunn och genuch Personal fir de
Woiwer schonns, do starte mer dann
elo, méi séier wéi geduecht, den 10. No-
vember mat véier Pied.

D'Zil ass et natierlech, och Nidderku-
er – dat huet d'Madamm Charlé jo och
scho gesot – an och de Fousbann un
d'Rullen ze kréien.

Firwat stelle mer elo Personal an, wuel
wëssend, dass aktuell eis Leit just kon-
ventionéiert pro Tour bezuelt ginn? Fir
eng besser Planungssécherheet a Koor-
dinatioun ze hunn, ginn elo des Poste
mat Leit besat, déi 20- bis 24-Stonne-
Kontrakter kréien.

Mee si kréien awer zousätzlech och
nach aner Tâchen, wéi den Transport
vun de Kanner aus der Maison relais an
d'Veräiner, esou dass mer de Projet Spo-
di 2.0 weider kënnen opbauen.

Ech bieden Iech, deenen zwee Posten
do zouzestëmmen.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH
(LSAP):**

Merci, Här Wagner. Wuertmeldungen
dozou? Madamm Schütz, wannechge-
lift.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Ech wëll ganz kloer
betounen, dass mir de Pedibus total en-
nerstëtzen. Et ass fir eis Kanner um
Schoulwee eng Übung am Verkéier wéi
och eng Entspannung no der Schoul. Net
ze vergiessen, dat dréit jo och zu enger
Verkéiersberouegung bäi, wa mer man-
ner Autoe bei eise Schoulen hunn.

Trotzdem hu mir eis nees e puer Ge-
danken a Froen an eiser Fraktioun ge-
stallt, an déi wollt ech Iech elo eng
Kéier virstellen. An zwar éischtens: Wéi
sinn déi zwee hallef Poste verdeelt géi-
geniwwer vun de Freelancen oder de
Posten, déi elo scho bestinn?

A bei weiterem Ausbau vum Pedibus,
wéi Der elo just betount hutt, op déi
aner Uertschafte respektiv Sitten, ass
dann ugeduecht, nach weider där Pos-
ten ze schafen? An dëst géif jo dann
awer trotzdem zu engem gréissere
Käschtepunkt féieren, fir dësen Ausbau
op déi ganz Gemeng auszeweiden.

Zweetens wéilte mir wëssen, wéi déi
jeeweileg 20 Stonne verdeelt sinn. Dir
hutt elo gesot, déi kréichen nach aner
Tâchen derbäi. Well wann et sech wier-
klech just ëm de Wee géif handeln, dee
meeschtens jo 30 bis 45 Minutten ass,
da misst ee munchmol am Dag, also
véiermol, da wäeren dat dräi Coup-
uren – wéi ass dat mat dem Kollektivver-
trag vum SAS, wéi gesäit dat do aus?

An dann drëtzens: Wat ass den Ënner-
scheid an der Ausübung an an den As-
surancen tëscht dësen zwee verschie-
denen Astellungstypen? Ech denken
hei un eis Sécherheet an d'Haftbarkeet
bei engem Accident. Huele mer just de
Fall, ee Kand géif an d'Strooss lafen an
et kéim zu engem Accident.

Meng véierte Fro: Wien ass do res-
ponsabel? Ass et deejäinegen, dee mam
Kand um Schoulwee ass, also ee vun de
Freelancen? Ass et ee vun deenen zwee
neie Posten oder ass et d'Gemeng, déi
do dann d'Responsabilitéit iwwerhëlt?
A wien seng Assurance kënnt dofir op?

Mir wäerten natierlech mat Jo stëm-
men. Mee ech wär ganz frou, wann ech
e puer Äntwerte kréich op meng Froen.
An ech soen Iech am Viraus Merci.

**BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH
(LSAP):**

Merci fir déi Informatiounen. Mir maa-
chen et esou: Mir maachen d'Ronn viru
mat de Wuertmeldungen, an da géife
mer dem Här Wagner d'Wuert ginn, als
Leschten, fir déi Äntwerten, déi mer da
kënne spontan ginn. Den Här Diderich,
wannechgegift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Merci,
Här Wagner, fir d'Erklärungen. Et freet
eis als déi Lénk, dass d'Initiativ vum Pe-
dibus sech weider ausbaut an ee sech
och dofir d'Moyene gëtt.

3. Personnel communal

Ech erënneren drun, dass, éischstens, deemools sech Elteren dofir agesat hunn, awer och hei an deem nämmelechte Sall, bei den éischten Assises climat bei engem Biergerworkshop, dat als den Haaptprojet erauskomm ass, an du laang näischt geschitt ass. An et elo wierklech gutt ass an ze begreissen ass, dass mer do an eng Ëmsetzung kommen. Et ass keng einfach organisatoresch Saach, respektiv och vum Personal hier, well et eebe fir ganz kuerz Momenter zum Deel ass.

Ech ka mer virstellen, dass fixt Personal ze hunn och ganz wichteg ass. Zemoos herno, wann een dat flächendeckend fir Déifferdeng wëll wierklech assuréieren a sécher sinn, dass een do ëmmer déi néideg Leit huet, fir dat ze maachen.

Et freet mech elo hei ze héieren, dat hunn ech am Dossier vermësst, dass een fir d'Veräiner een Asaz vun deene Leit virgesäit. Well do kréien ech och ëmmer erëm mat, dass awer Schwieregkeete sinn, wat den Transport ugeet an d'Veräiner, an do géif mech interesséieren, e bësse méi den Detail ze héieren, wéi dat géif gemaach ginn.

Ech fannen och der Madamm Schütz hir Iwwerleeunge ganz richteg, déi Froen, déi sech do stellen. Bei mir kënnt dann och d'Fro op: Et gëtt jo een anere Beräich, wou vill mat Coupéen och muss geschafft ginn, dat sinn d'Maison-relaisen. Wou dann oft den Accueil gemaach gëtt, an da sinn déi Leit erëm fräigestallt bis am Nomëtteg. Ob do net am Fong Kombinatioune méiglech wäeren, dass ee seet, dat eent oder dat anert Personal kéint op där enger oder anerer Plaz agesat ginn.

Ech weess jo, dass méttlerweil Iwwerleeunge gefouert ginn, wéi mer et kënnen hikréien, d'Aarbechtskonditioune fir d'edukatiivt Personal an de Maison-relaisen ze verbesseren, fir eeben och fir méi Stabilitéit beim Personal ze suergen. An deem Sënn wollt ech froen, ob de Projet Pedibus do net kéint matgeduecht ginn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Här Olten, wannechgelift.

CLAUDE OLTEN (CSV):

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Léif Kolleginnen a Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengerot, déi Kreatioun vun dësen zwee Posten ass ganz wichteg, dass d'Kanner an déi jeeweileg Veräiner begleet ginn an do hire Sport kënne maachen.

Mir wëssen alleguerten, dass d'Kanner sech ganz wéineg beweegen. Dat do ass ganz gutt, dass eppes gemaach gëtt, fir deem entgéintzewierken.

Dat Ganzt ass och ee wichtige Baustein an eisem Sportförderprogramm.

Op jidde Fall ënnerstëtze mir dat.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Olten. Et gëtt keng weider Wuertmeldungen, da géif ech d'Wuert un den Här Wagner ginn, fir Äntwerten op d'Froen ze ginn. Här Wagner, wannechgelift. Keng Angscht, mir hëllef Iech.

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech versichen, op déi verschidde Punkten anzegoen.

De Pedibus ass, hunn ech schonn e puermol gesot, e Projet, deen à long terme muss gekuckt ginn. Dat heescht elo net eng Schoul no där anerer, alles direkt mateneen. Et war en Zil, dat lues a lues opzebauen, dass et och vun Ufank un erfollegräich gëtt.

Dat hu mer jo zu Uewerkuer bewisen, dass dat och de Fall ass. Do hate mer jo vill Probleemer mat der Zirkulatioun wéinst Bauaarbechten um Bock. Dat hat immens gehollef. D'Leit sinn op eemol net méi ofgesprongen. Dat heescht, si maache weiderhin de Pedibus, also si schreiwen hir Kanner weiderhin an. An am Zentrum erhoffe mer eis dat och. An, wéi gesot, och um Woiwer.

An dann, dat ass ganz richteg, geet et jo domat net duer. Mir hunn nach zwou aner Uertschaften, dat ass Nidderkuer a Fousbann, wou natierlech och muss de Pedibus lancéiert ginn. Do gëtt et,

assume la responsabilité? Elle demande également quelle assurance interviendrait dans ce cas.

Elle annonce que son groupe votera favorablement, mais souhaiterait obtenir des réponses à ses questions.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *se réjouit que l'initiative du pédibus continue de se développer et qu'on lui alloue les moyens nécessaires. Il rappelle que des parents s'étaient mobilisés pour ce projet et que, lors d'un atelier citoyen, il était ressorti comme projet principal, mais que, longtemps, rien ne s'était concrétisé. Il salue donc la mise en œuvre actuelle.*

Il reconnaît que l'organisation n'est pas simple, notamment pour le personnel, car il s'agit de courtes périodes de travail. Il comprend l'importance d'avoir du personnel fixe, surtout pour garantir une couverture complète à Differdange et assurer la disponibilité constante du personnel nécessaire.

Il se réjouit d'apprendre qu'un soutien aux associations est prévu pour le transport, car il constate régulièrement des difficultés dans ce domaine. Il aimerait obtenir plus de détails sur la mise en œuvre.

Il trouve pertinentes les réflexions et questions soulevées par madame Schütz et les Verts.

Il s'interroge sur la possibilité de créer des synergies avec les maisons relais, où le personnel assure l'accueil, puis est libre jusqu'à l'après-midi. Il demande si des combinaisons seraient possibles pour que le personnel puisse être déployé sur différents postes.

Il mentionne les réflexions en cours pour améliorer les conditions de travail du personnel éducatif dans les maisons relais afin d'assurer plus de stabilité. Il demande si le projet pédibus pourrait être intégré dans ces réflexions.

CLAUDE OLTEN (CSV) *souligne l'importance de créer ces deux postes pour accompagner les enfants vers leurs associations sportives respectives. Il rappelle que les enfants bougent très peu et qu'il est positif qu'une action soit entreprise pour contrer cette tendance. Il considère ce projet comme un élément impor-*

3. Personnel communal

tant du programme de promotion sportive et annonce son soutien.

THIERRY WAGNER (LSAP) explique que le pédibus est un projet à envisager sur le long terme, sans précipitation pour toutes les écoles en même temps. L'objectif était de le construire progressivement pour garantir son succès dès le départ, ce qui a été démontré à Oberkorn, où, malgré les problèmes de circulation dus aux travaux au Bock, le projet a été très utile. Les parents continuent d'inscrire leurs enfants au pédibus. Les mêmes espoirs sont placés pour le centre et Woivver.

Il confirme qu'il reste deux autres localités, Niederkorn et le Fousbann, où le pédibus doit être lancé. Cependant, des problèmes de sécurité doivent être résolus au préalable. Il insiste sur le besoin crucial de personnel, reconnaissant que le coût est élevé. Il précise que les bénévoles, qu'il préfère appeler volontaires, sont rémunérés par convention, laquelle inclut également l'assurance. Concernant les questions de responsabilité en cas d'incident, il explique que, comme pour tout service communal, l'assurance de la Commune intervient si la faute incombe à la Commune, comme c'est le cas pour les maisons relais.

Il note que la question de l'assurance a longtemps entravé la mise en place du pédibus à Differdange, et il se demande quelle est la différence avec la Ville de Luxembourg, où le service fonctionne depuis des années. Il conclut que les employés sont assurés, car ils travaillent pour la Commune, comme tous les agents ou employés de bureau.

Thierry Wagner explique que la Commune a besoin de recruter du personnel pour assurer le service aux associations. Il précise que c'est une demande récurrente, notamment de la part de nombreux enfants, qui souhaitent pouvoir se rendre dans leurs associations pendant le temps passé à la maison relais. Il affirme qu'il faut réussir à organiser ce service.

Il indique que cela ne prendra pas la forme d'un pédibus classique. À Oberkorn, les enfants se rendent à pied à la salle de sport, au terrain de football ou à la piscine, mais il

wéi d'Madamm Charlé gesot huet, och e Sécherheetsprobleem, dee mer musse behiewen, éier mer et do kënne lancéieren.

Mee – an dat ass ganz wichteg, an dat ënnersträichen ech – mir brauchen och Personal dofir. Dee Käschtepunkt ass héich. Ob Benevoller, déi jo keng Benevoller sinn, mee dat si Volontiers, nenne mer dat emol esou, déi ginn och bezuelt per Konventioun. An der Konventioun steet och d'Assurance alles mat dran. Kloer, wéi bei allem, wann iergendepes geschitt: Wie war et elo? Wie muss d'Assurance droen? Kloer, dat hei ass ee Service vun der Gemeng, d'selwecht, wéi wann an der Maison relais eppes geschitt, ass och ëmmer eng Assurance, déi spillt, déi och d'Gemeng betrëfft, wann de Feeler bei der Gemeng ass.

An dat war och ëmmer de Punkt, wou ech weess, firwat et net ëmgosat ginn ass, de Pedibus hei zu Déifferdeng, wéinst der Assurancëfro. Ech froe mech dann, wat se an der Stad Lëtzebuerg falsch maachen, do leeft e scho säit Joren. Also den Assurancëgrond spillt do net mat.

Kloer, et gëtt ëmmer gesicht, wann eppes geschitt: Wien ass elo haftbar dofir? Mee eis Leit sinn assuréiert, well se jo fir d'Gemeng schaffen, wéi jiddwereen, als Agent oder an de Büroen och alleguerten.

Veräiner: Jo, dat hutt Der jo gesot, an ech och, firwat brauche mer déi Leit elo do? Fir de Service, wéi den Här Olten och gesot huet, och fir d'Veräiner ze assuréieren. Dat war ëmmer de Wonsch, och vu ville Kanner. Do war eng Ëmfro, dat ass schonn e bësse méi laang hier, fir während der Zäit, wou se an der Maison relais sinn, an d'Veräiner kënnen ze goen. Dat ass kloer. An da musse mer kucken, dass mer dat hikréien.

Dat wäert net a Form vun engem Pedibus sinn. Natierlech, zu Uewerkuer gi se ze Fouss an d'Sportshal oder op de Fussballterrain oder an d'Schwämm, mee et kann awer och sinn, dass mer musse Camionnetten an den Asaz bréngen. Dofir sollen déi Leit, déi mer astellen, och duerfir zoustänneg sinn.

Dat gëtt gekuckt. Net vun haut op muer. Do mussen d'Leit sech jo och aschreiwen. Da musse mer d'Weeër an

d'Zäitpläng definéieren. Dat ass net ëmmer esou einfach. Dofir ass et och nach net ganz kloer, wéi vill Stonne se solle kréien. Dat rechne mer elo alles aus. Dofir musse mer e Poste mol kréieren. Dat ass den Exercice vun haut. An déi maachen dann déi zwou Saache mateneen.

D'Coupuren. Kloer ass dat e Problem an eise Maison-relais. Mir sinn och amgaangen dat unzegoen. Mir hu jo Workshopen, ech widderhuele mech ëmmer. An do war och een Theema den Horaire vun der Schoul. An dee Moment ass och den Horaire vun der Maison relais impaktéiert. An dee Moment och d'Stonnen, wéi se schaffen. An do si mer amgaangen ze kucken, well de Minister huet jo gesot, dass dat d'Aufgab ass vun der Gemeng, d'Horairë vun der Schoul. An do kucke mer mol, wat mer do kënnen adaptéieren, dass vläicht duerno erauskënnt, dass eis Aarbechtspläng ouni Coupurë kënne gemaach ginn.

Hunn ech elo nach eppes vergiess? Ech mengen net.

Déi aner, déi per Konventioun bei eis schaffen, déi bleiwen och weiderhi per Konventioun esou do. An déi Posten, déi do ausgeschriwwe ginn, kënnen déi Leit sech natierlech och mellen, wa se dee Poste gären hätten. Dat ass guer kee Problem. Da kënne mer dat kucken. Mee et soll och ausgebaut ginn op déi aner Sitten, soudass mer nach weider Leit astellen.

Et ass ee Käschtepunkt, jo. Et ass awer ee Käschtepunkt, dee sech an dat alles areit, wat mer gären hätten: manner Trafick, d'Kanner méi Beweegung an der fräier Natur. Dat sinn alles Punkten, déi aneneegräifen. An duerfir wäerte mer dee Projet och weiderféieren. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Wagner, fir dës Erklärungen. Keng weider Wuertmeldungen. Mir kommen zum Vott.

3. Personnel communal

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création de deux postes d'agent sociopédagogique C2 sous le statut de salarié pour les besoins du département scolaire et de l'enfance.

Ech soen Iech Merci. Punkt 3b), dat steet a Relatioun mam Kollektivvertrag vun de Südgemengen. Ech wëll vun der Geleeënheet profitéieren, fir e puer Wuert iwuer deen neie Kollektivvertrag vun de Südgemengen ze soen, deen den 10. Oktober 2025 ënnerschriwwen ginn ass.

De Vertrag ass d'Resultat vu méintelaange Verhandlungen tëscht de Gewerkschaften OGB-L an LCGB op där enger Säit an de Buergermeeschteren an de Verantwortleche vun de Personalbüroer vun deenen 19 Südgemengen op där anerer Säit.

Deen ass gëlteg vum 1. Januar 2025 bis den 31. Dezember 2027.

Ech wëll drop hiweisen, dass déi Verhandlung mat vill Engagement a vill Dialog gefouert goufen. Déi gréisser Gemengen, dorënner Esch, Diddeleng, Péiteng, Schëffleng, Keel an Déifferdeng, waren aktiv bedeelegt, zesumme mat de Responsabele vun de Personalbüroer an hire Buergermeeschteren.

Verschidden Demanden, déi vu Gewerkschaftssäit komm sinn, an awer och Bedenken a Virschléi vu Patronatsssäit, goufen analyséiert, ausgerechent an deelweis respektéiert.

Et ass wichteg ze soen, dass dës Zesummenaarbecht konstruktiv, respektvoll an nohalteg war. Ee Modell, wéi een am ëffentleche Secteur soll zesumme schaffen.

Deen heite Kollektivvertrag bréngt eng Rei positiv Ännerungen mat sech: eng Erhéijung vum Punktwäert ëm 2 % retroaktiv op den 1. Januar 2025 an eng Erhéijung vun 0,5 % ab dem 1. Januar 2026. Dës Upassung sinn identesch wéi beim Accord vun de Fonctionnaires.

Eng Prime unique vun 1,25 % op de Bruttoloun vun 2025 an eng zweet vun 1 % fir 2026.

D'Prime d'astreinte fixe gëtt ab 2026 op 24 Punkten erhéicht an eng variabel Astreinte-Primm mat engem Maximum vu 24 Punkten agefouert.

Zousätzlech gëtt d'Prime de permanence an de Joren 2026 an 2027 revaloriséiert. Dat ass eng kloer Unerkennung vum Engagement a vun der Disponibilitéit vum Personal.

Dës Mesuren droen dozou bäi, d'Aarbechtsbedéngungen am kommunale Secteur ze verbesseren an d'Attraktivitéit vum ëffentleche Service ze stäerken. Si sinn och een Zeechen, dass d'Gewerkschaften an d'Gemengen zesummen no gerechte Léisungen fir d'Mataarbechter gesicht hunn.

Ech wëll op dëser Plaz deem ganze Verhandlungsteam ee grouse Merci soen: de Gewerkschaften, de Gemengerepresentanten an allen, déi hanner der Kulisse matgeschafft hunn. De Respekt an d'Bereitschaft, sech un een Dësch ze setzen, hunn dëst positivt Resultat méiglech gemaach.

Dëse Vertrag ass méi wéi just eng Lounupassung, et ass ee Symbol fir Zesummenhalt, Unerkennung a sozial Gerechtegkeet am Déngecht vun eise Bierger a Biergerinnen. Ech soen Iech Merci.

Wuertmeldungen zum Kollektivvertrag? Den Här Aguiar, wannechgelift.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Härën aus dem Schaffen- a Gemengerot, je tiens à exprimer notre soutien aussi à la validation de cette convention collective de travail conclue entre l'OGB-L et le LCGB et les 19 communes du sud pour la période 2025-2027.

D'après le retour des responsables impliqués, les discussions n'ont pas été simples. Ils ont cités des nombreuses heures de négociations, des compromis et un vrai effort de part et d'autres. C'est précisément pour cela, que le résultat obtenu mérite d'être souligné.

Je ne vais pas revenir sur les pourcentages, mais cette convention concerne environ 660 salariés rien pour que la

reconnait qu'il faudra probablement mettre des camionnettes à disposition. Les personnes recrutées seront responsables de ce service.

Thierry Wagner souligne que cette organisation ne se fera pas du jour au lendemain. Les familles doivent d'abord inscrire leurs enfants, puis il faut définir les trajets et les horaires, ce qui n'est pas toujours simple. C'est pourquoi le nombre d'heures de travail n'est pas encore totalement défini — tout est en cours de calcul. L'exercice d'aujourd'hui consiste à créer le poste, et les personnes recrutées assureront ces deux missions conjointement.

Concernant les coupures dans les horaires de travail, il reconnaît que c'est un problème dans les maisons relais. La Commune travaille actuellement sur cette question. Des ateliers ont été organisés, où le thème des horaires scolaires a été abordé, ce qui impacte directement les horaires de la maison relais et les heures de travail du personnel. Le ministre a indiqué que la définition des horaires scolaires relève de la compétence communale. Thierry Wagner explique qu'ils examinent les adaptations possibles pour permettre des plannings de travail sans coupures.

Il précise que les personnes travaillant actuellement par convention continueront sous ce régime. Ces personnes peuvent naturellement postuler aux nouveaux postes s'ils les intéressent. Il reconnaît que c'est un poste de coût important, mais qui s'inscrit dans les objectifs globaux de la Commune : réduire le trafic et encourager l'activité physique des enfants en plein air. Le projet sera donc poursuivi. (Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) présente la nouvelle convention collective des communes du sud, signée le 10 octobre 2025. Cette convention résulte de plusieurs mois de négociations entre les syndicats OGB-L et LCGB d'une part, et les bourgmestres et responsables du personnel des 19 communes du sud d'autre part. Elle est valable du 1er janvier 2025 au 31 décembre 2027.

3. Personnel communal

Il souligne que les négociations ont été menées avec beaucoup d'engagement et de dialogue. Les grandes communes, comme Esch, Dudelange, Pétange, Schiffange, Kayl et Differdange ont participé activement.

La convention prévoit une augmentation de la valeur du point de 2 % rétroactive au 1er janvier 2025 et de 0,5 % au 1er janvier 2026, identique à l'accord des fonctionnaires. Elle inclut également des primes uniques et des revalorisations des primes d'astreinte et de permanence. Le bourgmestre considère cette convention comme un symbole de cohésion, de reconnaissance et de justice sociale.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) exprime le soutien de son groupe à cette convention collective. Il reconnaît que les discussions n'ont pas été simples, nécessitant de nombreuses heures de négociation et des compromis.

La convention concerne environ 660 salariés pour la seule Ville de Differdange et représente des avancées importantes pour le personnel, qui assure le bon fonctionnement des services publics locaux.

Tout en saluant ce progrès, il appelle à rester vigilant face à l'écart qui persiste avec d'autres entreprises publiques, comme Creos, notamment concernant les primes d'astreinte. Il remercie les syndicats, les représentants communaux et les salariés pour leur travail.

GUY TEMPELS (CSV) explique que, lorsqu'un contrat collectif est négocié, chacun doit mettre de l'eau dans son vin pour que tout le monde soit satisfait en fin de compte. Le résultat obtenu devrait satisfaire chacun avec ce qu'il reçoit maintenant.

Il s'agit de remercier tous les jeunes et les collaborateurs qui travaillent dans la commune pour tout leur travail et leur engagement.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) exprime que son parti salue cet accord, où les syndicats ont joué leur rôle et où les communes du sud ont cette fois mené des négociations qui ont abouti à un accord. Il estime que cela devrait être un modèle que le

Ville de Differdange. Elle prévoit des augmentations salariales, des primes uniques et surtout une meilleure reconnaissance des astreintes et du service de permanence, avec des indemnités allant jusqu'à 7,5 points pour jours fériés en 2027.

Ce sont des avances importantes pour des femmes et des hommes qui assurent, souvent dans l'ombre, le bon fonctionnement de nos services publics locaux : la propreté, la voirie, la sécurité, la logistique, l'accueil, etc. Leur engagement mérite le respect et la reconnaissance.

Cela dit, on doit rester vigilant. Cette convention représente un progrès, mais il reste un écart par rapport à d'autres entreprises publiques, comme Creos. Notamment en ce qui concerne les primes d'astreintes et les régimes d'administration. Nos conditions doivent rester attractives par rapport à celles de ces institutions.

On salue naturellement ce pas en avant, tout en appelant un suivi attentif.

Je voulais terminer par remercier les syndicats pour leur travail sur le terrain et les représentants communaux pour leurs efforts consentis. Et naturellement, sans nos collaborateurs, sans nos salariés, nous ne serons sans doute pas ici. Un grand merci également à eux. Merci pour votre attention.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Aguiar. Den Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, fir d'Wuert. Wann ee Kollektivvertrag verhandelt gëtt, muss ëmmer jiddwereen e bësse Waasser a säi Wäi schëdden, dass herno jiddwereen zefridden ass.

Dat hei ass d'Resultat, wat erauskomm ass, woumat jiddweree wäert kënnen zefridde sinn oder zefridden ass mat deem, wat en elo kritt.

Et geet drëms, alleguerten eise Jongen a Meedercher, oder eise Mataarbechter,

déi hei op der Gemeng schaffen, Merci ze soe fir all hir Aarbecht oder fir hiren Asaz, dee se bréngen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Tempels. Den Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Och vun der Säit vun déi Lénk begrësse mer deen heiten Accord, wou d'Gewerkschaften an hirem Rôle waren an d'Südgemengen hei dës Kéier Verhandlung gefouert hunn, déi zu engem Accord komm sinn.

Dat misst ee Modell sinn, deen och eng Regierung sech mol erëm misst ukuken, dass ee kann Accorde mat Gewerkschaften fannen an iwwerhaupt Gespréicher zesummen esou féiert, dass een zu Accorde kënnt, déi am Sënn vu jidderengem sinn.

Mir brauche gutt an engagéiert a motivéiert Personal an de Gemengen. Dofir muss mer och kucken, wat soss am Secteur geschitt. En effet hunn d'Fonctionnaires en Accord fonnt gehat, deen an eng änlech Richtung gaangen ass, oder an déi nämmelecht carrement. Et ass wichteg, dass mir als Gemengen an déi nämmelecht Richtung ginn, fir sécherzestellen, dass mer do net a Konkurrenz och mam Staat trieden. An och einfach, fir déi Aarbecht, déi geleescht gëtt als Service public, als Gemeng fir eis Bierger, och deementspriedend ze valoriséieren. Ech soen Iech Merci. Mir ënnerstëtzen dat.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Schöne gudde Moien. Natierlech brauche mer attraktiv Aarbechtsplazen am Gemengesector. Mat dësem Accord ass dat gelongen. Dofir kënne mer dat och ënnerstëtzen. Mir sollten natierlech

4. Actes et conventions

awer och am A behalen, datt eis Lounkäschten net däerfen explodéieren. Mee deen heiten Accord, dee schéngt eis awer gutt ze sinn. Dofir kënne mer dee matstëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Meisch. Den Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Och mir als LSAP si frou an ënnerstëtzen deen dote Kollektivvertrag. Ech wëll mech dem Här Diderich uschléissen. Dat heescht, dass och mol d'Patrone gesinn, dass nach ee Kollektivvertrag ka verhandelt gi mat de Gewerkschaften, an dass dat och seng Berechtigung huet. An net de Patron selwer decidéiert, wat d'Leit dann ze verdéngen hunn. Dat ass séier wichteg.

Eis ass et wichteg als LSAP, dass eist Personal zefridden ass. Dass si fir déi Aarbecht, déi si am Interêt vun eise Bierger maachen – a mir verlaange jo, dass dat och eng gutt Aarbecht ass, an dat maache se och – dann och dofir anstänneg bezuelt ginn.

Ech wëll net méi wäit fueren an deene ganzen Iwwerleeungen. Ech hu mer dat ugekuckt, do sinn e ganze Koup interessant Facteuren dran, déi och fir d'Gemenge vu Wichtegkeet sinn. Do trieden och aussergewöhnlech Ëmstänn op, déi ginn dann och extra remuneréiert.

Nach eng Kéier, vun der LSAP eis Felicitatiounen un d'Verhandlungspartner, sief dat d'Vertrieder vun de Gemenge wéi och de Gewerkschaften an och eise Vertriederinnen an Delegatiounen, déi dobäi waren.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Mir kommen zum Vott iwwer de Kollektivvertrag.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la validation du texte coordonné de la convention collective de travail pour les salariés des communes du sud, pour la période du 1er janvier 2025 au 31 décembre 2027.

Ech soen Iech Merci. Punkt 4 um Ordre du jour: Akten a Konventiounen. Fir de Punkt 4a) géif ech d'Wuert un den Här Hartung ginn, fir eis Erklärungen ze ginn, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Villmools merci, Här Buergermeeschter. Et geet hei ëm de Biergerguide, eng Konventioun, déi mer proposéieren ze stëmmen. Do geet et drëm, dat ëmzesetzen an Zesummenaarbecht mam Familljeministère an der Stad Déifferdeng.

De Biergerguide ass ee ganz wichtegt Instrument fir all déi, déi nei an d'Gemeng oder an d'Land kommen. Awer och fir déi, déi schonn hei wunnen an no neien Offere sichen oder wat et soss nach alles hei esou gëtt, wat si vläicht nach net kennen.

Et ass ee Guide, dee sech un d'Awunner riicht, hinnen d'Méiglechkeet bitt, sech besser an der Gemeng Déifferdeng, an der Gesellschaft ze orientéieren an Schloss ze fannen. Deementsprechend war d'ëst och eng Demande vun der Commission vum Vivre-ensemble interculturel, datt mir als Stad d'ëst ëmsetzen.

Am éischten Abschnitt ass de Guide informativ. E bitt ee kompletten Iwwerbléck vun der Gemeng, der Bevëlkerung, der Infrastruktur, der Education, de Veräiner an den Aktivitéiten, déi esou an der Stad ugebuede ginn.

Awer de Guide geet och weider. Seng Zilsetzung ass et, d'Awunner net nëmmen ze informéieren, mee och ze motivéieren, sech ze engagéieren, sech mat anere Matbierger ze interagéieren a sech voll an d'Gesellschaft anzubannen.

Am zweeten Deel vum Guide fënnt een Iddien a Méiglechkeeten, fir aktiv deelzehuelen, sief et iwwer Benevolat, Parti-

gouvernement devrait également examiner, pour pouvoir trouver des accords avec les syndicats et mener des discussions ensemble de manière à aboutir à des accords qui sont dans l'intérêt de tous.

Il souligne qu'ils ont besoin d'un personnel compétent, engagé et motivé dans les communes. Pour cela, ils doivent regarder ce qui se passe ailleurs dans le secteur. Les fonctionnaires ont trouvé un accord qui va dans une direction similaire, voire identique. Il est important que les communes aillent dans la même direction pour s'assurer de ne pas entrer en concurrence avec l'État et simplement pour valoriser de manière appropriée le travail effectué comme service public, comme communes, pour les citoyens.

FRANÇOIS MEISCH (DP) affirme qu'ils ont naturellement besoin de postes de travail attractifs dans le secteur communal. Avec cet accord, cela a été réussi. C'est pourquoi les démocrates peuvent le soutenir.

Il note cependant qu'ils doivent garder à l'esprit que leurs couts salariaux ne doivent pas exploser. Mais cet accord leur semble bon, c'est pourquoi ils peuvent voter pour.

ERNY MULLER (LSAP) exprime que le LSAP est heureux et soutient ce contrat collectif. Il souhaite se joindre à monsieur Diderich, soulignant que cela montre aux patrons qu'un contrat collectif peut encore être négocié avec les syndicats, que cela a sa légitimité et que ce n'est pas le patron lui-même qui décide ce que les gens doivent gagner. C'est très important.

Pour le LSAP, il est important que le personnel soit satisfait, qu'ils soient décemment payés pour le travail qu'ils font dans l'intérêt des citoyens. Il mentionne qu'il y a plusieurs facteurs intéressants dans l'accord qui sont importants pour les communes, notamment la rémunération supplémentaire pour les circonstances extraordinaires. Il félicite les deux parties négociatrices : les représentants des communes et les syndicats.

(Vote)

4. Actes et conventions

JERRY HARTUNG (CSV) présente une convention concernant le Guide du citoyen. Il s'agit d'une convention en collaboration avec le ministère de la Famille et la Ville de Differdange.

Le Guide du citoyen est un instrument très important pour tous ceux qui arrivent nouvellement dans la commune ou dans le pays, mais aussi pour ceux qui y habitent déjà et cherchent de nouvelles offres. C'est un guide destiné aux habitants pour leur permettre de mieux s'orienter dans la commune de Differdange et dans la société.

Cette demande émane de la Commission du vivre-ensemble interculturel. Le guide est informatif dans sa première section, offrant un aperçu complet de la commune. Dans sa deuxième partie, il encourage les citoyens à s'engager activement et à participer à la vie culturelle et sociale. La convention définit les rôles et responsabilités, la collaboration commence officiellement le 5 janvier 2026, et la première version sera remise le 18 mai 2026.

Jerry Hartung ajoute que le guide sera disponible tant en version imprimée qu'en format numérique. Il précise que ce guide sera facilement accessible à tous les habitants sur le site internet de la Commune. Il souligne que le guide est publié en cinq langues : luxembourgeois, allemand, français, portugais et anglais.

Le ministère de la Famille assume la direction de ce projet. Avec les informations fournies par la Commune, le ministère compose le Guide du citoyen et prend en charge l'intégralité du financement pour la production et la publication, incluant les coûts du design visuel, de la maquette commune à toutes les communes du pays, ainsi que l'impression du livre.

Jerry Hartung insiste sur le fait que ce produit n'est pas seulement un guide informatif, mais représente également une forme d'intégration et un chaleureux message de bienvenue. Le guide apporte aux habitants toutes les informations dont ils ont besoin tout en constituant un appel à ceux qui souhaitent participer activement à la vie communale de Differdange et du pays. Il

cipatioun an esou weider. De Guide ass u sech en Aktiounsinstrument, dat all d'Bierger encouragéiert, aktiv ze ginn an um kulturellen a soziale Liewe vun der Gemeng deelzehuelen.

Dëst ass ee wichtegen Outil fir de Leit déi néideg Informatiounen fir ee gudde Start ze ginn, besonnesch fir Leit, déi sech net esou auskennen, awer gären Uschloss fannen.

Wéi gesot, d'Konventioun, déi mer haut hei stëmmen, definéiert d'Rollen an d'Verantwortung vun der Stad Déifferdeng an dem Familljeministère. D'Zesummenaarbecht start offiziell de 5. Januar 2026. Mir erwaarden ee laangfristeg a produktive Projet, well dee soll mat Liewe gefëllt ginn. A wa Saachen an der Stad änneren/bäikommen, gëtt dat ugepasst.

Déi éischt Versioun soll eis den 18. Mee 2026 iwwergerinn.

Mir als Gemeng engagéieren eis, déi néideg Ressourcen zur Verfügung ze stellen. Dorënner dann déi Responsabel, déi d'Koordinatioun vum Projet innerhalb vun eise Servicer iwwerhuelen, an datt eis Servicer am gesaten Delai all déi néideg Donnéeën an Informatiounen liwweren.

Mir iwwerhuelen och d'Veréffentlechung vum Guide, souwuel an der gedréckter Form wéi an enger digitaler Versioun. Ech mengen, do hu mer jo eisen Internetsite, dee fir all Awunner einfach zougänglech ass.

Wichteg ze wëssen: De Guide ass a fënnef Sproochen: Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, Portugisesch an Englesch.

De Ministère huet de Lead dran. Dat heescht si stelle mat onse geliwwerten Informatiounen de Biergerguide zesummen a si iwwerhuelen déi ganz Finanzéierung fir d'Produktioun an d'Veréffentlechung vum Guide, also d'Käschte fir de visuellen Design, also déi ganz Maquette, déi fir all d'Gemengen aus dem Land d'selwecht ass, an den Drock vum Buch.

Dëse Produit ass net just ee Guide mat Informatiounen, et ass och eng Form vun Integratioun. Et ass een Häerzlech-Wëllkomm-Heesche bei eis. De Guide

bréngt net nëmmen den Awunner all d'Informatiounen, déi se brauchen, mee et ass och een Appell un déi, déi elo an der Gemeng Déifferdeng an an eise Land aktiv matmaache wëllen.

En encouragéiert d'Bierger, sech a Form vum Benevolat, der Participatioun a sozialer oder weidere Form vum Interaktioun mateneen ze engagéieren. Et ass u sech eng Plaz fir all Awunner, fir zesummenzeschaffen, d'Gesellschaft ze stäerken an d'Diversitéit ze fërderen – an ze feieren.

Ech wëll dofir dem Familljeministère fir d'Zesummenaarbecht Merci soen, datt mir dëse Biergerguide gemeinsam realiséieren kënnen a bidden Iech, der Konventioun zouzestëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Den Här Aguiar, wannechgelift.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, nous, déi gréng, souhaiterons vraiment saluer cette initiative du ministère de la Famille, de la Solidarité, du Vivre-ensemble et de l'Accueil pour cet accord de collaboration, ainsi que, naturellement, la Commune de Differdange pour la mise en place de ce Biergerguide.

Nous trouvons vraiment que c'est une excellente idée de proposer une brochure contenant des informations utiles à tous ceux qui vivent ou travaillent dans la commune, ou à ceux qui sont tout simplement de passage. Même avec les déviations. Mais cela va dans le bon sens, pour renforcer le vivre ensemble et lutter contre toutes les formes de discrimination.

Je ne vais pas entrer dans le détail du contenu, mais je pense qu'il est important de souligner ce qui se trouve dans ce guide, que ce soient les bâtiments publics, les écoles, les services communaux, la mobilité et le transport public, ainsi que les adresses utiles au quotidien.

4. Actes et conventions

Et tout ça est disponible en cinq langues, comme monsieur Hartung vient de le dire. Donc, nous saluons également cette démarche imposée par le ministère; c'est une démarche inclusive et on peut s'en réjouir.

Comme l'a dit également monsieur Hartung, le format numérique est à saluer. Une bonne chose pour le paperless. Mais j'ai aussi lu qu'il y aura 500 brochures imprimées, à la disposition de la commune. J'imagine que ces brochures seront éventuellement disponibles dans le cadre de différents événements, comme l'accueil des nouveaux arrivants ou d'autres événements importants.

Il y aura aussi 10 000 cartes postales, 10.000 Postkaarten. Est-ce qu'elles sont destinées à quelque chose? Est-ce qu'il y aura, par exemple, une distribution toutes boîtes éventuellement, pour faire justement la promotion de cette brochure du Biergeruide? Ce serait intéressant de savoir.

Pour terminer, j'ai vu sur le site du ministère que 43 communes ont déjà participé à ce Biergeruide. Nous serions éventuellement la 44e commune. Ce n'est pas mal. Mais si c'est le 18 mai, nous aurons un tout petit peu plus de retard. Mais, naturellement, nous saluons vivement cet accord. Et naturellement, déi gréng voteront un grand oui à ce projet. Merci de votre attention.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Aguiar. Den Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeinnen a Kollegen aus dem Gemeengerot. Och vun déi Léink aus begrësse mer d'Realisatioun vun dësem Biergeruide. En effet maache meng Kollegen um Ministère do super Aarbecht – fir just transparent ze maachen, dass ech do niewendru setzen an net ganz onparteiesch an deem Sënn sinn.

Mee ech mengen, och neutral objektiv gesinn ass dat eng Initiativ, déi einfach vum Ministère aus alle Gemenge relativ

eenheetlech d'Méiglechkeet gëtt, en änleche Guide ze realiséieren.

D'Realitéit vun de Leit zu Lëtzebuerg ass, dass se net méi onbedénkt hiert ganz Liewen an där nämmelechter Gemeng wunnen. Vill Leit kommen un an enger Gemeng, dat ass oft zu Lëtzebuerg d'Stad Lëtzebuerg oder Esch. An duerno entdecker se, dass Lëtzebuerg nach e bësse méi grouss ass wéi d'Stad Lëtzebuerg, an dann installéiere se sech méi laangfristeg an anere Gemengen. Esou mécht et einfach Sënn, wann an all Gemeng an engem änleche Format déi wichtegst a grondsätzlechste Informatiounen disponibel sinn.

Dat ass dat, wat mat deem Biergeruide hei geschitt. Wou net jiddereen d'Rad muss nei erfannen. An deene leschten zwanzeg Joer hu verschidde Gemengen hir ganz eege Biergeruiden entwéckelt, mat ganz verschiddene Konzepter. A meeschtens mat enger Schwierigkeet, nämlech dass se ganz schnell net méi aktuell waren. Dat hei ass ee Konzept, wou einfach eng Maquette erméiglecht, ëmmer erëm dat ze aktualiséieren.

Et gëtt och scho Gemengen, déi eng éischt Aktualiséierung gemaach hunn, wéi Beetebuerg zum Beispill. A wou een dann digital oder och am Print dat einfach ka maachen als Gemeng, all d'Outilen an de Grapp kritt, fir déi Aktualiséierungen ze maachen.

An, zum Beispill, déi Postkaarten, déi bleiwen dann awer aktuell. Déi erlazen engem dann einfach ëmmer digital, wat jo ëmmer méi geschitt mat QR-Code, déi aktuellste Versioun ze fannen.

An deem Sënn ass dat heite ganz wäertvoll. Et ass gutt, dass mer dat maachen.

Den Accueil vun Netlëtzebuerger, oder mol net vun Netlëtzebuerger, den Accueil vu Bierger vun hei, och Lëtzebuerger hei an eiser Gemeng, mécht sech awer net just mat engem Biergeruide. Dee mécht sech och mat anere Mesuren. Eng vun de Mesuren, déi mer jo och reegelméisseg maachen, ass d'Journée de bienvenue, dass mer all neie Bierger invitéieren. An ech géif dozou invitéieren, sech nach weider Saachen ze iwwerleeën, déi Journée de bienvenue ass oft just eemol am Joer ...

(Ënnerbriechung)

encourage les citoyens à s'engager à travers le bénévolat, la participation sociale et d'autres formes d'interaction.

C'est un espace pour tous les habitants permettant de collaborer, de renforcer la société et de promouvoir et célébrer la diversité. Il remercie le ministère de la Famille pour cette collaboration qui permet de réaliser ensemble ce guide citoyen.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) *salue cette initiative du ministère de la Famille et de la Solidarité, du Vivre-ensemble et de l'Accueil, ainsi que la Commune de Differdange pour la mise en place de ce guide citoyen. Il trouve excellente l'idée de produire une brochure fournissant des informations pratiques pour tous les citoyens, les travailleurs et les visiteurs. Cette initiative va dans le bon sens pour renforcer le vivre-ensemble et lutter contre toutes formes de discriminations.*

Sans entrer dans les détails du contenu, il juge important de souligner ce que contient le guide : bâtiments publics, écoles, services communaux, mobilité et transport public ainsi que les adresses utiles au quotidien. Il salue particulièrement la démarche inclusive avec la disponibilité en cinq langues et apprécie le format numérique pour l'aspect écologique.

Il note que 500 exemplaires seront imprimés et imagine qu'ils seront disponibles lors d'événements, comme l'accueil des nouveaux arrivants.

Il s'interroge sur la destination des 10 000 cartes postales prévues et se demande s'il y aura une distribution toutes-boîtes pour promouvoir le guide. Il constate que 43 communes disposent déjà de ce guide et que Differdange serait la 44e.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *exprime son soutien à la réalisation de ce guide citoyen, tout en mentionnant pour la transparence que ses collègues au ministère effectuent un excellent travail.*

Il explique que la réalité des habitants au Luxembourg est qu'ils ne passent plus nécessairement toute leur vie dans la même commune. Beaucoup arrivent initialement à

4. Actes et conventions

Luxembourg-Ville ou Esch, puis découvrent que le Luxembourg est plus vaste et s'installent dans d'autres communes. Il trouve donc logique que chaque commune dispose, dans un format similaire, des informations les plus importantes et fondamentales. Ce guide permet d'éviter que chaque commune réinvente la roue.

Il note que diverses communes ont développé leurs propres guides ces vingt dernières années avec différents concepts, mais avec la difficulté de les maintenir à jour. Le concept actuel permet une maquette facilement actualisable, comme l'a démontré Bettembourg avec sa première mise à jour.

Les cartes postales restent actuelles et permettent, grâce à un code QR, d'accéder à la version la plus récente.

Gary Diderich souligne que l'accueil des citoyens ne se limite pas au guide et mentionne la journée de bienvenue organisée tous les deux ans. Il suggère de développer des formats plus petits et plus simples pour permettre aux nouveaux arrivants de rencontrer rapidement leurs concitoyens, comme des soirées de jeux de société spécifiquement destinées aux nouveaux habitants, facilitant ainsi les interactions entre les personnes.

FRANÇOIS MEISCH (DP) souligne qu'il est positif que les citoyens puissent, lorsqu'ils arrivent nouvellement dans une commune, obtenir toutes les informations principales en un seul endroit, que ce soit sous forme de brochure imprimée ou numérique. Il mentionne que certaines communes produisent déjà de telles brochures depuis une douzaine d'années en régie propre. Il se réjouit que Differdange suive désormais cette voie et indique qu'ils voteront volontiers en faveur de cette proposition.

JERRY HARTUNG (CSV) répond aux questions concernant les exemplaires et les cartes postales. Il explique que le ministère fournit effectivement 500 exemplaires. L'intention est de les distribuer lors d'activités, comme l'a suggéré monsieur Aguiar, mais également de les proposer au bureau des ci-

All zweet Joer. Oft ass et eemol am Joer a verschiddene Gemengen. Bei eis ass et all zweet Joer, dat ass, en effet, nach manner oft. A bei de Bierger, déi nei ukommen, ass de Besoin, am beschte Fall, awer relativ kuerzfristeg, Leit och kennenzelëieren an hirer neier Gemeng. Natierlech d'Noperen als Éischt, awer och soss Matbierger.

An do denken ech, dass een och ka méi kleng, méi einfach Formater entwéckelen, wou ee ka Saachen en place setzen. A sief et einfach, fir e Gesellschaftsspill-Owend spezifesch nei Bierger ze invitëieren. Et muss een net onbedéngt nei Aktivitéite maachen, mee et invitëiert een ee spezifesch Publikum fir eppes, wat ee schonn organisëiert. Wou een d'Leit kann zesummebréngen, dass se sech méi schnell och ënnerenee kënnen kennelëieren.

Well och eng Journée de bienvenue ass oft esou axéiert, dass een d'Gemeng virstellt, awer d'Interaktioun tëschent de Leit kënnt do oft ze kuerz. An dat wär, mengen ech, ee ganz wichtige Schratt och fir den Accueil. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Den Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Et ass ze begrëissen, dass d'Bierger kënnen, wa se nei an enger Gemeng sinn, haaptsächlech, alleguer d'Informatiounen op enger Plaz ze kréien. Hei dann an enger Broschür gedréckt oder digital, wéi och ëmmer. Et gëtt awer Gemengen, déi scho säit enger Dose Joren esou Broschüre selwer an Eegeregierung gemaach hunn. Si frou, dass Déifferdeng och elo nozitt. Mir kënnen dat hei gären, gäre matstëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Meisch. Keng aner Wuertmeldung. Mir kommen zum Vott. Den Här Hartung, pardon, ech hat Iech elo net gesinn.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Op d'Fro zu den Exemplairen an de Postkaarten: Effektiv, et gëtt 500 Exemplaire vum Ministère. Et ass u sech geduecht, dass mer se, wéi ugeschwat vum Här Aguiar, bei den Aktivitéiten dobäihunn, fir ze verdeelen. Awer och wollte mer am Biergeramt, wann nei Leit sech do umellen, dass se dat och do proposëiert kréien.

Mer wëlle se awer net en masse einfach esou verdeelen, mee wierklech geziilt, wou mer wierklech gesinn, dass d'Leit se wierklech och liesen. Well 500 Stéck sinn och, zum engen, séier fort. Zum anere bréngt et awer och näischt, drop setzenzebleiwen. Well no zwee Joer si se eeben net méi aktuell. Dofir ass et jo och gutt, dass, wéi gesot, mer déi online Versioun do hunn, déi ëmmer erëm aktualiséiert gëtt.

D'Postkaarte wäerten och an där Iwwerleeung, bei den Aktivitéiten oder am Biergeramt, esou matgi ginn, wann d'Leit et da léiwer online hunn.

Mee mir hu jo och den Diffmag hei zu Déifferdeng. Dofir ass mol net elo eis éischt Iwwerleeung, déi Postkaarten toutes boîtes auszedeelen. Well mer aus Erfahrung wëssen, dass dat souwisou zimmlech séier an d'Poubelle flitt a mol kee matkritt huet, wat do drop ass. Mee dass mer et éischter de QR-Code – also op de Postkaarten ass jo e QR-Code –, einfach an den Diffmag setzen, wou d'Leit kënnen direkt scannen.

Den Här Diderich huet gesot, fir den Accueil net nëmmen elo ee Biergerguide oder all zwee Joer esou eng Journée de bienvenue ze maachen. Mee mir hu jo och am Kader vum Pacte vum Vivre-ensemble – do si mer elo am zweete Joer, dass heescht dass zweet Joer ass ganz kloer am Kader vum Accueil des nouveaux arrivants gesat, awer och einfach d'Informatioun fir jiddwereen – zum Beispill de 14. Dezember e Biergeratelier am Tipi vun 11:00 bis 14:00 Auer. Dee wäert dëst Joer ganz kloer ënner dem Motto vum Accueil vun de Leit lafen.

De 14. Dezember vun 11:00 bis 14:00 Auer. Ech wollt dat den 3. Dezember eréischt an de Kommunikatiounen matdeelen, well dat zäitlech besser passt, mee vu dass et elo ugeschwat gouf, da wësst Der dat och elo.

4. Actes et conventions

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung, fir déi zousätzlech Detailer. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'accord de collaboration avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg relatif au « Bierger-guide ».

Ech soen Iech Merci. Den Här Ulveling presentéiert Iech d'Punkte 4b) a 4c) zesummen, well dat relativ no beienee läit. Wann näischt dergéint schwätzt, kënne mer déi och mateneen ofstëmmen no den Erklärungen vum Här Ulveling an no de Wuertmeldungen. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Et ass effektiv zweemol dat selwecht. An der Rue du Chemin de fer, wou déi ganz Garagé sinn, hu mer e ganze Koup Garagé kaaft an der Lescht. An do sinn elo zwou respektiv eng, déi an enger Zone non aedificandi sinn. Dat heescht, déi sinn um Domaine vun der CFL respektiv dem Staat. Dofir mussen mer eng kleng Tax bezuelen, fir dass mer déi kënne weiderhin do loossen.

Dat eent sinn aacht Meterkaree, wou mer um Territoire vum Ferroviaire sinn, an dat anert ass e bësse manner. Dat heescht, fir déi zwou Garagé mussen mer eng Kéier 200 Euro pro Joer bezuelen an eng Kéier 50 Euro pro Joer. A mir müssen d'CFL allkéiers informéieren, wa mer do Modifikatiounen géife wëlle maachen, respektiv Reparatiounen misste maachen. Doriwwer mussen si ëmmer an d'Bild gesat ginn.

Et ass eppes, wat bestanen huet. Wéi mer dat ofkaf hunn, hu mir dann och deen Deal hei misse matmaachen, fir den Terrain dierfen ze benotzen, wou d'Garage drop steet. Dat sinn e puer Meterkareeën, e puer Zentimeter Fläch.

Ech géif Iech bieden, deem zouzestëmmen. Dat ass eng Depense vun 150

Euro, am Gesamten, pro Joer. Dat ass, mengen ech, net ze vill.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen, Här Ulveling. Gëtt et Wuertmeldungen zu deenen zwee Punkten, soss géife mer zur Ofstëmmung iwwer déi zwee Punkte kommen? Wann dat okay ass fir Iech. Géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'autorisation domaniale avec l'État du Grand-Duché de Luxembourg et la SNCFL portant sur le maintien de deux garages empiétant sur le domaine ferroviaire de l'État.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de maintien d'un garage dans la zone « non aedificandi » du domaine ferroviaire (au P.K. 4,575-4,582 à Dfferdange).

Ech soen Iech Merci. Géif ech nach eng Kéier d'Wuert un den Här Ulveling ginn, fir eis d'Konventioun vu Lasauvage ze erklären. Dat ass de Punkt 4d). Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Hei geet et ëm eng Konventioun fir en Atelier d'artiste, wéi mer se kennen. D'Konditiounen sinn ëmmer déi selwecht. Zu Lasauvage 88 an 88A, rue Principale. Do ass um leschte Stack, ënner dem Daach, ee gréissert Lokal vun 100 Meterkaree, dat wäert un d'Madamm Fabienne Lentz verlount ginn. Dat ass eng Artistin. Si muss dofir 600 Euro tva comprise bezuele pro Mount fir dat Lokal.

Et ass eng Konventioun, wéi mer se kennen, wéi mer se ëmmer hunn. Dofir brauch ech all déi Konditiounen net erëm ze erklären, wat déi Leit mussen maachen. Si müssen, ënner anerem, all Joer un enger Expo deelhuelen, déi mir

toyens lorsque de nouvelles personnes s'y inscrivent. Il précise qu'ils ne souhaitent pas distribuer massivement ces documents, mais plutôt de manière ciblée, là, où ils constateront que les gens les liront vraiment.

Il souligne que 500 exemplaires peuvent partir rapidement, mais qu'il ne sert à rien d'en accumuler, car ils ne seront plus actuels après deux ans. C'est pourquoi la version en ligne, constamment actualisée, représente un avantage.

Les cartes postales seront également distribuées lors d'activités ou au bureau des citoyens pour ceux qui préfèrent la version numérique. Il mentionne que Differdange dispose du Diffmag et que leur première intention n'est pas de distribuer les cartes postales dans toutes les boîtes aux lettres, sachant par expérience qu'elles finissent rapidement à la poubelle sans que personne ne prenne connaissance de leur contenu. Ils préfèrent plutôt utiliser le code QR présent sur les cartes postales dans le Diffmag pour permettre un scan direct.

Concernant l'accueil mentionné par monsieur Diderich, il précise qu'il ne s'agit pas seulement d'un guide citoyen ou d'une journée de bienvenue tous les deux ans. Dans le cadre du Pacte du vivre-ensemble, dont c'est la deuxième année, l'accent est mis sur l'accueil des nouveaux arrivants et l'information générale. Il annonce qu'un atelier citoyen se tiendra le 14 décembre au Tipi de 11 h à 14 h, consacré à l'accueil des habitants. Il précise qu'il voulait initialement communiquer cette information le 3 décembre, mais, puisque le sujet a été évoqué, il en informe l'assemblée immédiatement.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) donne la parole à monsieur Ulveling pour présenter ensemble les points 4b et 4c.

TOM ULVELING (CSV) explique qu'il s'agit effectivement de deux cas similaires concernant des garages dans la rue du Chemin-de-Fer. La Commune a récemment acquis plusieurs garages, dont deux se trouvent dans une zone interdite à

4. Actes et conventions

la construction du domaine des CFL et de l'État. Elle doit payer une taxe pour pouvoir les conserver : 200 € par an pour huit mètres carrés sur le territoire ferroviaire et 50 € par an pour l'autre garage.

La Commune doit informer les CFL de toute modification ou réparation envisagée. Cette situation existait déjà lors de l'acquisition et la Commune a dû accepter cet arrangement pour utiliser le terrain où se trouvent les garages.

Il demande l'approbation de cette dépense annuelle totale de 150 €.
(Vote)

Tom Ulveling présente une convention avec un atelier d'artiste selon les conditions habituelles. Au 88 et 88a, rue Principale à Lasauvage, sous les combles, un local de cent mètres carrés sera loué à madame Fabienne Lentz pour 600 € TTC par mois. Les conditions classiques s'appliquent : participation annuelle à une exposition organisée par la commune et ouverture de l'atelier au public lors des journées portes ouvertes des artistes.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) *présente le point 4e concernant un contrat de bail commercial au 10, place du Marché à Differdange. Il exprime sa satisfaction particulière de pouvoir présenter ce dossier concernant la gelateria Gondola, précédemment située à une autre adresse. Il explique avoir personnellement rencontré le propriétaire précédent face à une hausse locative de 150 % à 180 %, devenue insupportable pour les locataires. Malgré ses démarches et sa bonne volonté, il n'a pas trouvé d'écoute favorable. Le collègue échevinal propose donc de louer à la gelateria une partie du Petit Casino, précisément la partie droite actuellement occupée par les bureaux du service écologique, selon les conditions détaillées dans le contrat de bail présenté.*

Guy Altmeisch exprime sa satisfaction concernant l'accord trouvé avec le nouveau locataire. Il demande l'approbation du conseil communal pour le contrat de bail présenté.

als Gemeng organiséieren. A si müssen och matmaachen, wann d'Artisten hir Atelieren opmaachen, fir dass d'Populatioun kann eragoen a sech dat uukken.

Ech géif Iech bieden, wéi Der dat an der Vergaangenheet gemaach hutt, och dës Kéier matzestëmmen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech soen Iech Merci, Här Ulveling. Wuertmeldungen dozou? Dat ass net de Fall, da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de mise à disposition d'un atelier d'artiste situé aux 88 et 88 a, rue Principale à Lasauvage, pour madame Fabienne Lentz.

Ech soen Iech Merci. Komme mer zum Punkt 4e), engem Contrat de bail commercial op der Adress 10, Place du Marché zu Déifferdeng. Wou ech besonnench frou driwwer sinn, fir Iech deen haut kënnen ze erklären an deen Iech haut virzestellen.

Et handelt sech dobäi ëm eis Gelateria, der Gondola, déi op enger anerer Adress virdru war a wou ech selwer bei de Proprietär gaange sinn, well mer do, initialement, vun enger Hausse locative geschwat hu vun 150 % bis 180 %, wat déi Leit net méi konnte stemmen. An ech sinn och do, trotz mengen Demarchen a menge Rieden a mengem gudde Wëllen, beim Proprietär net op oppen Ouere gestouss, fir léif ze bleiwen.

Doropshin hu mer eis als Gemeng an als Schäfferot zesumme gesat. Fir awer déi Plus-value fir eis Bierger an déi Adress net ze verléieren, si mer zur Konklusioun komm, dass mer Iech proposéieren haut, dass mer hinnen een Deel vum Kleng Casino, an zwar deen Deel riets, wou eisen Environnement elo seng Büroen dran huet, géife verlounen, zu deene Konditiounen an zu deem System, deen Der hei am Contrat de bail am Detail virun Iech leien hutt.

Mir si frou, dass mer eis eens gi si mat deem neie Locataire. Et géif mech och freeën, wann ech Är Zoustëmmung kréich fir dee Contrat de bail, deen Der virun Iech leien hutt.

Här Cillien, wannech gelift.

ERIC CILLIEN (DP):

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Ech wollt Iech felicitéieren, datt Der dat dote fäerdegbruecht hutt. Et ass eng gutt Saach. Dann hu mer op d'mannst emol erëm eppes op eiser Maartplaz, wat déi da belieft. Hoffentlech kommen nach aner Lokaler dobäi, well am Moment ass et e bëssen trist. Mee ech vertrauen dorobber, datt Der do alles maacht, fir dat hinze kréien. Ech soen Iech villmools Merci. Mir stëmmen dat natierlech mat.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Cillien. D'Madamm Pregnno, wannech gelift.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. Gudde Moie vu menger Sait. Mir begrëssen natierlech och dës Ouverture vun der Gondola. Well mer jo alleguerten, mengen ech, immens betraff waren, dass dat sollt an der Foussgängerzon verschwannen. Well et awer eng Terrass oder och einfach ee Lokal war, wat Wanter wéi Summer gutt besicht war.

Ëmsou méi frou, dass se op der Maartplaz, wéi den Här Cillien sot, ënnerkomm ass, well dat dann d'Plaz och erëm belieft, vu dass och elo deen Eck erëm zou ass. Ech mengen, iergendwéi hänkt do esou ee schlecht Omen iwwer deem Lokal am Eck, dass do näischt laang drableift, trotz dem Beméie vun alle verschiddene Parteien, déi scho mol doru geschafft hunn.

Ech hätt just kleng eng Fro, wat de Service écologique ugeet: Wouhi plënnert deen dann elo? Well et war jo scho mol rieds, dass dee sollt an deen neien Atelier kommen. Komme se elo dohinner? Kënnt Der eis do vläicht renseignéieren, wouhi se kommen?

4. Actes et conventions

An da wollt ech awer och froen, wéi et ausgesäit mat der Aarbecht vum City-Manager. Hutt Der mëttlerweil e Konzept, wat den Zentrum ugeet? An de leschte Rapporten ass jo scho mol vum CAE drop higewise ginn, dass et ee Konzept gëtt fir eidel Lokaler. Dee leschte Rapport, dat war méi esou en Alltagsrapport, well d'Braderie punkto Mobilitéit jo immens schlecht gelaf war. Do waren esou Saachen dran.

Et wär flott, wa mer eng Kéier géifen als Gemengerot de Point gemaach kréien: Wou si mer drun? Wou wëlle mer hin? Wat sinn d'Leitinnen? Ass Interêt do vum 1535°, vun deene Leit, déi do schaffen, an den Zentrum ze kommen, souwéi den Här Altmeisch et am „Tageblatt“ gesot huet, wéi et am Rapport steet? Ännert de Maart eppes drun, wann et eng Nocturne gëtt?

Dass mir als Gemengerot och emol géifen déi Informatiounen aus éischter Hand kréien a se net bräichten zesummenzesichen a vläicht emol fannen – mee fannen ass och relativ. Ech géif et begréissen, wa ganz kloer eng Kéier géif vläicht eng Versammlung stattfannen an Dir géift, en bonne et due forme, Ried an Äntwert stoen. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Pregno. Den Här Olten.

CLAUDE OLTEN (CSV):

Merci fir d'Wuert. Ech schléisse mech op jidde Fall deene Wierder hei alleguerten un, well et ass schued, dass d'Gondola net méi an der Foussgängerzon ass. Mee et ass awer elo gutt geschafft ginn, dass se wéinstens elo op der Maartplaz ee Geschäftsraum kréien, dee se elo lounen. Ech mengen, dat kann dozou bäidroen, dass déi Maartplaz erëm e bësse beliebt gëtt. Well mir wëssen alleguer, wéi d'Situatioun am Moment do ass. Et ass op jidde Fall gutt geschafft ginn. Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Olten. Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Här Buergermeeschter, merci fir d'Wuert. Ech ginn op deen heite Fall an, als LSAP awer och als President vum Comité d'accompagnement. Ech si ganz frou, dass Der do een Accord fonnt hutt. Ech wousst e bësse méi doriwier, well ech jo och implizéiert sinn, an déi Demarchen, déi gemaach ginn. An och, dass do eng Demarche en vue wär. Ech si frou, dass et zu engem gud-den Enn komm ass.

Mee, wéi et dann och gesot ginn ass, bleift nach vill Handlungsbedarf op der Maartplaz. Den Här Buergermeeschter wäert Iech herno soen, och den Här Ulveling, wou een drun ass. Ech weess dozou e bëssen, well ech regelméisseg a Kontakt sinn.

Ech muss awer agestoen, dass et immens schwierig ass, esouguer vill méi schwierig wéi mer ufanks geduecht hatten. An ech wëll elo net méi dozou soen. Mee et geet op jidde Fall virun.

Awer zum Lokal hei wéilt ech nach vläicht eng Suggestioun mat op de Wee ginn. Dat ass, dass d'Terrass ka méi oft op sinn. Et ass een allgemenge Probleem vun der Maartplaz, wouriwmer mer och geschwat hunn, fir d'Terrasse kënnen vläicht méi laang am Joer oder méi oft am Joer kënnen ze installéieren. An net nëmmen an där Zäit, déi virgesinn ass vum Reglement. Souguer vläicht d'ganz Joer iwwer. Dat ass alles ze kucken, dass mer hei och d'Méiglechkeet vun enger Terrass ginn an och ekipéieren, dat och virzegesinn.

Am Casino gëtt et een Ekipement, vun deem scho kéint profitéiert ginn, eventuell souguer fir eng zouen Terrass. Déi Saache sinn ze iwwerleeën.

Ech war mer dat och ukucken, ech fannen et ee ganz flott Lokal. Mee ech hunn ee kleng Problem gesinn, an ech géif Iech bidden, do nach ze intervenéieren, ze kucken, dat ass d'Accessibilitéit a mobilitéit reduit.

ERIC CILLIEN (DP) félicite le bourgmestre pour avoir mené ce projet à bien. Il considère que c'est une bonne chose, car cela permettra d'avoir enfin quelque chose qui anime la place du Marché. Il espère que d'autres locaux suivront, car la situation actuelle reste un peu triste. Il fait confiance au bourgmestre pour tout mettre en œuvre dans ce sens et annonce que son groupe votera favorablement.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) se réjouit de l'ouverture de la Gondola, car tout le monde était très affecté par sa disparition de la zone piétonne, où elle constituait une terrasse et un local très fréquentés été comme hiver. Elle est d'autant plus heureuse que l'établissement s'installe sur la place du Marché, ce qui va redonner vie à cet espace, d'autant que le local du coin est à nouveau fermé. Elle note qu'une sorte de malédiction semble peser sur ce local du coin, où rien ne reste longtemps, malgré les efforts de différentes parties.

Elle pose une question concernant le service écologique, demandant où il va déménager, puisqu'il était question qu'il aille dans le nouvel atelier.

Elle souhaite aussi des informations sur le travail du city-manager et demande s'il existe un concept pour le centre-ville. Elle rappelle que le CAE avait évoqué dans ses derniers rapports l'existence d'un concept pour les locaux vides. Elle souhaiterait que le conseil communal soit informé directement sur la situation actuelle, les objectifs, les lignes directrices, l'intérêt éventuel du 1535° de venir au centre-ville comme mentionné dans le Tageblatt. Elle demande si le marché nocturne change quelque chose à la situation et souhaiterait une réunion, où le bourgmestre pourrait répondre aux questions en bonne et due forme.

CLAUDE OLTEN (CSV) se joint aux propos précédents. Il regrette que la Gondola ne soit plus dans la zone piétonne, mais reconnaît que c'est un bon travail d'avoir trouvé un espace commercial sur la place du Marché, qu'ils peuvent maintenant louer. Il pense que cela peut

4. Actes et conventions

contribuer à redynamiser cette place, dont tout le monde connaît la situation actuelle.

ERNY MULLER (LSAP) *se dit très heureux de cet accord, étant impliqué dans les démarches. Il reconnaît qu'il reste beaucoup à faire sur la place du Marché et admet que c'est beaucoup plus difficile que prévu initialement.*

Il suggère que les terrasses puissent rester ouvertes plus longtemps dans l'année, voire toute l'année, et non seulement pendant la période prévue par le règlement. Il mentionne la possibilité d'une terrasse fermée avec l'équipement du Petit Casino. Il soulève le problème de l'accessibilité pour les personnes à mobilité réduite, notant que l'accès principal ne comporte que des escaliers et qu'il faudrait trouver une solution pour permettre à ces personnes d'accéder au local.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) *approuve cette initiative, qui répond au besoin d'animation de la place du Marché et résout deux problèmes qui se posaient.*

Il demande des nouvelles concernant les autres dossiers relatifs à la place du Marché, notamment le local dont la commune s'occupe directement, espérant retrouver une dynamique positive. Il considère cette solution comme positive et la soutient pleinement.

GUY ALTMEISCH (LSAP) *remercie d'abord les conseillers pour leurs réflexions et la plus-value qu'ils apportent concernant la place du Marché, un lieu qui tient particulièrement à cœur au collège échevinal. Il assure que pas une semaine ne passe sans que l'équipe dirigeante ne discute de cette place et ne cherche des solutions pour y ramener de la vie, restant en permanence mobilisée sur ce dossier.*

En réponse à la première question de madame Pregno concernant l'avenir des locaux du service écologique, le bourgmestre énumère les options possibles pour la ville, sans toutefois avoir pris de décision. La première option consiste à installer ces services dans le nouveau bâtiment CID à Niederkorn, tandis que la seconde envisage une

(Ennerbriechung)

Jo, hannen duerch. Mee wou ginn ech eran? Dee viischten Accès, do sinn nëmmen Träpen. Da muss ee kucken, fir eng Léisung ze fannen. Ech wëll elo net soen, wéi mer dat solle klären, wéi dat ka gemaach ginn, mee dass mer dat emol kucken, well dat ass och wichteg.

Ech mengen, déi Leit musse jo och kënnen do erakommen. Dat soll jo ee Lokal ginn, wat längerfristeg sech kann do etabléieren. Dat wär séier wichteg, wann dann och déi gastronomesch Betriber eng Kéier dann erëm reaktivéiert wäeren, mer do derniewent nach esou eng flott Gelateria hätte mat nach anere Prestatiounen. Dat ass natierlech immens wichteg. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Den Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci. Och vu mir aus, mir begreissen, dass dat heite gemaach gëtt. En effet, d'Maartplaz brauch Beliewung. An dat doten ass eng gutt Léisung fir zwee Probleemer, déi sech gestallt hunn.

D'Fro, déi ech nach wollt stelle punkto Maartplaz, ass, wou een da mat deenen aneren Dossieren drun ass. Ob Der een Update hutt vun deem Lokal, wou mer selwer am Coup sinn. A vläicht wësst Der och méi iwwer dat anert Lokal, dass mer do endlech an eng aner Dynamik erëm fannen. Mee hei, wou mir jo elo méi een einfachen Afloss haten, ass dat doten eng gutt Léisung, déi mer jiddefalls begreissen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech probéieren dann, déi meeschte Froen ze beäntweren. Ech soen Iech éischstens emol Merci fir déi Iwwerleeungen an déi Plus-value, déi Der an déi Plaz do matinvestéiert. Déi Plaz, déi Maartplaz, déi eis wierklech um Häerz läit. Mer verbréngen als Schäfferot keng Woch, ouni dass mer doriwwer schwätzen, an ouni, dass mer no Léisunge si-

chen an esou virun. An Dir kënnt mer fräi gleewen, dass mer do permanent um Ball sinn, fir do Liewen op déi Plaz ze kréien.

Déi éischt Fro vun der Madamm Pregno war: Wat geschitt mat de Büroen vum Environnement? Do bidde sech zwou Alternativen un, wou mer nach net richtig festgeluecht hunn, wou mer déi Leit ennerdaach bréngen. Déi éischt Alternativ ass an deem neie CID zu Nidderkuer, déi aner ass am ale Spidol, wou mer elo d'Administratioun och gréisstendeels dran hu vun der Stad Déifferdeng. Do hu mer eis nach net festgeluecht, wou mer déi Leit ennerdaach bréngen. Mir wäerten an Zesummenaarbecht mat der Ressortcheffin a mat deene concernéierte Leit no enger adequater Léisung sichen.

Richtig ass d'Bemierkung iwwer d'Entwécklung vum City-Management – et ass ee Begrëff, deen ech net ganz gär an de Mond huelen. Mee iwwer de City-Management an d'Zukunft vun eiser ganzer Stad, dass mer dat solle publik maachen. Ech mengen, dat wier ee Punkt, deen awer vill Leit, net nëmmen heibannen, och dobaussen, géif interesséieren.

An ech géif souguer proposéieren, dass mer dat op den Ordre du jour huele vum nächste Gemengerot, fir dass mer dat kënnen en public hei diskutéieren, an dass mer – mir an der Ronn hei, an och d'Leit dobaussen – virgestallt kréien, wat d'Illusiounen, wat d'Zukunft a wat fir eng Méiglechkeeten op sinn an opginn, an u wéi eng Rahmen mer eis do ze halen hunn. Da wësst jiddwereen dat. Da wieren och, wéi Der zu Recht bemierkt, manner Froen an der Stad, déi sech do gestallt ginn.

Een Update fir deen Eck, wéi mer e bezeechent hunn, dee mer jo gutt kennen, déi Restauratioun. Dat ass, leider, esou ausgegangen, wéi ech dat am leschte Gemengerot e bësse virausgesinn hat, dass mer et do elo schlussendlech mat enger Faillite ze dinn hunn. Mir hu mat enger Faillite ze dinn, a mir hu mat engem Curateur ze dinn, deen den Eescht an d'Urgence vun der Situatioun ganz genau erkannt huet a mat där mer sur place waren, wou mer en État des lieux gemaach hunn.

4. Actes et conventions

Leider hu mer misse verschidde Schied feststellen, déi do entstane sinn. Nom Accord och vum Riichter, dee sech ëm Faillitte këmmert, wäerte mer déi Schied behiewen a wäerte mer och do eng gréisser Botzaktioun virhuelen, fir déi Adress, déi elo nach leider zou ass a muss zoubleiwen, bis mer um Niveau sinn, deen haut erfuerdert ass – mir sinn am sanitäre Beräich an och am Hygiène-Beräich –, fir déi Adress dann nei kënnen ze lancéiere mat engem neie Locataire.

Mee ech si frou, dass mer, point de vue vun der Faillite, et mat Leit ze dinn hunn, déi den Eescht vun der Situation erkennt hunn a sech och bewusst sinn, dass mer als Gemeng esou séier wéi méiglech wëllen déi Adress do nei beliewen, mat engem frësch motivéierte Locataire, fir dass mer awer d'Maartplaz belieft kréien.

Dofir sinn ech frou, wa mer elo deen Accord, deen éischte Contrat de bail hei stëmmen, dass mer een éischt Liewenszeechen op der Plaz kréien. An ech hoffen, dass mer déi aner Alternativen, déi nach opstinn, fir d'Maartplaz ze beliewen, esou séier wéi méiglech aktivéiert kréien, och mat deem Privatproprietär, deen nach op der Plaz ass an och nach sicht no engem Locataire, fir déi Restauratioun do och erëm un d'Liewen ze kréien.

Den Här Wagner nach, wannechgelift.

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Ech wollt just nach eppes dobäifügen, et war de Maart ugeschwat ginn. Effektiv si mer amgaangen ze kucken, ob et méiglech wär, esou een Afterwork-Maart ze maachen, eemol de Mount. Dat eenzelt, wat do – net dogéint schwätzt, mee wie mer müssen an d'Boot mathuelen, sinn natierlech d'Maartsleit, déi och een Timing hunn, dee beschränkt ass. Well déi si moies zu Diddeleng an da mëttes bei eis. Ob déi dann nach méi laang kënnen do sinn, respektiv och do ass et eng Saach vu Coupure. Déi kommen nämlech direkt vun do heihinner. Dann hu se Zäitverloscht, wann dat méi spët wär. Mee dat kucke mer.

Aus éischter Hand kann ech Iech awer mol matdeelen, dass mer ee Marché

provençale d'nächst Joer hunn, ee ganze Weekend am Fréijoer, mat 30 Aussteller op der Maartplaz. Dat ass dann eng Info aus éischter Hand, Madamm Pregno. Wannechgelift.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Wagner. Mir kommen zum Vott vun deem Contrat de bail, wat am Fong elo e bëssen ausgeschwieft huet, mee wat awer och interessant war, fir dat publik ze maachen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial relatif à un local situé au no 10 de la place du Marché à Differdange avec Gondola Junior.

Ech soen Iech Merci. Komme mer zum Punkt 4f). Här Wagner, wannechgelift.

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Hei geet et ëm een Avenant vun engem Contrat de bail vu September 2021. Am Centre medico verloune mer jo Arcus zwee Büroe fir hiert Familljenhaus-Konzept. Mir kënnen hinnen elo awer zwee weider Büroe zur Verfügung stellen, esou dass mer vu 25,32 Meterkaree op bal dat Duebelt oder méi wéi dat Duebelt, op 56,88 Meterkaree eropginn. Deementspriedend gëtt dann de Loyer am Total och méi héich.

Esou hu mer u sech zwee Eefamilljenhaiser vun Arcus an der Gemeng. Eent, wéi gesot, am Medico. An neierdénge, wat mer kierzlech ageweit hunn, dat op der Place des Alliés um Fousbann. Dat erméiglecht Arcus nach méi Consultatiounen ze maachen an esou hir Prestatiounen ze erweideren. Mir schwätzen hei vu Familljeberodung am psychosoziale Beräich, also Aide à l'assistance familiale bis Placement familial. Merci, fir dëst esou matzedroen.

relocalisation dans l'ancien hôpital, où se trouve déjà une grande partie de l'administration communale de Differdange. La décision sera prise en collaboration avec la responsable du ressort et les personnes concernées afin de trouver la solution la plus adéquate.

Le bourgmestre reconnaît la pertinence de la remarque concernant le développement du city management et l'avenir de la ville, estimant que ces questions méritent d'être rendues publiques. Il considère que ce sujet intéresse non seulement les membres du conseil, mais aussi de nombreux citoyens. Il propose donc d'inscrire ce point à l'ordre du jour du prochain conseil communal pour permettre une discussion publique, où seront présentées les visions, les perspectives et les possibilités qui s'offrent à la commune, ainsi que le cadre dans lequel ces projets s'inscrivent. Cette transparence permettrait de réduire les interrogations qui circulent en ville. S'agissant de la situation du restaurant situé au coin de la place, le bourgmestre confirme malheureusement que l'évolution s'est déroulée comme il l'avait anticipé lors du dernier conseil communal, avec une faillite désormais effective. La Commune traite actuellement avec un curateur, qui a parfaitement saisi l'urgence de la situation. Un état des lieux a été réalisé sur place, révélant plusieurs dégâts, qui doivent être réparés. Après accord du juge responsable des faillites, ces réparations seront effectuées et une importante opération de nettoyage sera menée. L'établissement doit rester fermé jusqu'à ce qu'il réponde aux normes sanitaires et d'hygiène actuellement requises, avant de pouvoir rouvrir avec un nouveau locataire motivé.

THIERRY WAGNER (LSAP) ajoute que la Commune étudie la possibilité d'organiser un marché after-work mensuel. La principale difficulté réside dans les contraintes horaires des marchands, qui sont à Dudelange le matin, puis l'après-midi à Differdange. Il annonce néanmoins qu'un marché provençal de trois jours avec trente exposants se tiendra sur la place du Marché au printemps prochain.

4. Actes et conventions

(Vote)

Thierry Wagner présente un avenant au contrat de bail d'arcus au centre médicosocial, permettant de doubler la surface louée de 25,32 m² à 56,88 m² pour leur concept de maison familiale, facilitant ainsi l'extension de leurs prestations de conseil familial et d'assistance psychosociale.

(Vote)

TOM ULVELING (CSV) expose la situation du réseau de chauffage urbain des Woiwerwisen, où plusieurs projets initialement prévus n'ont pas été réalisés aussi rapidement qu'anticipé, entraînant une pénalité pour la capacité de chauffage non utilisée.

Il explique que le nouveau conteneur scolaire du Bock, qui vient d'être installé, nécessitera une redévance de puissance électrique. Il précise que la Commune s'est arrangée pour ne pas payer cette prime cette année, mais qu'elle sera répartie sur trois ans. Il indique que la Commune devra respecter ces dispositions après trois ans.

La prime s'élève à 4,91 €/kW mensuellement, soit 1227 € hors TVA par mois, montant, qui ne sera pas payé cette année, mais devra l'être les années suivantes. Il conclut que l'avenant a été établi pour se conformer à ces exigences.

(Vote et pause)

JERRY HARTUNG (CSV) présente un avenant pour prolonger la location du Karro à l'ONA. Il rappelle que la commune perçoit un peu plus de 25 000 € de loyer mensuel et que toutes les charges passent directement par l'ONA.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen, Här Wagner. Eng Wuertmeldung dozou? Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le premier avenant au contrat de bail avec Arcus Kanner, Jugend a Famill ASBL pour les besoins de son projet Familljenhaus au no 23 de la Grand-rue à Differdange.

Da géife mer de Punkt 4g) nach traitéieren, duerno géife mer zéng Minutte Paus maachen. Här Ulveling, Dir hutt d'Wuert, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Am Energiekonzept vun de Woiwerwisen, wou Servior jo elo d'Altersheim gebaut huet, huet LuxEnergie e Réseau de chauffage urbain geluecht. Dat ass déi berühmte Lokomotiv, nennen ech se mol, déi do steet. Wou dann d'École Woiwer, de Servior an normalerweis och d'Wunnenge sollten drun ugeschloss ginn.

Et war nämlech deemools virgesinn, dass een eventuell fënnf Residenzen do kéint bauen. A spéiderhi war dann och virgesinn, dass déi berühmte Lokomotiv da sollt an engem zukünftege Gebai installéiert ginn, also verschwannen.

Do ware ganz vill Projeten an der Diskussioun, deemools – dat geet op d'Joer 2019 zrëck –, ënner anerem en Atleethik-Stadion, eng Sportschoul, eng Extensioun vun der Schoul a leschtens och eng provisoersch Sportshal.

Mee bis haut sinn d'Residenzen oder d'Projeten net esou schnell gebaut ginn, wéi se am Fong virgesi waren. Dofir sinn dann elo 250 Kilowatt Heizleschtung, déi d'LuxEnergie virgesinn hat, net ugeschloss. Deemools war dat och an der Konventioun festgehale ginn, dass mer déi Leeschtung net brauchen an och net kënne brauchen. Elo musse mer dann eng kleng Strof bezuelen, bis

mer erëm un dee Level komme vun deenen 250 Kilowatt Heizleschtung.

Dat Éischt wat elo kënnt, dat ass déi nei Bock-Containerschoul, déi mer do opgeriicht hunn. Déi wäert dann natierlech eng Leeschtung zéien, an op dräi Joer verdeelt si mer elo esou verbliewen, dass mer déi Leeschtungsprimm dëst Joer net bräichten ze bezuelen an duerno awer dann op dräi Joer verdeelt.

An duerno huele mer un, dass mer als Gemeng dann déi Bestëmmungen do erfëlle wäerten, no dräi Joer. Déi Primm ass 4,91 Euro pro Kilowatt monatlech. Dat heescht also pro Mount ass dat 1.227 Euro hors TVA, déi dann zwar dëst Joer ewechfällt, mee dann déi nächst Jore muss bezuelt ginn. An dofir ass dësen Avenant gemaach ginn, wéi gesot, fir eis do mat hinne konform ze setzen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Wuertmeldungen zu deenen Erklärungen? Nee. Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le deuxième avenant à la convention du réseau de chauffage urbain Woiwerwisen à Oberkorn.

Ech soen Iech Merci. Da géife mer eng Paus maache vun zéng Minutten. Duerno géife mer mam Punkt 4h) virufuehren. Merci.

(Paus)

Här Hartung.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Merci. Hei gesitt Der, hu mer een Avenant fir de Karro, dee mer un den ONA verlounen, fir dat ze verlängeren. Zur Erënnerung: Hei kréie mer e bëssen iwwer 25.000 Euro pro Mount Loyer, an all d'Chargë lafen direkt iwwer si. D'Verlängerung ass elo mol hei am Avenant bis den 31. März 2027. Mee

5. Plan annuel de gestion des forêts 2026

– an ech denken, do huelen ech elo vill Froen am Virfeld ewech – d’Zil ass natierlech nach ëmmer, fir et direkt u si ofzeginn, fir de Kafpräis vun deenen 12 Milliounen Euro erëm an eis Gemengekeess ze kréien. Déi eis guttdoe géifen, mir wëlle jo villes nach hei oprichten. Ech denken do, ënner anerem, u Schoulen.

Dësen Avenant géif dee Moment dann am géigesäitegen Einvernehmen opgeléist ginn. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Wuertmeldungen dozou? Mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver le deuxième avenant à la convention Karro relative à la mise à disposition de structures pour l’hébergement provisoire de demandeurs de protection nationale signé avec l’Office national de l’accueil (ONA).

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 5 vum Ordre du jour, dem Plan de gestion annuel vun eise Bëscher. Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFIN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Villmools merci fir d’Wuert. Zum Bëschplang 2026. Als Éischt wëll ech dem Här Christian Berg, eise Fierschter, a senger Ekipp Merci soe fir déi gutt an zouverlässeg Zesummenaarbecht. Si këmmere sech net nëmmen drëm, datt eis Bëscher gesond a sécher sinn, mee ënnerstëtzen d’Gemeng och reegelméisseg mat hirem Knowhow an hirer Manpower.

Am Bëschplang 2026 fannt Der verschidden, deelweis och recurrent Aktivitéiten, dorënner zum Beispill Entretienaarbechten, Sécherheetsaarbechten, Gestiouen vun natierlechen Habitater wéi Trockenrasen, Alholzinselen oder Fielswänn, Sanéierungen, Erneierung vum de Schëlter, Kontroll a Monitoring vum Zoustand vum Bësch, Hackschnitzelproduktioun fir d’Chauf-

ferien an eise Schoulen, Fleeg vun Infrastruktur wéi dem Tiny Forest um Woierwer oder dem Bëschkierfecht. An nach ganz vill weider Mesuren.

Onglécklecherweis leide vill Bëscher zu Lëtzebuerg ënner engem schlechten Zoustand, woubäi klimatesche Stress, invasiv Aarte weider zouhuelen. Meldungen iwwer invasiv Planzen oder zum Beispill déi asiatesch Horniss ginn ëmmer méi oft, och zu Déifferdeng, benannt.

Aus dëse Grënn sinn d’Ustrengunge vun der ANF esou wichteg. E gesond an en equilibréiert Ökosystem ass dee beschten Natur- a Klimaschutz. An d’Ekipp vum Fierschter erhält dëse mat hirer wäertvoller Aarbecht.

Dofir bieden ech Iech, de Gemengerot, dëse Bëschplang 2026 matzestëmme, fir datt de Fierschter a seng Ekipp dës wichteg Aarbecht weiderhi mat allen néidege Mëttele kënne weiderféieren. Sou kënne mir eise wäertvolle Patrimoine, eise Bësch, fir déi zukünfte Generatiounen erhalen an nach verbesseren. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Den Här Cillien, wannechgelift.

ERIC CILLIEN (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, mer wollten dem Fierschter a senger Ekipp Merci soe fir d’Ausschaffe vun dësem Forstplang, a mir stëmme deen als Demokratesch Partei natierlech mat. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Cillien. Den Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Madamm Charlé, fir d’Presentatioun vun dësem Bëschplang. Et ass, en effet, wichteg ervirzehiewen, dass mir zu

La prolongation dans cet avenant court jusqu’au 31 mars 2027. Il précise que l’objectif reste de céder directement le bâtiment à l’ONA pour récupérer le prix d’achat de 12 millions d’euros dans les caisses communales, argent, qui serait utile pour d’autres projets, notamment des écoles. Il ajoute que cet avenant serait alors résilié d’un commun accord.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) introduit le point 5 concernant le plan de gestion annuel des forêts, donnant la parole à madame Charlé.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) commence par remercier monsieur Christian Berg, le garde forestier, et son équipe pour leur collaboration fiable. Elle souligne qu’ils veillent non seulement à la santé et à la sécurité des forêts, mais soutiennent aussi régulièrement la commune avec leur expertise et leur main-d’œuvre.

Elle présente le plan forestier 2026, qui comprend diverses activités récurrentes : travaux d’entretien, travaux de sécurité, gestion d’habitats naturels (comme les pelouses sèches et les parois rocheuses), renouvelations, renouvellement de la signalisation, contrôle et surveillance de l’état de la forêt, production de copeaux de bois pour les chaufferies des écoles, entretien d’infrastructures (comme la Tiny Forest au Woierwer et le cimetière forestier...).

Elle déplore que de nombreuses forêts luxembourgeoises souffrent du stress climatique et des espèces invasives, mentionnant les signalements croissants de plantes invasives et du frelon asiatique à Differdange. Elle insiste sur l’importance du travail de l’équipe forestière pour maintenir un écosystème sain et équilibré, meilleure protection pour la nature et le climat.

ERIC CILLIEN (DP) remercie le garde forestier et son équipe pour l’élaboration du plan forestier et annonce que le Parti démocratique le votera.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) souligne les efforts de Differdange pour utiliser le bois local dans la produc-

5. Plan annuel de gestion des forêts 2026

tion énergétique, positionnant la Commune comme pionnière au Luxembourg.

Il s'interroge cependant sur l'utilisation de bois tropical africain au Fond-de-Gras par l'INPA, trouvant incompréhensible qu'une administration patrimoniale n'utilise pas le bois local.

Il remercie l'équipe forestière pour son travail important pour la biodiversité.

GUY TEMPELS (CSV) rapporte que le garde forestier a présenté le plan forestier 2026 à la Commission de l'environnement jeudi dernier, montrant une nouvelle carte, qui sera bientôt présentée, un plan décennal illustrant l'état futur des forêts communales. Cette carte inclut les forêts achetées du côté français à Zoufftgen.

Il précise que l'essentiel du travail concerne l'entretien de la forêt encore jeune, avec une coupe d'environ 600 m3 de bois destinés entièrement aux copeaux pour les chaufferies communales.

Guy Tempels souligne l'important travail qui incombe au garde forestier, notamment en matière de sécurité, pour garantir la protection sur les chemins forestiers afin qu'aucun accident ne survienne. Il mentionne les nombreuses restaurations de biotopes réalisées, citant l'exemple du Thillebiert l'année dernière, où une grande surface a été débroussaillée pour créer une pelouse sèche.

Il annonce que l'année prochaine, les panneaux d'information seront remplacés à différents endroits et de nouveaux panneaux seront installés, notamment dans le parc Grouwen, où des informations sur les chauvesouris permettront aux enfants, aux écoliers et aux promeneurs de s'instruire.

Il insiste sur la nécessité d'allouer chaque année le budget nécessaire pour les forêts, qui ne sont pas seulement un fournisseur de bois, mais sont également essentielles pour le climat et constituent un espace de détente naturel, où les citoyens peuvent se ressourcer.

Il conclut en remerciant le garde forestier et son équipe et annonce voter favorablement ce budget.

Déifferdeng ganz vill Efforte maachen, fir eist Holz och lokal ze verwenden an eeben och eis Energieproduktioun domadder ze befeieren.

Ech mengen, do ass Déifferdeng awer Virreider gewiescht an och relativ eng vun deenen eenzege Gemengen, déi dat zu Lëtzebuerg esou maachen. Do gëtt et jo och Iwwerleeungen, dat am Kader vun NetZeroCities och nach unzepasen an an Zukunft och ze maachen.

Ech wollt just froen, wat mech awer wonnert, well mir déi Approche awer hunn, firwat am Fond-de-Gras da vum Inpa oder dem fréiere Sites et monuments Tropenholz aus Afrika verschafft gëtt. Wou ech wierklech net ka verstoen, firwat grad vun enger Administration, déi fir de Patrimoine och schafft, an op esou engem Site, matzen an eise Bëscher, net eis eegent Holz verschafft gëtt. Also wéi ech dat matkritt hunn, hunn ech mer awer wierklech grouss Froe gestallt.

Ech weess net, ob Dir um Courant sidd dovunner, ob Dir do konnt intervenéieren, mee ech denken, dass et wichtig wär, wa mir als Déifferdenger Gemeng do géifen intervenéieren. Also ech kann et net novollzéien.

Dat gesot, awer virun allem och ee grouse Merci un de Fierschter a seng ganz Ekipp fir d'Aarbecht, déi si an de Bëscher leeschte mat eisem lokalen Holz, a wat eebe ganz wichtig och ass fir d'Biodiversitéit. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Den Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kollegen a Kolleginnen, leschten Donneschdeg war eise Fierschter an d'Ëmweltkommissioun komm, fir eis de Bëschplang fir d'Joer 2026 virzestellen.

Hien huet eis eng ganz nei Kaart gewisen, déi deemnächst wäert virgestallt ginn. En Zéngjoresplang, wou eis Gemengebëscher komplett agezechent

sinn a wou duergestallt gëtt, wéi de Bësch wäert an deenen nächsten zéng Joer beschafft ginn.

Hei sinn och déi Bëscher matagezechent, déi mir op der franséischer Säit, op der Zouener Kopp, kaf hunn.

Déi gréissten Aarbecht erfält op den Entretien vun deem nach zimmlech jonke Bësch. Deemno fält och net extreem vill Holz un. Ongeféier 600 Festmeter gi gehaen. Dëst gëtt inklusiv komplett geholl als Hackschnitzelen, fir an de gemengeneegenen Heizungen ze verschaffen.

40 Kouerte gi gemaach, wat d'Leit neierdengs musse selwer op d'Plaz an de Bësch oder op d'Sammelplaz siche kommen.

Vill Aarbecht fält fir de Fierschter och un, wat d'Sécherheet ugeet, fir d'Sécherheet ze gewärleeschte vun eise Bëschweeër, dass néierens engem eppes soll geschéien.

Wat och vill gemaach gouf, sinn Hierstellunge vu Biotopen. Zum Beispill d'lescht Joer um Thillebiert, wou eng gréisser Fläch erëm entbuscht ginn ass, fir en Trockenrasen hierzestellen.

D'nächst Joer wäerten op verschiddene Plazen d'Info-Pannoen ersat ginn an et wäerten och neier bäikommen. Am Park Grouwen, zum Beispill, wou iwwer d'Fliedermais wäert informéiert ginn, wou d'Kanner, d'Schoukanner oder d'Spadséiergänger sech dat kënnen ukucken.

Mir sollten eis all Joer deen néidege Budget gi fir eis Bëscher. Et ass net nëmmen een Holzliwwerant, mee och wichtig fir eist Klima an och een Naturerhuelungsgebitt, wou eis Bierger sech kënnen erfreen.

An deem Sënn soe mer eisem Fierschter a sengem Staff Merci a stëmmen natierlech dëse Budget mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Tempels. Madamm Pregno, wannechgelift.

5. Plan annuel de gestion des forêts 2026

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. Mir schléissen eis op jidde Fall dem grouse Merci un, deen hei un de Fierschter an un d'Bëschaarbechter schonn erausgaangen ass.

Mir soen och Merci fir de Rapport vun der Ëmweltkommissioun, dee gëschter Moie schonn an der Cloud ze fanne war, well mer jo och dorop pochen. Ech hat och drop gewaart, dass e géif kommen a war frou dunn ze gesinn, dass en dann dënschdes moies schonn do war, an net eréischt dënschdes owes géif geschéckt ginn. Dat weist och, dass Der déi Kritikpunkten, déi Der jo mol an der Oppositioun ervirbruecht hutt, probéiert selwer unzewenden an dat besser ze maachen.

Et si scho vill Saache gesot ginn. Ech picken e puer Saachen eraus, déi elo weider net gesot gi sinn. De Bësch als en Noerhuelungsgebit ass immens wichtig fir Déifferdeng, well et fir vill Leit ganz no ass an et eng gréng Ceinture ronderëm d'Stad ass, wouvu mer alleguerten am Alldag kënnen a solle profitéieren.

Wat e bëssen opfält, wann een d'Déifferdenger Bëscher mat anere Bëscher vergläicht, ass, dass et heiansdo e bëssen un Infrastrukture feelt. Ech denken notamment u Bänken, fir einfach emol eng kleng Rascht ze maachen, d'Vue ze genéissen oder einfach de Bësch op sech awierken ze loosse. Do kéint ee vläicht eng Kéier verstärkt froen, fir dat e bëssen opzegräifen.

Ech mengen, do ass jo e CIGL, an Zesummenaarbecht mat de Bëschaarbechter, déi definitiv do weider Saache realiséiere kéinten. Ech denken och net, dass et um Wëlle feelt, mee warscheinlech éischter un der Zäit, déi vläicht iwwreg ass, fir esou Saachen ze maachen. Mee et kéint ee vläicht dat verstärkt nach eng Kéier froen.

Dann ass et immens flott, dass dës Kéier och de franséischen Terrain dran ass, wou mer gesinn, dass et en zesummenhänkend Gebitt gëtt, wou mer da kënne kucken, wat déi nächst Jore kënn.

Wat vläicht e bësse schued ass, dat ass, dass mer am Déifferdenger Bësch nach

ëmmer eng Parzell hunn, déi vum Suessemer Fierschter geréiert gëtt. Och do kéint ee vläicht drop hischaff, dass déi zrëck bei den Déifferdenger Fierschter kënn. À long terme einfach vläicht déi Gespräicher do féieren.

Et géif jo Sënn maachen, wann et en zesummenhänkend Gebitt ass, dass och deen nammlechte Fierschter dat geréiert mat senge Bëschaarbechter, an net do een „Friemen“ intervenéiert, well deen dann a sengem Bann vläicht net genuch Aarbecht huet. Wat einfach e bësse schued ass.

Mir freeën eis op déi nei topografesch Kaarten, déi geschwë wäerten am Geoportail ze fanne sinn, wat d'Bëscher ugeet, landeswäit an notamment da vun Déifferdeng. Mir wäerten de Schäferot dozou opfuerderen, vläicht do eng Virstellung ze maachen, well d'Abannung vun der Bevëlkerung, un alles, wat Noerhuelungsgebit an d'Promotioun vun der Natur a vun eise Bëscher ugeet, einfach immens wichtig ass.

Dat kéint ee vläicht méi „almoudesch“ mat enger Presentatioun am Physesche maachen, mee et kéint een awer och vläicht emol erëm eng Säit am Diffmag dofir consacréieren, gepuert mat engem Code de bonne conduite. Ech mengen, dat kënn all puer Joer erëm, et verléiert awer net u Wichtigkeet, wéi ee sech soll an de Bëscher verhalen. Well do ass awer esou muncher een, deen nach ëmmer net weess, wéi ee sech soll behuelen, wat ee soll an där an de Bëscher maachen a wat net a wéi een einfach mat deem flotten Ëmfeld do ëmgeet.

Mir soen Iech villmools Merci a wäerten dat matstëmmen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Pregno. Gëtt et nach eng Wuertmeldung dozou? Da géif ech d'Wuert zrëckginn un d'Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFIN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Villmools merci fir d'Wuert an och merci fir dee ganze Feedback, wat mer eis natierlech zu Häerzen huelen.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) commence par s'associer aux remerciements adressés au garde forestier et aux travailleurs forestiers. Elle remercie également pour le rapport de la Commission de l'environnement, qui était disponible mardi matin dans le nuage, soulignant avec satisfaction que les critiques formulées par l'opposition sont prises en compte et que des améliorations sont apportées.

Elle insiste sur l'importance de la forêt comme espace de détente pour Differdange, constituant une ceinture verte autour de la ville, dont tous peuvent profiter au quotidien.

Elle relève cependant un manque d'infrastructures par rapport à d'autres forêts, notamment l'absence de bancs pour faire une pause, admirer la vue ou simplement profiter de l'atmosphère forestière. Elle suggère une collaboration renforcée entre le CIGL et les travailleurs forestiers pour développer ces aménagements.

Elle se réjouit que le terrain français soit désormais inclus, créant un territoire cohérent.

Elle regrette qu'une parcelle de la forêt de Differdange soit encore gérée par le garde forestier de Sanem et suggère d'œuvrer pour que cette gestion revienne au garde forestier de Differdange à long terme, pour une gestion cohérente du territoire.

Elle attend avec impatience les nouvelles cartes topographiques, qui seront bientôt disponibles sur le géoportail, et encourage le collège échevinal à faire une présentation publique, car l'implication de la population dans la promotion de la nature et des forêts est essentielle. Elle propose de consacrer une page du Diffmag à ce sujet, accompagnée d'un code de bonne conduite rappelant comment se comporter en forêt.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) répond aux différentes interventions.

6. Lutte contre le bruit

Concernant le bois tropical évoqué par monsieur Diderich, elle explique qu'ils n'ont été informés que tardivement et exprime clairement leur désaccord avec cette utilisation. Elle confirme qu'une communication officielle sera adressée à l'INPA dans les prochaines semaines.

Elle se réjouit que la commission ait émis un avis positif sur le plan forestier.

Concernant les bancs, elle confirme que des discussions sont en cours avec le garde forestier pour en ajouter ou en remplacer certains, en collaboration avec les services communaux.

Elle accueille favorablement la suggestion d'une charte de bonne conduite pour la forêt et s'engage à la diffuser dans le Diffmag ou une brochure appropriée.

(Vote)

Zenia Charlé passe au plan d'action contre le bruit, qui constitue une préoccupation importante et urgente. La Commune souhaite exprimer cette position dans une déclaration commune avec les communes de Pétange et de Sanem. Cette déclaration commune revêt une importance particulière, car les solutions aux problèmes existants ne se limitent pas au territoire d'une seule commune.

Contrairement aux années précédentes, la démarche ne s'est pas cantonnée à des considérations théoriques, mais a formulé des mesures ciblées et concrètes, ainsi que le souhait d'une collaboration pragmatique avec les administrations compétentes.

Parmi les propositions les plus importantes pour Differdange figurent la réduction de la vitesse dans les différentes zones résidentielles à, éventuellement, trente ou vingt kilomètres/heure, combinée à diverses mesures d'apaisement de la circulation, comme des ralentisseurs, des panneaux de signalisation de vitesse et peut-être à long terme des radars. L'échevine précise que la Commune progresse déjà bien concernant les ralentisseurs et l'extension des zones 30.

Elle évoque également l'installation de panneaux indiquant le bruit et de radars pouvant sanctionner les dépassements du niveau sonore au-

Wourop ech fir d'éischt wëll agoen, ass déi Saach mat deem tropeschen Holz, wat den Här Diderich ugeschwat huet. Just fir ze informéieren, wéi dat gaangen ass. Et ass am Fong, dass mir eréischt um Courant waren an drop opmierksam gemaach gi sinn, wéi et ze spéit war.

Ganz kloer positionéiere mer eis hei och dozou, dass mer dat net gutt fannen. Dass dat an der Kommissioun en Theema war, wou driwwer geschwat gouf a wou mer och eis Onzeffriddenheet matgedeelt hunn. Mee elo ass et do, an elo ass et ze spéit. Mir wäerten awer, opgrond vun Ärem Uleies, dat gären offiziell verfaassen an dann dem INPA zoukomme loosse. Do hutt Der absolutt Recht, dat wäerte mer an deenen nächste Wochen op jidde Fall maachen.

De Rapport vun der Kommissioun, wann ech dat elo richtig eraushéieren hunn – ech hunn dat elo net richtig verstanen –, si mer elo frou, dass en do ass oder well en ze spéit war. Mee mir ginn eis drun, an et gött ëmmer besser an hoffentlech ass en dann an der Zukunft nach méi fréi do. Mir sinn awer frou jiddefalls, dass d'Kommissioun ee positiven Avis zu dësem Bëschplang ofginn huet.

Wat d'Bänken ugeet, effektiv koume mer do scho mam Fierschter zesummen. Et ass am Gespréich, fir Verschiddenes bäizesetzen oder deelweis ze ersetzen. Dat hu mer effektiv um Schierm. Mir versichen, dat déi nächst Zäit e bëssen auszebauen, zesumme mam Fierschter an eise Gemengenekippen.

Déi Charte de bonne conduite fir de Bësch, fannen ech eng gutt Saach. Dat huele mer gäre mat, fir dat nach eng Kéier ze rappelléieren un d'Bierger, un d'Leit, wéi se sech solle behuelen an net solle behuelen. Also dat ass eng gutt Saach. Da wäerte mer eis dat verhole fir den Diffmag oder elo deemnächst kommand Broschür, wou dat passt. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Keng weider Wuertmeldung méi, mir kommen zum Vott.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le plan de gestion des forêts 2026.

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 6, wou ech d'Wuert nach eng Kéier der Madamm Charlé ginn, fir eis deen ze erklären. Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFIN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci fir d'Wuert. De Kaméidi ass ee Sujet, deen an de leschte Joren ëmmer méi u Bedeutung gewonnen huet an ëmmer méi direkt d'Liewensqualitéit vun eise Matbiergerinnen a Matbierger betrëfft, sief et duerch den Trafick, d'Industrie, de Kaméidi vun de Caféen an de Restauranten oder d'Vibratioun vum Zuch. Mir si permanent enger Rei vu komplexe Kaméidisbelaaschtungen ausgesat. Dës kënnen a ville Fäll souguer negativ Auswierkungen op d'Gesondheet hunn, souwuel kierperlech wéi psychesch.

Aus deem Grond si mer der Meinung, datt den Aktiounsplang géint de Kaméidi e wichtegt an dréngend Uleies ass.

D'Gemeng Déifferdeng wëll dat an enger gemeinsamer Stellungnam mat de Gemenge Péiteng a Suessem zum Ausdrock bréngen. Eng gemeinsam Stellungnam ass wichteg, well d'Léisunge fir déi virleidend Probleemer sech net op een eenzege Gemengenterritoire limitéieren. Am Ënnerscheid zu de virege Joren, hu mer eis dës Kéier net op theoretesch Iwwerleeunge beschränkt, mee ganz geziilt a konkreet Mesurë gefuerdert an de Wonsch no enger pragmatischer Zesummenaarbecht mat den zustännegen Administratiounen formuliert.

Zu de wichtigste Propositionen fir Déifferdeng ziele follgend:

D'Reduktioun vun der Vitess a verschiddene Wunnzonen op eventuell 30 oder 20 km/h, kombinéiert mat verschiddene Verkéiersberouegungsmoossnamen, sou wéi Ralentisseuren, Pannoe mat Vitesssignalement a vläicht, à long terme, och Radaren. Wou mer jo och

6. Lutte contre le bruit

scho gutt dru sinn, wat d'Ralentisseuren ugeet an och d'30er-Zonen ausbauen.

D'Installatioun vu Pannoen, déi de Kaméidi uweisen a vu Radaren, déi Iwwerschreidunge vum zoulässege Kaméidisniveau kéinte sanktionéieren.

D'Opriichte vu Schallschutzmaueren, besonnesch laanscht d'N32, also der Rocade Déifferdeng, an d'A13, fir och hei de Quartier vum Kaméidi ze verschounen.

Schallschutzmoosname laanscht d'Garen zu Déifferdeng an Nidderkuer. D'Schafe vun engem Comité bruit environnemental d'origine industrielle, an deem de Staat, d'Gemengen, d'Betriben an d'Bierger zesummeschaffen, fir d'Kaméidisprobleemer unzegoen, déi mer industriell hunn.

Mir froen am Avis ausserdeem eng Réunion de concertation mat der Administration de l'Environnement fir dës Propositionen ze konkretiséieren an déi nächst Schrëtt festzeleeën.

Mir wënschen eis dës Reunioun nach virum Enn vum Joer ze fixéieren, mat engem Rendez-vous Ufank vum Joer 2026.

Merci soen ech op dëser Plaz dem Här Philippe Reuter, dee sech ëm dee ganzen Dossier gekëmmert an dee ganze Suivi déi lescht Zäit gemaach huet. Mir bieten de Gemengerot, de virleiende Plang matzestëmmen, fir datt op Weideres elo och konkreet Aktioun follge kënnen an d'Situatioun fir eis Déifferdenger Biergerinnen a Bierger ka verbessert ginn. Villmools merci fir d'No-lauschteren.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Wuertmeldungen zu deenen Erklärungen? Madamm Pregno, wannechgelift.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. Just als Prezisioun: Ech war frou, dass de Rapport scho gëschter Moien do war. Ech hunn dat u sech begréisst. Et war net ze

spéit, also fir mech op jidde Fall okay, dass e moies do war amplaz owes.

Dann zu dësem Theema. Mir begréissten natierlech dësen Avis conjoint vun deenen dräi Gemengen. Dat weist, dass et eng méi grouss regional Opfaassung vun dësem Theema gëtt, well ee verschidde Saachen einfach net eleng, lokal a sengem Gemengendëppe ka léisen, mee Saachen einfach méi Gemenge betreffen an esou dann och regional kënnen geléist ginn. Deem stëmme mer ganz zou.

Wat d'Theema vun den Nuisancë betrëfft, ass och d'Industrie – ech weess et passt net an dëse Rapport, mee et wär awer vläicht en Ureiz, nach dorop ze schaffen. Well mer ëmmer erëm héieren, dass, virun allem am Nidderkuerer Beräich immens vill Kaméidi ass vun der besteeënder Industrie a vill Awunner sech bekloen, dass virun allem owes an ausserhalb vun den „normalen Aarbechtszäiten“ vill Kaméidi ass, wat d'Dechargen ugeet.

Dass ee vläicht déi Gespréicher, déi et emol gouf an der Tripartite, erëm ophëlt, fir d'Probleemer ze léise mat deem zoustännege Betrib. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Pregno. Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci villmools. Och ech begréissten duerchaus dee ganz gudden Avis, deen hei geschriwwen ginn ass an och déi Mesuren, déi do proposéiert ginn. Et ass wichteg, dass mer drubleiwen, souwuel wat de Verkéier ugeet a wéi d'Mesurë geholl ginn, fir dass de Verkéier reduzéiert gëtt. Ech mengen, do hu jo och déi Saachen, déi Testphasen, déi ugekënnegt sinn, hoffentlech eng Rei positiv Auswierkungen.

Eeben awer och vu staatlecher Säit gëtt et Schwierigkeeten, fir 30er-Zonen ze maachen. Dat war jo och elo rezent national e bësse méi Theema, wou Leideleng zum Beispill e Referendum gemaach huet dozou, den 100,7 dat och

torisé, la mise en place de murs antibruits, notamment le long de la N32, la rocade de Differdange, et de l'A13, pour préserver les quartiers du bruit, des mesures de protection acoustique le long des gares de Differdange et Niederkorn. Elle mentionne aussi la création d'un comité permanent sur le bruit environnemental d'origine industrielle réunissant l'État, les communes, les entreprises et les citoyens.

L'avis demande par ailleurs une réunion de concertation avec l'Administration de l'environnement pour concrétiser ces propositions et fixer les prochaines étapes. Cette réunion est souhaitée avant la fin de l'année avec un rendez-vous début 2026.

Zenia Charlé remercie Philippe Reuter pour son travail sur ce dossier et demande au conseil communal d'approuver le plan présenté.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) se félicite que le rapport ait été disponible dès le matin et approuve cet avis conjoint des trois communes, qui témoigne d'une approche régionale plus large du problème, certaines questions ne pouvant être résolues localement, mais nécessitant une solution régionale.

Concernant les nuisances, elle évoque l'industrie, reconnaissant que cela ne fait pas partie du rapport, mais suggérant d'y travailler, car de nombreuses plaintes émanent notamment du quartier de Niederkorn concernant le bruit industriel, particulièrement le soir et en dehors des heures de travail normales pour les déchargements. Elle propose de reprendre les discussions tripartites avec l'entreprise concernée.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) salue l'excellent avis et les mesures proposées. Il insiste sur l'importance de maintenir la pression concernant le trafic et les mesures de réduction.

6. Lutte contre le bruit

Il évoque les difficultés rencontrées au niveau étatique pour créer des zones 30, citant l'exemple de Leudelange, qui a organisé un référendum sur le sujet. Il espère que les communes souhaitant généraliser les zones 30 en agglomération ne seront pas bloquées par l'État et que les procédures seront simplifiées comme mentionné dans l'avis. Il s'interroge sur l'absence de la rue Roosevelt à Differdange dans les mesures évoquées, considérant l'important trafic de transit et les vitesses excessives.

Enfin, il souligne l'importance cruciale du comité permanent proposé pour le bruit industriel, qui n'est pas une fatalité, mais résulte souvent d'une mauvaise gestion.

ERNY MULLER (LSAP) félicite les collègues échevinaux des trois communes pour leur déclaration commune. Il regrette personnellement que le Prosud n'ait pas été associé par le ministère pour prendre position sur ce sujet, notant qu'un bourgmestre d'une petite commune du sud l'a interpellé sur ce point, les petites communes manquant de moyens pour élaborer techniquement et scientifiquement de tels avis.

Erny Muller rappelle que le bruit et les nuisances ne s'arrêtent pas aux frontières communales et affectent souvent plusieurs quartiers des communes voisines en raison de causes communes.

Il souligne que lors de l'analyse de 2020, le bruit généré par l'industrie n'était pas encore considéré comme un thème prioritaire, ce qu'il avait alors déploré, particulièrement pour le sud du pays et spécifiquement pour Differdange avec son industrie sidérurgique, qui constitue une préoccupation majeure pour les habitants. Il cite la circulaire ministérielle actuelle, qui reconnaît clairement que le bruit du trafic routier, ferroviaire, aérien ainsi que celui généré par les industries peut constituer une menace environnementale importante pour la santé humaine.

eng ganz Woch laang thematiséiert huet. An ech mengen, dat ass awer eppes ganz Wichtigees.

Mir haten als déi Lénk dat am Walprogramm, dass een innerorts soll Tempo 30 generaliséieren. An ech mengen, d'LSAP huet dat och an hirem Walprogramm gehat. An ech hoffen, dass dat och an déi Richtung geet. Et ass eebe wichteg, dass vu staatlecher Säit déi Gemengen, déi dat wëlle maachen, net doranner blockéiert ginn. An dat ass jo och eppes, wat hei am Avis steet, dass déi Prozedure musse vereinfacht ginn, wat dat ugeet.

Ech hätt eng Fro zu de Mesuren. Do ass elo vun Déifferdeng aus, ass am Fong just d'Lonkecher Strooss, also d'Hiel, och zu Nidderkuer opgeléicht. Ech froe mech, firwat d'Rue Roosevelt zu Déifferdeng net opgeléicht ass, fir déi Mesuren, déi Dir och opgezielt hutt. Well do jo awer och vill Duerchgangsverkéier ass. An och zum Deel se wierklech vill ze schnell do nach kommen. Also d'Héisenger Strooss misste se scho méi lues sinn, awer wa se dann nach an der Verlängerung, wann de Stroosseraum en plus méi enk gött, awer nach ëmmer esou schnell ënnerwee sinn, dann, mengen ech, misst een do och Mesuren ergräifen.

An da schlussendlech ganz wichteg, dee Comité permanent, dee virgeschloe gött, fir de Kaméidi vun der Industrie. Dee keng Fatalitéit ass, deen eeben oft mat schlechter Gestioune zesummenhängt. Do ass et ganz, ganz wichteg, dass mer eis do d'Outile ginn, änlech wéi bei der Pollutioun, fir stänneg derhanner ze bleiwen. Well, wat gewosst ass: Wann een derhanner bleift, da gött och méi duerno gekuckt. Wann ee mengt, et kéint ee schalten a walten, wéi ee wëilt, da geschitt et net. Dann ass dat net esou am Bewosstsinn, da gött net esou gutt drop opgepasst. Dofir ass ee Comité permanent eng gutt Mesure, déi ech absolutt ënnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Den Här Muller, wannechgelift.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Ech wëll och Stellung huelen, zu deem Punkt.

Fir d'éischt wëlle mer als LSAP de Schäfferéit vun deenen dräi Gemenge Péiteng, Suessem an Déifferdeng felicitéiere fir déi gemeinsam Stellungnam vun deenen dräi Nopeschgemengen.

Am Géigesaz – dat ass awer elo perséinlech gemengt, an dat ass och net vis-à-vis vun dese Gemengen oder der Gemeng Déifferdeng geduecht – bedauern ech perséinlech, dass de Pro-Sud net matagebonne ginn ass vu Säit vum Ministère, fir heizou Stellung ze huelen.

Ech si gëschter vun engem Buergermeeschter vun enger méi klenger Gemeng aus dem Süden dorop ugesprach ginn, déi och net esou vill Moyenen hunn, fir esou Avise mat hirem Personal wëssenschaftlech an och technesch genuch duerchzeschaffen. Soudass dat hätt kënnen eng bedeutsam Hëllef sinn, fir dass mer mol déi Gesamtproblematik vum Verkéier gesinn. Dann hätt nach kënnen all Gemeng, gemengespezifesch, hir eegen Doleancen an hir eegen Initiative kënnen do entwéckelen. Wéi gesot, an Zukunft wëll de Pro-Sud souwisou erëm méi am Aménagement du territoire tätég ginn, wat en och scho war, an da missten déi Saachen erëm klappen.

Mee elo erëm zréck heizou. Wann een en Avis soll ofgi betreffend Aktiounen géint de Kaméidi, deen aus dem Trafic routier, dem Trafic ferroviaire an och der Agglomeratioun optrëtt, wësse mer, dass de Verkéier, an och d'Nuisancen heivun, net virun de Gemengegrenzen ophalen, an oft e puer Quartiere vun Nopeschgemengen duerch gemeinsam Ursaache beträff sinn.

Wann am Kader vun der Analys 2020 de Kaméidi, deen duerch d'Industrie generéiert gött, nach keen Thema war – wat mir deemools bemängelt hunn, well dat jo am Süde vum Land, an och speziell an eiser Gemeng, mat der Stolindustrie ee wichtegt Thema fir eis Awunner ass –, geet aus der Circulaire vum Ministère dës Kéier ganz kloer ervir, an ech zitéieren: „Le bruit du trafic routier, ferroviaire et aérien ainsi que le bruit généré par les industries peut constituer une menace envi-

6. Lutte contre le bruit

ronnementale importante pour la santé humaine“. Ech mengen, domadder ass dat da kloer gesot.

D’Gemeng Déifferdeng huet, zesumme mat den Nopeschgemengen, an hirer Analys a Propositionen éischter eng méi pragmatesch an ergebnisorientéiert Approche gewielt. D’Madamm Charlé hat et scho gesot, wou sech op dat Konkreet a Machbaart konzentréiert gëtt, ouni sech an theoreeteschen Iwwerleeungen ze verléieren, déi oft zu näischt féieren. Wat an der Vergaangenheet, speziell an dëser Fro, ëmmer oder meeschtens de Fall war.

Och sollen d’Meenunge vun eise Biergerinnen a Bierger zu dësem Theema matafléissen, well si jo déi Hauptgeschiedegt am Fall vun exzessivem Kaméidi sinn.

Wat den Trafic routier an autoroutier ubelaangt, ginn all Méiglechkeeten opgeléicht, a speziell am direkten Zesammenhang tëschent der Vitess an dem Kaméidi. Et geet drëm, de Kaméidi duerch de Verkéier op e vertriedbare Minimum ze beschränken, zum Beispill duerch Reduktioun vun der Vitess, an do, wou dann näischt anescht méiglech ass respektiv de Verkéier ze intensiv ass, sougenannten Écrans de protection opzerichten.

Et gëtt och nach, nieft de Vitessradaren, vu Panneaux pédagogiques avec indications des niveaux sonores geschwat. Dat hate mer och héiere vun der responsabler Schaffin. Et ass u sech eng innovativ Iddi, déi bis elo nach net weider hei zu Lëtzebuerg duerchgesat ginn ass.

Als Hauptverkéiersachsen am Kader interurbain si fir Déifferdeng, verschidde Riedner haten et scho gesot, d’Rue de Longwy, d’Lonkecher Strooss zu Nidderkuer an och d’Rue de Soleuvre opgeléicht. Ech mengen, dat war souwäit scho bekannt. Et geet elo drëm, déi Mesuren ëmzesetzen, wou schonn eng Partie Joren dovun geschwat gëtt.

Bei all dësen Iwwerleeungen, a speziell bei de Vitessupassungen, zum Beispill op der Autobunn A13 oder och nach der N31 Richtung Péiteng, an der direkter Noperschaft zu den Agglomerationen, kommen, betreffend der Decisioun, nieft dem Ëmweltministère nach

aner Acteur mat an d’Spill, wéi de Mobilitéitsministère, d’Administration des Ponts et chaussées an esou weider. Menger Meinung no hunn d’Gemengen hei zur Zäit wéineg Afloss op déi doten Tracéen.

Als Écran de protection sonore gëtt eng Schallschutzmauer laanscht d’N32 Richtung Kronospan, am Quartier Fousbann, opgeléicht. Wat schonn eng längerfristeg Fuerderung vun der LSAP an och der Stad Déifferdeng ass.

Zum Theema Trafic routier wollt ech nach eng zousätzlech Propos maachen, dat heescht ee Punkt bäifügen, falls dat nach méiglech ass. An zwar de Rappel vun der wichteger, geplangter Ëmgeungstrooss tëschent dem Woiwer, um Fousbann, iwwer d’Gadderscheier Richtung Nidderkuer/Suessem, mat Accès op déi spéider Ëmgeungstrooss Käerjeng.

Dës nei Strooss ass, oder war, am Kader vun de Plans sectoriels virgesinn a soll bis 2035 gebaut sinn. Fir eist aktuellt interurbaant Stroossennetz ze entlaaschten ass dës nei Ëmgeung fir eis Gemeng eng dréngend Noutwendegkeet a muss esou schnell wéi méiglech ugepaakt ginn.

Zum Theema Bruit du trafic ferroviaire. Heifir si schonn eng Partie Moosname geplangt. Et soll Drock op d’Autoritéitë gemaach ginn, fir d’Oprichte vu Schallschutzecrianen op allen Zucharrête vun deenen dräi Gemenge schnellstméiglech ze realiséieren. Ech wëll awer soen, déi si scho geplangt, mee mir hätte gär – dat geet och aus dem Bericht ervir – dass méi Drock gemaach gi soll.

Da kéim ech, ofschléissend, nach zu engem leschten, awer net manner wichtigen Theema, nämlech dem Bruit des installations industrielles. Dat ass och schonn hei ugeklongen, Kaméidi vun eiser Schwéierindustrie.

Fir d’Stad Déifferdeng ass de Kaméidi duerch d’Stolindustrie eng vun de gréisste Belaaschtungen a sécherlech och dee gréissten Challenge. Eis Stad ass ufanks dem leschte Joerhonnert ronderëm d’Schmelz gebaut ginn, zu enger Zäit, wou d’Leit sech nach wéineg Gedanken iwwer d’Auswierkunge

Il explique que la Commune de Differdange, conjointement avec les communes voisines, adopte dans son analyse et ses propositions une approche plus pragmatique et orientée vers les résultats, se concentrant sur le concret et le réalisable, sans se perdre dans des considérations théoriques, qui ne mènent souvent à rien, comme cela a été trop souvent le cas par le passé.

Il insiste sur l’importance d’intégrer les opinions des citoyens dans cette démarche, car ils sont les principales victimes des nuisances sonores excessives.

Concernant le trafic routier et autoroutier, toutes les possibilités sont examinées, particulièrement la relation directe entre la vitesse et le bruit. L’objectif est de réduire le bruit causé par la circulation à un minimum acceptable, notamment par la réduction de la vitesse, et, lorsqu’aucune autre solution n’est possible, par l’installation d’écrans de protection acoustique. Il évoque également l’idée innovante de panneaux pédagogiques indiquant les niveaux sonores, une initiative qui n’a pas encore été largement mise en œuvre au Luxembourg.

Les principaux axes routiers interurbains identifiés pour Differdange sont la rue de Longuy à Nidderkorn et la rue de Soleuvre. Il souligne la nécessité de mettre en œuvre les mesures dont on parle depuis plusieurs années.

Il note que, pour les adaptations de vitesse sur l’autoroute A13 ou la N31 vers Pétange, plusieurs acteurs sont impliqués, notamment le ministère de la Mobilité et l’Administration des ponts et chaussées, et déplore le peu d’influence actuelle des communes sur ces tracés.

Il mentionne la demande de construction d’un mur antibruit le long de la N32 vers Kronospan dans le quartier Fousbann, une revendication de longue date de la LSAP et de la Ville de Differdange. Il propose d’ajouter le rappel de l’importance du contournement planifié entre Woiwer et Fousbann, à travers Gadderscheier vers Nidderkorn-Sanem, projet prévu dans les plans sectoriels pour 2035, qu’il juge urgent pour désengorger le réseau routier interurbain.

6. Lutte contre le bruit

Pour le trafic ferroviaire, il demande que des pressions soient exercées sur les autorités pour accélérer la réalisation d'écrans acoustiques sur tous les arrêts ferroviaires des trois communes.

Enfin, il aborde le bruit industriel, particulièrement celui de l'industrie sidérurgique, qu'il considère comme l'un des plus grands défis pour Differdange. Il reconnaît les efforts d'ArcelorMittal en matière de réduction des émissions de poussières et cite l'exemple positif du Fousbann, où la suppression du dépôt de scories a également éliminé le bruit des camions.

Cependant, il souligne que des problèmes persistent au laminage, particulièrement la nuit. Il appelle à la création d'un comité permanent quadripartite réunissant les entreprises industrielles, les services de l'État, les communes et les représentants des riverains pour une meilleure maîtrise de l'environnement sonore industriel.

Il conclut en exprimant le soutien total du LSAP à l'initiative conjointe des trois communes de Pétange, Sanem et Differdange.

GUY TEMPELS (CSV) annonce que son groupe votera favorablement l'avis du plan contre le bruit. Il regrette que ce point n'ait pas pu être suffisamment développé lors de la dernière commission de l'environnement en raison d'un programme chargé. Il souligne néanmoins que les problèmes liés aux poussières et au bruit sont régulièrement discutés dans pratiquement toutes les commissions environnementales, avec la participation active de Philippe Reuter, dont les contributions sont intégrées dans ce plan.

Il insiste sur l'importance de réduire le bruit au minimum, même si cela n'est pas réalisable partout. Il met l'accent sur les zones 30 et la nécessité d'obtenir les moyens nécessaires pour contrôler le respect de ces limitations de vitesse. Il exprime ses doutes quant à l'utilité d'instaurer des zones 20, si déjà les limitations à trente kilomètres par heure ne sont pas respectées. Selon lui, tout est techniquement possible, l'important est de le mettre en œuvre et d'assurer les contrôles nécessaires.

vum Kaméidi op d'Gesondheet gemaach hunn.

Haut ass d'Situatioun eng aner. Déi Responsabel vum ArcelorMittal si sech der Situatioun bewosst an et ass och vill geschitt, zum Beispill um Niveau vum de Stëbsemissiounen. Zurzäit gëtt, am groussen Ëmfang, weiderhin an d'Entstaubung investéiert. An déijéineg, déi un der Porte ouverte vum Déifferdenger Wierk virun engem Mount deelgeholl hunn, konnte sech heivun iwwerzeegen.

Ee Beispill, dass dës Mesuren zur Reduktioun vum Kaméidi féieren, gesi mer um Fousbann an der City Henri Grey. Hei ass d'Schlakendeponie hanner den Haiser ewechkomm wéinst der leideger Stëbsentwécklung an dësem Quartier. Domadder ass gläichzäiteg de Kaméidi verschwonnen, verursaacht duerch déi déck Schlakegefeier, déi d'Anrainer vum der Cité Grey während Joerzénge, och an der Nuecht, hu missen iwwer sech ergoe loossen.

Et bleift awer nach ëmmer ee grouse Kaméidisprobleem bestoen am Walzwierk, um Niveau vum Handling vum de Grey-Träger, an ass besonnesch empfindlech während der Nuecht. An dat ass och dat, wat am Nidderkuerer Raum ganz staark zum Ausdrock kënnt.

D'Träger vum Format vum Déifferdeng ze transportéieren respektiv ze verschiben iwwer Killbetter a Rollgänger, an dat ouni Kaméidi, ass sécherlech eng grouss Herausforderung. Hei muss versicht ginn, de Kaméidi duerch anlagetechnesch Verbesserungen ze vermeiden respektiv op e Minimum erofzesetzen. Wou dat net méiglech ass, muss verbessert Schallschutzmoossnamen ubruecht ginn um Niveau vum den Halen.

Dës ass och eng Proposition aus dem Bericht, wou et heescht: „Une meilleure maîtrise de l'environnement sonore des installations industrielles constitue une première priorité pour les trois communes signataires“.

Et gëtt heizou ee Comité permanent gëfuerdert an eng Form Quadripartite mat den Entreprises industrielles op där enger Säit – an dat betrëfft net nëmmen ArcelorMittal, mee grad esou Kronospan oder eventuell nach aner gréisser

Entreprises, déi sech nach implantéieren oder scho do sinn –, de Services compétents de l'État, selbstverständlich, les communes et des représentants des riverains. Och wichteg, dass hei d'Biergerinnen an d'Bierger matagebonne ginn an dee Prozess. Dat ass séier wichteg.

Als LSAP kënnen mir d'Initiativ vum deenen dräi Gemenge Péiteng, Suessem an Déifferdeng nëmme voll ënnerstëtzen a stëmme selbstverständlich de virgeluechten Text betreffend den Avis conjoint relatif aux projet d'action contre le bruit. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Den Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci. Mir stëmmen dësen Avis vum Plang géint de Kaméidi mat Jo. Leider hate mer déi leschte Kéier an der Ëmweltkommissioun e stramme Programm, do ass deen heite Punkt e bëssen ze kuerz komm. Et ass awer esou, dass mir praktesch an all Ëmweltkommissioun oft iwwer déi dote Probleemer, wat Stëbs oder Kaméidi ubelaangt, ëmmer diskutéieren. An den Här Philippe Reuter och déi Saachen do ëmmer mathält. An déi wäerten och hei matagefloss sinn.

Et ass scho wichteg, dass mer de Kaméidi op ee Minimum reduzéieren. Et ass net iwwerall machbar.

Wat awer och vläicht wichteg ass, dass mer Zones 30 hunn, dass mer och vläicht déi néideg Moyene kréien, fir déi Zones 30 ze kontrolléieren, dass se vläicht agehale ginn. Ech mengen, et huet kee wäert, dass mer herno eng Zon 20 draus maachen oder plazeweis Zon 20 draus maachen, wa scho keen déi 30 kann anhalen. Et ass alles machbar. Et muss gemaach ginn. Et ass wichteg. Wéi gesot, et misst och vläicht kontrolléiert ginn.

Natierlech, wou mer déi lescht Jore vill Fortschrëtt mierken, dat ass wierklech vum der Säit vum der Schwéierin-

6. Lutte contre le bruit

dustrie, ArcelorMittal haauptsächlech. Déi hunn déi lescht Jore vill Fortschrëter gemaach. Et ass nach dat eent oder dat anert ze maachen.

Mir kréien och regelméisseg Reklamatiounen eran, iwwer déi mer an der Ëmweltkommissioun diskutéieren. Doru wäerte mer weider schaffen. An och, denken ech, dass hei déi Saachen da spéider och kënnen ugepasst ginn an deen Avis, dass dat esou wäert ginn, wéi et soll sinn. An deem Sënn: Mir stëmmen déi Saach mat Jo. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Tempels. Den Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Pardon, dass ech nach eng Kéier d'Wuert froen, ech wollt éischter nach Froe stellen, mee den Här Muller huet elo Ëmgeungsstroossen ugeschwat, wou ech e bësse mech froen, wann et drëm geet, Kaméidi ze reduzéieren, méi Stroosse jo awer och méi Kaméidi mat sech bréngen – ob dat elo esou richteg zesummepasst.

Mee wat ech wollt froen, am Kader vun der Ëmgeungsstrooss Käerjeng, do sollt eng Reunioun stattfanne mat de SIKOR-Gemengen a mat Ponts et chaussées, fir en vue vun där Ëmgeungsstrooss ze kucken, wat dat fir Déifferdeng heescht. Huet déi Reunioun scho stattfonnt?

Do ass rieds vun enger Etüd, déi an deem Sënn sollt virgestallt ginn, deene Gemengen. Hutt Dir déi Etüd kritt? Ass et méiglech, déi Etüd och als Gemengerot ze kréien a vläicht de Rapport vun där Reunioun, falls déi scho stattfonnt huet?

Well, ech mengen, datt dat och en Theema wäert ginn an Zukunft. Dat wäert eng Rei Saachen do och ëmgestalten an och um Niveau vum Kaméidi an um Niveau vum Verkéier fir eis eppes bedenken. An do wär et wichteg, dass mer am Gemengerot eng Kéier géifen thematiséieren, wat dat doten, am Ganzen eeben, och heescht am Sënn vu Ver-

kéier. Dat wollt ech, an deem Kontext, nach froen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Här Muller nach eng Kéier.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wäert äntwerten. Awéiwäit dat mam Kaméidi ze dinn hätt, déi Ëmgeungsstrooss, dat ass fir den Zentrum vun Déifferdeng Richtung Nidderkuer ze entlaaschten, duerch eng Ëmgeung vum Fousbann direkt Richtung Nidderkuer/Käerjeng. Dat hëlt eis Verkéier aus dem Zentrum eraus, deen elo iwwer deen normale Wee, Pénérante an da Richtung Nidderkuer geet.

An deem Sënn, mengen ech, wa mer manner Verkéier hunn – mir wëlle jo de Verkéier am Zentrum reduzéieren –, wär dat eng gutt Initiativ a géif schlussendlech och Kaméidi am Zentrum erofsetzen. Dat war meng Iddi.

An ech weess, dass déi am Plan sectoriel dran ass, well ech deemools mat dru geschafft hunn, virun zéng Joer. An ech ginn och dovun aus, dass déi nach ëmmer do dra virgesinn ass.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFIN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Ech probéieren elo beschtméiglech, Verschiddenes ze beäntwerten oder ze kommentéieren. Ech fänke mol hannen un, dat ass da méi einfach. Wat elo déi Ëmgeungsstrooss ugeet, do ass effektiv elo näischt hei konkret dran. D'Idi vun deem Schreiwes ass jo éischter, wierklech elo mol déi definitiv konkret Saachen, déi mer dëst Joer wëllen ëmsetzen, wéi zum Beispill Schallschutzmoossnamen an esou weider, do dranzeschreiwen. Natierlech soll een do net vergiessen, dass wat den Här Muller elo gesot huet, wat déi Ëmgeungs-

Il reconnaît les progrès considérables réalisés ces dernières années par l'industrie lourde, particulièrement ArcelorMittal, tout en notant qu'il reste encore des améliorations à apporter. Il mentionne que la Commission de l'environnement reçoit régulièrement des réclamations, qui sont discutées et sur lesquelles ils continuent de travailler. Il conclut en réaffirmant le vote favorable de son groupe.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) s'interroge sur la cohérence entre l'objectif de réduire le bruit et la mention de routes de contournement par monsieur Muller, considérant que plus de routes engendrent généralement plus de bruit. Il demande des informations sur la route de contournement de Kayl, notamment si la réunion prévue avec les communes du Sikor et l'Administration des ponts et chaussées a eu lieu.

Il souhaite savoir si l'étude mentionnée dans ce contexte a été présentée aux communes et s'il est possible que le conseil communal puisse en prendre connaissance, ainsi que du rapport de la réunion si elle a déjà eu lieu. Il souligne l'importance de thématiser cette question au conseil communal, car elle aura des implications importantes sur le trafic et le bruit dans la commune.

ERNY MULLER (LSAP) répond en expliquant que la route de contournement vise à délester le centre de Differdange en direction de Niederkorn, en créant une déviation par Fousbann directement vers Niederkorn-Kayl. Cette mesure permettrait de réduire le trafic qui passe actuellement par le centre-ville par la pénétrante en direction de Niederkorn. Il argüe que moins de trafic au centre signifie moins de bruit. Il rappelle que ce projet figure dans le plan sectoriel depuis dix ans, époque à laquelle il a participé à son élaboration, et suppose qu'il y est toujours prévu.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) conclut en apportant plusieurs réponses. Elle précise que le document en discussion concerne principalement les mesures concrètes à mettre en

6. Lutte contre le bruit

œuvre cette année, comme les protections acoustiques.

Concernant la route de contournement vers Kayl et les discussions avec les différents syndicats, elle ne peut pas répondre immédiatement, mais s'engage à s'informer. Elle mentionne les échanges réguliers dans le cadre du comité de pilotage de la vallée de Chiers et avec le bourgmestre de Kayl.

Elle revient sur l'importance des contrôles dans les zones 30, soulignant que ces zones sont inefficaces sans contrôles. Le plan prévoit donc plus de contrôles et l'installation de radars, même si elle reconnaît les difficultés pour obtenir ces équipements sur les routes secondaires.

L'extension des zones 30 est prévue aux entrées de la commune, notamment sur les axes problématiques, comme la route de Hussigny, la rue Roosevelt, la route de Belvaux et la route de Pétange. Des plans sont en cours de développement, particulièrement pour les routes de Hussigny et de Belvaux, avec diverses mesures pour réduire effectivement les vitesses.

Elle termine en mentionnant les réunions tripartites organisées deux à trois fois par an avec Kronospan et ArcelorMittal, réunissant le ministère, la Commune, les entreprises et les autres communes concernées pour améliorer la cohabitation entre les entreprises et les habitants.

GUY ALTMEISCH (LSAP) donne des informations complémentaires concernant les discussions tripartites avec ArcelorMittal, avec qui la Commune entretient de bonnes relations. Il explique que lors de ces rencontres, il a été convenu que les nuisances sonores dans la rue Pierre-Gansen doivent cesser après 22 h, par respect pour le repos nocturne des riverains. L'industrie lourde est consciente de ce problème et s'engage à trouver des solutions à court terme.

Le bourgmestre poursuit en indiquant qu'ArcelorMittal est disposé à relocaliser le dépôt de poutrelles situé derrière les maisons de la rue Pierre-Gansen vers l'intérieur de ses installations. Cette délocalisation permettrait de réduire considé-

strooss ugeet, och ee wichtige Punkt ass

Den Här Diderich, huet d'Fro gestallt, wou mer elo dru sinn, wat déi Ëmgeungsstrooss Richtung Käerjeng ugeet, an déi Gespräicher, déi mat de verschiddene Syndikater solle gewiescht sinn. Ech ka mech dozou informéieren. Ech kann dat effektiv elo net direkt beäntwerten.

Ech weess, dass mir eis am Kader vum Cercle de pilotage vum Kordall gesinn an och do driwwer schwätzen an dat do natierlech ee grousst Thema ass. Och zesumme mam Buergermeeschter vun der Gemeng Käerjeng vill Austausch hunn, wéi si sech verschidde Saache virstellen. Awer natierlech och, wat do d'Contraintë sinn an esou weider. Do ass wierklech ee gudden Austausch. Ech kann awer gären nofroen, wou mer do genau mat där Etüd dru sinn. Mee dat ass halt op där Plaz, wou déi Gespräicher waren. Vun anere Saache weess ech perséinlech elo näischt. Mee ech reechen dat awer gär no, wa mer do sollte schonn eppes Konkreetes hunn.

30er-Zonen. Wat den Här Tempels gesot hat, mat de Kontrollen. Ech mengen, 30er-Zone bréngen näischt, wann ni ee se kontrolléiert. An dofir eeben hei am Plang dran, datt mer méi Kontrolle fuerderen. Dat steet jo do, souwéi och d'Radaren, wat mer gären hätten, wou mer an de Gespräicher sinn.

Natierlech si mer eis bewosst, dass dat ganz schwiereg ass. Ech mengen, dat wéll ee jo scho säit Joren, Radaren, och op méi kleng Stroossen. Mee dat läit vläicht net onbedéngt an eiser Hand. Mir wäerten eis awer weiderhin dofir staark maachen. An dann déi 30er-Zonen auszebauen, op deene Plazen, wou et natierlech och Sënn mécht. Do ware verschidde Saachen ugeschwat ginn, zum Beispill d'Agäng an eis Gemeng, d'Héisenger Strooss mat der Roosevelt erof, d'Bielesser Strooss, mir hunn de Péitenger Wee. Ech mengen, alleguerten déi Plazen, wou een an d'Gemeng kënnt, sinn e bëssen eis Rennstrecken an eis Probleem-Fäll. An do si mer awer och am Kader, onofhängeg hei vun dësem Schreiwes, mat der Mobilitéit amgaangen.

Do hu mer scho verschidde Pläng, elo mol en éischte Schratt, haaptsächlech d'Héisenger Strooss an d'Bielesser Strooss, déi mer, wa mer méi no kommen, Iech och gären eng Kéier presentéieren. Mee dat gesäit awer scho ganz gutt aus. Et ass wierklech essentiel, fir do d'Geschwindegkeet erofzesetzen. Dat solle keng Rennstrecke bliwen, mee mat verschiddenen Hindernisser a Saache verbonnen, fir dass mer dat eeben hikréien. Dat ass, wéi gesot, amgaangen.

D'Madamm Pregno hat vun den Tripartitte geschwat. Mir hunn zwee- bis dräimol am Joer, also bis elo, dëst Joer waren et der dräi, mat deenen, déi elo nach kommen, wou mer eis souwuel mat Kronospan wéi och mat ArcelorMittal treffen, zesummen: Ministère, Gemeng Firma, och déi aner Gemen- gen, déi dann eeben do mat drunhänken. Fir Kronospan natierlech Suessem, wou mer eis eebe gesinn.

Muer ass déi nächst Reunioun an déi lescht fir dëst Joer, wou mer all déi Theemen uschwätzen. Dat bleift do ni onbeschwat, heiansdo geet et do och ganz wéll hier, mee et ass awer am Sënn a fir dat Bescht fir jiddwereen a fir eis Bierger, eis do anzesetzen. A mir wäerten dat och weiderhin esou maachen, fir ee bessert Zesummeliewe mat de Firmen, mat de Leit, déi hei wunnen a mat de Probleemer, déi mer eeben hunn.

Ech hoffen, dat konnt elo iergendwéi opschlossräich sinn.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Ech wéll zousätzlech nach soen, dass mer an deenen Tripartite-Gespräicher, mat ArcelorMittal zum Beispill, mat deene mer eng ganz gutt Relatioun hunn, och festgeluecht hunn – dee Kaméidi an der Pierre-Gansen-Strooss ass der Schwéierindustrie och bewosst –, dass mer dat awer elo kuerzfristeg fäerdegbruecht hunn, dass dee Kaméidi net méi besteet no zéng Auer owes, a Relatioun mat deene Leit, déi do wunnen, am Respekt vun der Nuetsrou vun deene Leit.

An dass mer och mat ArcelorMittal am Gespréich sinn – an déi och gewéllt sinn, fir dat ze maachen –, fir dat Trä-

7. Classement du centre Marcel-Noppeney

gerlager hanner deenen Haiser an der Pierre-Gansen-Strooss ze deportéieren intern an d'Lager selwer. Fir och dee Kaméidi ze reduzéieren a Relatioun mat deene Leit, déi do wunnen.

A wou si och eng aner Kamouditéit kréien, well si déi Träger dann op d'Eisebunnsnetz méi liicht kënne chargéieren. Dat wier eng grouss Plus-value op jidde Fall. Mee dat ass an hirer Planung. Wéini dat awer elo duerchgefouert gëtt, mee dat ass kuerzfristeg awer geplangt.

Dat wier eng grouss Erliichterung fir déi Leit, déi do wunnen. Well déi d'Trägerlager bal hannen am Gaart hunn. Kënnt Iech jo virstellen, wann do Träger vun zwielef Meter Längt a 50 Meter Héicht deplacéiert ginn, dass dat immens Kaméidi mécht. An do si mer och um Ball.

Déi aner Reunion, déi Der ugeschwat hat mat SIKOR, wou mer mat den Nopesch-Buergermeeschteren a Kontakt sinn a Relatioun mat der Ëmgeungstrooss an esou virun. Wann do wierklech konkret Moosnamen erauskommen, a mer sinn do op deem Punkt, wou mer Iech eppes presentéiere kënnen, maache mer eis eng Freed draus, Iech dat ze presentéieren.

Et ass natierlech esou, dass mer mat deene Gemengen, mat deene mer zesummeschaffen am SIKOR, musse kucken, wie wat wouhinner vun Deviatione mécht oder vun Ëmgeungstrooss. Fir net deem anere säi Verkéier, deen hien emmerdéiert a senger Gemeng, op déi aner Gemengenterritoiren ze drainéieren.

Eng Saach, déi ëmmer erëm opkënnt, ass déi Saach mat deene Radaren. Et ass ganz richtig, wat gesot gëtt: Wa mer Zone maache vun 30 oder vun 20 oder vu 50 a si ginn net kontrolléiert, soen ech ëmmer, dann ass et d'Schëld net wäert, wat een opstellt, fir op déi Limitatiounen hinzeweisen.

Ech denken do u Beispiller, déi ech gesinn hunn an Däitschland. Do sinn, zum Beispill, déi Radaren, déi do opgestallt ginn, op kommunale Weeër, ënner der Autonomie an der Responsabilitéit vun de Gemengen.

An ech wäert déi Iddi net méi spéit wéi d'nächst Woch am Syvicol verrieden, dass mer do mol eng Demande maachen, firwat dat net an d'Autonomie vun de Gemenge kéint falen. Dann hätt een nämlech aner Méiglechkeeten, fir Radare spezifesch do opzesetzen, op deene Plazen, wou ee se als Gemeng brauch.

Dat wier eng grouss Plus-value fir eis Sécherheet an de Gemengen an och fir de Verkéier op der Strooss an och fir d'Iwwerwaachung vun deem Ganzen.

Wann et keng Wuertmeldung méi zum Punkt 6 gëtt, géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'émettre l'avis conjoint de la Ville de Differdange et des communes de Pétange et de Sanem, résumant les observations et remarques quant aux projets de mise à jour des plans d'action contre le bruit, en tenant compte du trafic routier, du trafic ferroviaire et de l'agglomération du sud.

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 7. Den Här Ulveling géif eis de Punkt 7 vum Ordre du jour am Detail erklären. Do geet et ëm eng Autorisation, déi mer vun Ärer Säit mussen hunn, fir juristesche virzegoe géint ee Klassement vun engem Patrimoine culturel. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Et geet ëm de Centre Marcel Noppeney. Ech fänke vir un. Viru Jore war decidéiert ginn, dësen Zenter ofzerappen an do Wunnengsbau ze maachen. Du sinn awer d'Refugiéen ukomm, an do hu mir als Stad Déifferdeng deemools gesot, mir géifen déi Refugiéen do ophuelen. An déi sinn och elo nach ëmmer do.

An der Tëschenzäit ass eng Ufro komm, fir dat als Patrimoine culturel national klasséieren ze loossen. Wou de Gemengerot sech am Fong bal unanime, bis op een, kann ee soen, dofir ausgeschwat huet, dass mer dat net sollte maachen.

ablement les nuisances pour les habitants, qui ont actuellement ce dépôt pratiquement dans leur jardin. Il souligne que le déplacement de poutrelles de 12 m de longueur à 50 m de hauteur génère un bruit considérable. Cette relocalisation offrirait également à l'entreprise une meilleure commodité pour charger les poutrelles sur le réseau ferroviaire. Bien que cette mesure soit planifiée à court terme, la date exacte de mise en œuvre n'est pas encore déterminée.

Concernant la réunion avec le Sikor mentionnée précédemment, le bourgmestre indique que des contacts sont établis avec les bourgmestres des communes voisines au sujet de la route de contournement. Dès que des mesures concrètes seront définies, elles seront présentées au conseil.

Il précise qu'il est essentiel de coordonner avec les communes partenaires du Sikor pour déterminer qui réalise quelles déviations ou routes de contournement, afin d'éviter de déplacer le trafic gênant d'une commune vers le territoire des communes voisines.

Le bourgmestre aborde ensuite la question récurrente des radars. Il affirme que si des zones limitées à trente, vingt ou cinquante kilomètres-heure sont établies sans contrôle, les panneaux de signalisation perdent leur valeur. Il cite l'exemple de l'Allemagne, où les radars sur les voies communales relèvent de l'autonomie et de la responsabilité des communes. Il annonce son intention de défendre cette idée dès la semaine prochaine au Syvicol, en demandant pourquoi cette compétence ne pourrait pas relever de l'autonomie communale. Cela offrirait aux communes de meilleures possibilités pour installer des radars spécifiquement aux endroits nécessaires, représentant une plus-value importante pour la sécurité et la surveillance du trafic. (Vote)

TOM ULVELING (CSV) prend ensuite la parole concernant le centre Marcel-Noppeney. Il rappelle qu'il y a des années, la décision avait été prise de démolir ce centre pour y construire des logements. Cependant, l'arrivée de réfugiés a conduit

7. Classement du centre Marcel-Noppeney

la Ville de Differdange à les héberger dans ce bâtiment, où ils résident toujours.

Entretiens, une demande de classement comme patrimoine culturel national a été soumise. Le conseil communal s'était prononcé quasi unanimement contre ce classement. Malgré un recours gracieux déposé le 24 avril 2025, le ministre a confirmé le 29 juillet 2025 sa volonté de procéder au classement.

L'échevin demande maintenant l'autorisation d'introduire un recours en annulation, argumentant que le bâtiment présente de nombreux problèmes structurels graves et que sa rénovation serait extrêmement coûteuse, violant ainsi le principe de proportionnalité.

GUY TEMPELS (CSV) rappelle que lors des discussions précédentes, le conseil était pratiquement unanime pour ne pas conserver le bâtiment en question. Il explique que les exemples passés ont montré combien il devient coûteux de remettre en état un bâtiment en très mauvaise condition.

Il mentionne avoir lu dans le journal que le ministère du Logement a récemment acquis une cave à la Moselle, également sous protection patrimoniale, pour la transformer en logements. Cela démontre, selon lui, que le ministère peut investir des fonds lorsqu'il souhaite absolument préserver un bâtiment. Il suggère que cette piste pourrait être explorée, notant que si le ministère prétend ne pas avoir d'argent, il semble pourtant en disposer dans certains cas.

Il est d'avis que le conseil devrait poursuivre le projet tel qu'il est prévu actuellement et voir comment les choses évoluent.

De Minister huet awer drop bestanen. Do hu mer de Recours gracieux gemaach beim Minister, de 24. Abrëll 2025. An de Minister huet dunn den 29. Juli 2025 awer confirméiert, dass dat sollt klasséiert ginn. An dofir wollte mer elo e Recours en annulation maachen.

Ech wëll awer soen, dass de Minister oder seng Servicer eis kontaktéiert hatten, nodeem mir déi zweete Kéier gesot hatten, mir wëilten am Fong net, dass dat klasséiert gëtt. An dunn huet en eis den INPA geschéckt, mat deem mer dann am Schäfferot diskutéiert hatten, eng länger Zäit. An hinnen och erkläert hatten, firwat mer net wëilten, dass dat sollt klasséiert ginn.

An do hat den INPA eis eng Propos gemaach, fir ze soen, e géif sech engagéieren, à ses frais, fir eng „Analyse approfondie de l'immeuble pour faire le point sur son état de vétusté“ ze maachen. Mir hatten, sengerzäit, wéi mer déi Decisioun geholl hunn, dass mer net wëilten, dass et sollt klasséiert ginn, och een Expert geholl, deem eis ee Rapport gemaach huet. An deem Rapport steet nämlech, dass sech e ganze Koup Probleemer an deem Immeuble befannen, notamment ass de Béton porteur fissuréiert; et ass eng immens grouss Fiichtegkeet an deem Gebai, mat Kondenswaasserbildung iwwerall; den Assainissement thermique misst gemaach ginn, ass extreem schwéier, well dat Gebai ass eng Energieschleider; den Daach misst nei gemaach ginn. Op den Daach misste Placke geluecht ginn, fir déi ganz Saach ze isoléieren, wou den Expert seet, et wär net gewosst, ob déi ganz Struktur, well déi ass jo aus Zille gebaut, dat aushale géif. D'Fënstere missten all ersat ginn. An, huet den Expert gesot, et wier praktesch onméiglech, dat techesch ze sanéieren. Respektiv wier et extreem opwänneg.

Mir sinn der Meenung, dass et eng Violatioun vum Proportionalitéitsprinzip ass. Dat heescht, et gëtt esou extreem deier, dass et sech am Fong net lount, eiser Meenung no, dat ganz Gebai dann ze erhalen.

Mir hunn dem Ministère gesot, also dem Representant, dass mir dee Recours hei nach wëilte maachen. Hie sot, dat wär fir si okay. Mir froen Iech elo, ob Dir d'accord sidd, dass mir e Re-

cours en annulation vun der Decisioun vum Minister maachen, fir den Noppeney definitiv ze klasséieren.

All d'Piëcen, gesitt Der, leien dem Dossier bäi: d'Expertise vun eisem Expert, an och wéi eisen Affekotbüro wëllt virgoen, mat wat fir engen Argumenter hie wëllt, dass mer déi Annulatioun do um Geriicht duerchkréichen.

Mir sinn a gudden Terme mam INPA, respektiv dem Staat, mee mir gesi wierklech net an, firwat een dat Gebai sollt halen. Mir froen Ären Accord ze kréien, fir ee Recours en annulation géint déi Decisioun ze maache vum Minister, dass de Centre Noppeney sollt klasséiert ginn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir déi Erklärungen. Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci. Mir waren eis deemools, wéi mer driwwer diskutéiert hunn, praktesch unanime eens, dass mer dat Gebai net wëilten erhalen. Well et einfach warscheinlech – ech mengen, mir hunn aner Beispiller bis elo hei gehat, wou mer gesinn, wéi deier et gëtt, fir eppes, wat an engem schlechten Zoustand ass, komplett an d'Rei ze setzen.

Net méi spéit wéi virgëschter hunn ech an der Zeitung gelies, dass de Ministère du Logement op der Musel eng Kellerei kaaft huet, déi och ënner Schutz steet, fir do Logement draus ze maachen. Also geet et jo awer, dass si deelweis och emol Suen an d'Hand huelen, wa se gären esou ee Gebai onbedéngt wëllen erhalen.

Dat heescht, dat wär jo och nach eng Pist, déi opzeféiere wär. Si soen, anscheinend hätte si keng Suen. Anscheinend hu se der jo awer.

Ech sinn der Meenung, dass mer dat hei sollten esou duerchzéien, wéi et elo hei virgesinn ass. An da kucke mer, wéi mer virukommen. Merci.

7. Classement du centre Marcel-Noppeney

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Tempels. Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Merci fir d'Wuert. Ech kéint meng Wierder vum November 2024 am Fong 1:1 hei widderhuelen. Ech kennen d'Gebai in- an auswenneg. Scho virun zwanzeg Joer hu mer eis misse schummen, dass do nach Coursë vun der Museks- oder Bluesschoul, fir nëmmen déi ze nennen, do hu misse stattfannen.

Och wann elo e bëssi doru rafistoléiert gouf, d'Struktur vum Gebai ass an engem desolaten Zoustand. Iwwer Schéinheet léisst sech bekanntlech streiden, mee och do gesi mer dat e bësse méi differenzéiert, wéi dat an de verschiddenen Avisen oder Bréiwer hei an deem Dossier duergestallt gëtt.

Dass den Architekt vum Konstrukt selwer ee Klassement weidergedriwwen huet, kann een nach vläicht mënschlech verstoen, wann een awer liest, wat sougenannten Experte vu sech ginn an deem Kontext, da stellen ech mer trotzdeem e puer Froen!

Dat Gebai hei ass scho laang um Enn a passt net méi dohinner. A wa mer eis juristeschen net duerchgesat kréien, da sollen déi, déi esou ee Klassement ënnerstëtzen, och déi finanziell Auswierkung selwer droen.

Mir ënnerstëtzen de Schäfferot hei voll a ganz, fir déi juristeschen Schrëtt anzeleeden. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Meisch. Madamm Schütz, wannechgelift.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Ech schléisse mech de Virriedner un. Mir hunn eis d'lescht Joer och schonn dervir ausgeschwat gehat, dass dat Gebai net erhale bleiwe sollt, aus esou villen negative Grënn. Fir dat Gebai wierklech a Stand ze set-

zen, wär e riseg Käschtépunkt. En plus energieeteschen ass et och net an engem gudden Zoustand. Mir wäerten natierlech hei och mat Jo stëmmen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Schütz. Den Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Jo, ech sinn dann deen eenzege gewiescht, deen et zum „prakteschen unanime“ gemaach huet an net zum „unanime“. Aus deem ganz einfachen Grond, well et beim Denkmalschutz net ëm Schéinheet geet, wéi den Här Meisch et elo gesot huet. Net nëmmen.

Also et soll een natierlech och net – ech mengen, mir hate jo och hei déi Diskussioun iwwer den Hadir Tower deemools, wat haut nach Leit bedauern, dass deen ofgerappt ginn ass. Wou et vill méi Méiglechkeete gi gehat hätt, fir deen ze erhalen an ze valoriséieren.

Mee an deem Fall, muss een elo soen, wann een déi Expertise kuckt, dass een, trotz dem Wäert, deen dat Gebai architektoneschen huet, well een eben – an dat gëtt jo och an där Expertis betount –, awer aussergewéinlech Weeër gaangen ass, fir dat Gebai ze konzipéieren, eng gewëssen Approche konsequent duerchgesat ginn ass. An et schonn awer, architektoneschen gesinn, e Bijou ass, wat de Metier ugeet a wat och den Témoignage vun der Zäit ugeet – mat stolen Träger, déi do benotzt gi sinn, an der ganzer Architektur brute, déi do ëmgesat ginn ass, déi ganz sielen ass zu Lëtzebuerg.

An Uewerkuer hat mat eiser Sportshal, wou net méi vill dovunner iwwreg ass, mam Bock, wou och net méi vill dovunner iwwreg ass, a mam Centre Noppeney dräi ganz markant Beispiller vun där Architektur. An, leider, geet dat heimat verluer.

Ganz einfach, well hei, wat d'Expertis weist, et keng gutt Léisunge gëtt, fir souwuel d'Architektur ze erhale wéi och sécherzestellen, dass dat Gebai op Dauer ka bestoen. Well, wann een

FRANÇOIS MEISCH (DP) affirme qu'il pourrait répéter mot pour mot ses propos de novembre 2024. Il connaît parfaitement le bâtiment de l'intérieur comme de l'extérieur, rappelant qu'il y a vingt ans déjà, ils avaient honte que des cours de l'école de musique et de blues doivent s'y tenir. Même si quelques réparations ont été effectuées, la structure du bâtiment reste dans un état déplorable.

Il reconnaît que la beauté est subjective, mais considère la situation différemment de ce qui est présenté dans les différents avis et courriers du dossier. S'il peut comprendre humainement que l'architecte du bâtiment lui-même ait poursuivi le classement, il s'interroge néanmoins sur ce qu'affirment certains experts dans ce contexte. Il soutient que ce bâtiment est depuis longtemps en fin de vie.

Si le conseil ne parvient pas à s'imposer juridiquement, ceux qui soutiennent un tel classement devraient aussi en assumer les conséquences financières. Il soutient pleinement le collège échevinal dans ses démarches juridiques.

MANON SCHÜTZ (DÉI GRÉNG) se joint aux orateurs précédents. Elle rappelle que l'année dernière, son parti s'était déjà prononcé contre la conservation du bâtiment pour de nombreuses raisons. La remise en état représenterait des coûts énormes et le bâtiment n'est pas non plus en bon état énergétique. Son groupe votera en faveur de la proposition.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) prend une position différente. Il était le seul à rendre le vote pratiquement unanime plutôt qu'unanime. Il explique que la protection du patrimoine ne concerne pas uniquement la beauté, comme l'a mentionné monsieur Meisch. Il rappelle les discussions passées sur la tour Hadir, que certains regrettent aujourd'hui d'avoir démolie alors qu'il existait davantage de possibilités pour la préserver et la valoriser.

Dans le cas présent, malgré la valeur architecturale du bâtiment soulignée dans l'expertise, qui met en évidence l'approche exception-

7. Classement du centre Marcel-Noppeney

nelle et importante de sa conception, il reconnaît les difficultés. Le bâtiment représente un bijou architectural et un témoin de son époque avec ses poutres en acier et son architecture brutaliste rare au Luxembourg. Oberkorn possédait trois exemples marquants de cette architecture avec le hall sportif, le Bock et le centre Noppeney. Malheureusement, l'expertise montre qu'il n'existe pas de bonne solution pour préserver à la fois l'architecture et assurer la pérennité du bâtiment. Il s'abstiendra lors du vote pour marquer l'importance de considérer la protection du patrimoine au-delà des critères esthétiques actuels.

ERNY MULLER (LSAP) confirme que son parti, comme d'autres, a déjà voté contre la conservation du bâtiment. La dégradation est trop avancée et les fondations nécessiteraient des travaux importants. Il s'étonne que l'INPA demande des études sans mentionner les coûts. Il accorde son soutien au collègue échevinal tout en demandant une estimation des frais juridiques pour la commune.

TOM ULVELING (CSV) reconnaît d'abord que monsieur Diderich a raison : il ne s'agit pas d'une question d'esthétique. En tant qu'échevin de la culture, il sait que les goûts varient selon les personnes, que ce soit pour le patrimoine industriel ou autre. Il affirme cependant que le bâtiment en question n'a jamais été fonctionnel. Sa conception était défectueuse, car il ne pouvait pas être utilisé correctement. Chaque pièce présente une forme octogonale peu pratique, et, dès le premier jour, des problèmes d'humidité sont apparus. Le toit n'était pas étanche et les difficultés se sont multipliées. Concernant les propos de monsieur Muller, il rappelle qu'ils ont donné leur accord pour que l'INPA réalise une contreexpertise à ses frais afin de vérifier la situation. Il précise également qu'ils ont proposé à l'État de reprendre le bâtiment, mais que celui-ci a clairement refusé. Il s'étonne que si le bâtiment était véritablement digne de protec-

d'Fassad isoléiert, fir dass eebe keng Fiichtegkeet méi andréngt, da geet d'Architektur verluer. Wann een dat net mécht, dann dréngt ëmmer erëm Waasser eran, well déi stolen Träger sech eebe mat den Temperature beweegen an dann déi Rëss entstinn, déi entstane sinn.

An deem Sënn muss ee sech, mengen ech, hei der Gewalt vun den Naturgegebenheete fügen an a Kaf huelen, dass dat Gebai tel quel net méi ka weider bestoen.

Ech wäert mech bei deem heite Vott elo enthalten, well ech awer elo net genuch weess, ob et net nach aner Alternative géife ginn, a well ech einfach en Zeeche setze wëll, dass et, an esou Diskussiounen, net just drëm goe soll ze jugéieren, ob een dat selwer schéi fënnt oder net. Well dat huet mer scho ganz vill wéi gedoe beim Hadir Tower, wou Leit einfach gemengt hunn, jo dee gesäit jo total desolat aus an ee sech net konnt virstellen, dass een deen nach kéint gutt a Stand setzen.

Et ass einfach wichteg, dass mer eis bewosst sinn, dass Denkmalschutz heescht: Zeeche vun enger Zäit iwwer d'Zäit ze erhalen. An et geet net drëm, no den ästhetesche Krittere vun haut Objeten, zum Beispill aus de 70er-Joren, ze jugéieren.

An deem Gebai do si stolen Träger verschafft ginn. Dat ass eppes, wat e Lien huet zu der Geschicht vun Déifferdeng. Dat kënnt ganz staark zum Ausdrock an der Konzeptioun vun deem dote Gebai. An deem Sënn ass et schued, dass et net kann erhale bleiwen.

Mir mussen un esou Dossiere mat deem Bléck erugeen. Et kann net jiddereen einfach subjektiv decidéieren, ob eppes elo schéin ass oder net, mee mir mussen och kollektiv wëssen, wat mer als Zeechen aus vergaangenen Zäiten, déi eis Gesellschaft duerchlieft huet, erhale wëllen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Den Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Mir als LSAP hunn, genau wéi och aner Parteien, schonn déi leschte Kéier géint d'Erhale vun deem Gebai gestëmmt. Et ass kloer, et ass déi Problematik vun der Degradatioun, déi esou wäit fortgeschratt ass. Respektiv ass och nach net gesot, dass d'Fondatiounen, do missten ënnen um Sockel Saache geschéien. A wat mech awer och e bësse wonnert, do gëtt vill gesot, vun der INPA, wat fir Etüde sollte gemaach ginn, ass ee Käschtepunkt do an esou weider – do-vun héiert een awer näischt.

Mir ginn dem Schäfferot eisen Accord, fir déi Saach do virunzeginn. Alldéngs: Kéinte mer eppes gewuer ginn, wat fir ee Käschtepunkt do op d'Gemeng zoukënnt, fir esou eng Prozedur? Dee wäert jo awer och net kleng sinn. Mee bon, wann op där enger Säit keng Asiicht ass, wéi solle mer eis anescht dogéint wieren? Dat ass déi eenzeg Méiglechkeet.

Dofir ënnerstëtze mer och weiderhin Är Iddi.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Muller. Ech géif nach eng Kéier d'Wuert un den Här Ulveling ginn, ier mer dann zum Vott géifen iwwergoen. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Fir d'éischt wëll ech dem Här Diderich Recht ginn. Et geet net ëm Schéinheet oder net Schéinheet. Ech als Kulturschäffe weess jo, dass verschidde Saachen de Leit gefalen a verschidde Saachen net gefalen. Esou ass et och mam Patrimoine industriel respektiv och deen aneren. Mee, ech mengen, dat Gebai war ni funktionell – also et war schlecht konzipéiert, loosse mer et esou soen. Well et net konnt richteg genotzt ginn, well all Raum ass jo aachteckeg praktesch an deem Dénge. An et gouf vum éischten Dag u Fiichtegkeetsproblemer. Den Daach war net dicht, an et waren ëmmer Probleemer.

Wat den Här Muller gesot huet, mir hu jo eisen Accord ginn, dass den INPA da soll eng Konterexpertis, wann een esou

8. Résolution sur la sortie du nucléaire

wëllt, op hir Fraise maache loossen, fir ze kucken, ob dat esou ass, wéi dat hei ass.

An da wëll ech awer och soen, dass mir dem Staat proposéiert hunn, hie sollt d’Gebai iwwerhuelen. Wou awer ganz kloer en Neen komm ass vum Staat. An ech mengen, wann et jo esou schützenswäert ass, an de Staat esou ee schéine Kaddo vun eis wëilt, da misst e jo awer direkt mat zwee Féiss do drop sprangen. Mee dat schéngt awer net esou ze sinn.

Soudatt ech elo mol géif kucken, wat elo aus där Konterexpertis do erauskënnt. An da waarde mer dat Urteel of. Ech mengen, déi Saachen, déi hei opgefouert si ginn, déi hunn awer Kapp a Schwanz. An da muss eeben de Riichter decidéieren, wie Recht huet. An dann ass dat esou.

Dat wollt ech just soen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Vott iwwer dee Punkt.

Le conseil communal décide, avec 17 voix oui et 1 abstention, d'autoriser le collège échevinal à ester en justice dans le cadre d'un recours en annulation contre l'arrêté ministériel portant classement de l'immeuble dit centre Marcel-Noppeney en tant que monument culturel national.

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 8, wou ech d’Wuert géif ginn un d’Madamm Charlé, fir eis dat ze erklären. Madamm Charlé, wannechgelift.

SCHÄFFIN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci fir d’Wuert. An dësem Dokument handelt et sech ëm eng Suite vum Thema, wat mer am leschte Gemengerot ugeschwat haten. Mat dësem Dokument wëlle mer een Zeeche setzen, zesumme mat deenen anere Gemengen aus der Allianz, géint nuklear Energie. An datt méi Sue sollen investéiert ginn

an d’Produktioun vun erneierbaren Energien.

Ech bieden Iech, dës Délibération-type matzestëmmen. Géif elo dozou weider net vill méi soen, well mer dat am leschte Gemengerot scho relativ am Detail beschwat haten. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Den Här Cillien, wannechgelift.

ERIC CILLIEN (DP):

Merci, Madamm Charlé. Ech wäert et awer kommentéieren. Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, villmools merci fir d’Wuert.

Dës Resolutioun, iwwer déi mer haut hei ofstëmmen, betrëfft direkt d’Sécherheet, d’Gesondheet an d’energeetesche Zukunft vun eiser Gemeng, awer och vun eisem Land. Heimat ënnersträiche mer nach eemol ganz kloer, datt mer géint d’Verlängerung vun der Lafdauer vum Atomkraaftwierk vu Cattenom iwwer 2026 ewech sinn.

D’Demokratesch Partei ënnerstëtzt dës Resolutioun voll a ganz, well si ënnersträicht déi laang Traditioun vu Virsiicht a Verantwortung vun de Lëtzebuerger Gemengen, fir d’Sécherheet vun hire Bierger ze verdeedege géint ee Risiko, dee keng Grenze kennt.

D’Reaktere vu Cattenom, déi fir eng Liewensdauer vu 40 Joer gebaut goufen, kommen elo un hir technesch Limiten. Eng Verlängerung ass net ouni Gefor. D’Alterung vun de Materialien, d’Rëss duerch d’Spannungskorrosioun an d’Schwieregkeete bei den Inspektiounen si kloer Warnzeechen, déi mir net dierfen ignoréieren. E Risque zéro gëtt et net. D’Geschicht, vun Tschernobyl bis Fukushima, erënnert eis mat Nodrock dorun.

Dës Resolutioun ass vill méi wéi nëmmen ee Refus, si dréckt och eng konstruktiv Visioun aus: déi vun enger verantwortlecher, nohalteger an europäescher Energietransitioun. D’Gemenge spillen eng wichteg Roll an dësem Wandel: duerch d’Sensibiliséierung vun de

tion, l’État ne se soit pas empressé d’accepter ce cadeau.

Il préfère maintenant attendre les résultats de la contreexpertise avant de se prononcer. Les arguments présentés lui semblent cohérents, mais ce sera au juge de trancher qui a raison.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) passe au point 8 de l’ordre du jour, cédant la parole à madame Charlé.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) explique que le document traité fait suite au thème abordé lors du dernier conseil communal. Avec ce document, la Commune souhaite prendre position, conjointement avec les autres communes de l’alliance, contre l’énergie nucléaire et pour un investissement accru dans la production d’énergies renouvelables.

Elle demande aux conseillers de voter cette délibération type, sans s’étendre davantage, puisque le sujet a déjà été discuté en détail lors du précédent conseil communal.

ERIC CILLIEN (DP) souligne que cette résolution concerne directement la sécurité, la santé et l’avenir énergétique de leur commune et du pays. Il réaffirme leur opposition ferme à la prolongation de la durée de vie de la centrale nucléaire de Cattenom au-delà de 2026. Le Parti démocratique soutient pleinement cette résolution, qui s’inscrit dans la longue tradition de prudence et de responsabilité des communes luxembourgeoises pour défendre la sécurité de leurs citoyens face à un risque qui ne connaît pas de frontières.

Les réacteurs de Cattenom, conçus pour une durée de vie de quarante ans, atteignent leurs limites techniques. Une prolongation représente un danger réel avec le vieillissement des matériaux, les fissures dues à la corrosion et les difficultés d’inspection. Il rappelle qu’il n’existe pas de risque zéro, comme l’ont tragiquement démontré Tchernobyl et Fukushima.

Cette résolution exprime une vision constructive d’une transition énergétique responsable, durable et européenne. Les communes jouent un

8. Résolution sur la sortie du nucléaire

rôle crucial dans cette transformation par la sensibilisation des citoyens, le soutien aux projets locaux et l'exemplarité de leurs choix énergétiques.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) exprime son accord avec monsieur Cillien et affirme qu'on ne finira jamais de débattre de ce sujet crucial. Il soutient naturellement la résolution et évoque le mélange d'émotions et de détermination qu'elle suscite.

L'émotion provient de la peur profonde des humains pour leur sécurité, celle de leurs enfants et l'avenir de l'environnement, sentiment partagé par tous ceux qui aperçoivent les cheminées de Cattenom depuis l'autoroute. La détermination vient de son refus, en tant qu'élu, de voir cette peur banalisée ou instrumentalisée. Il rappelle plusieurs incidents survenus à Cattenom, notamment une contamination en 2004 classée niveau 2 sur l'échelle INES. Cette résolution s'inscrit dans le combat politique que les Verts mènent depuis des décennies pour une transition énergétique juste et respectueuse des générations futures. Il salue le fait que 27 communes luxembourgeoises aient relancé cette alliance et réaffirme que cette lutte continuera.

Bierger, d'Ënnerstëtzung vu lokale Projeten an d'Virbildfunktioun vun eisen eegene Choixen am Energieberäich.

Dës Resolutioun ze ënnerstëtzen, heescht mat Konsequenz, Virsiicht a Solidaritéit ze handelen. Et heescht, eis Bevëlkerung an eis Ëmwelt ze schützen, a gläichzäiteg zu enger sécherer an nohalteger europäescher Energiezukunft bäizedroen.

Dofir stëmme mer dës Resolutioun als Demokratesch Partei mat. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Cillien. Här Aguiar, wannechgelift.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Wuert. Du coup, je suis d'accord avec monsieur Cillien. Je pense qu'on n'a jamais fini de parler de ce sujet. Il est important de continuer à débattre de ce sujet, aussi parce que nous soutenons naturellement la résolution. Et, effectivement, quand j'ai lu la résolution et, avec notre débat, nos batailles — surtout notre parti déi gréng — qu'on fait depuis des décennies, je suis aussi pris par un mélange d'émotions et de détermination.

Émotions, parce que ces sujets touchent à quelque chose de profondément humain : la peur, la peur pour notre sécurité, pour celle de nos enfants et pour l'avenir de notre environnement. Et je pose aussi la question autour de ce conseil : qui n'a jamais eu un pincement au cœur, quand il passe par l'autoroute et voit les grandes cheminées de Cattenom ?

Mais aussi la détermination, parce qu'en tant qu'élu je refuse que cette peur soit banalisée, ignorée ou instrumentalisée. Notre rôle ici n'est pas de faire semblant que tout va bien, c'est de prendre nos responsabilités, d'écouter notre population et notre famille, et d'essayer de bien agir.

La peur n'est pas irrationnelle ! Je rappelle que plusieurs incidents ont déjà eu lieu à Cattenom. Par exemple, en 2004,

un cas de contamination, plus récent, classé au niveau 2 de l'échelle d'INES.

La résolution que nous étudions ici ne vient de nulle part. Elle s'inscrit dans un combat politique que déi gréng mène depuis des décennies. Celui d'une transition énergétique juste, sûre et respectueuse des générations futures.

Depuis des décennies, déi gréng ont fait de la transition énergétique un pilier. Nous avons adopté des motions, des résolutions et des campagnes, justement, sur la nécessité de sortir du nucléaire dans le cadre de la sécurité civile et environnementale. Le développement massif des énergies renouvelables sur notre sol, que ce soit le solaire, l'éolien, la géothermie etc. L'implication citoyenne, la transparence et la justice énergétique.

Comme madame Charlé l'a bien dit, le 24 septembre, madame Schütz nous a présenté une motion en ce conseil communal. Je tiens à rappeler que cette résolution reprend et renforce notre position. Nous ne nous associons pas seulement pour aujourd'hui, mais aussi pour les années à venir.

J'ai également lu sur RTL que 27 communes luxembourgeoises ont relancé cette alliance, ce que nous saluons. Et nous rappelons que cette lutte ne s'arrête pas, qu'on continue à dire plus clairement qu'on n'est pas d'accord. On n'est pas d'accord pour que cette situation se prolonge.

Je salue l'engagement de cette résolution. Naturellement, nous continuons à saluer les projets que nous menons, par exemple NetZeroCities, qui met en évidence l'importance de l'écologie non seulement au sein de notre commune, mais aussi au sein du pays, en Europe et dans le monde.

Et c'est dans cette logique que nous soutenons cette résolution, de façon claire et ferme. Merci à toutes et à tous.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Aguiar. Den Här Diderich, wannechgelift.

9. Règlements communaux

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot, déi Lénk ass zënter ëmmer konsequent géint Atomkraaft. Dofir begreisse mer déi heite Resolutioun an déi Approche. De Wee vun enger Technologie, déi zentral ganz vill Stroum produzéiert, Joerhonnerten eng Altlast hannerléisst a permanent eng Gefor duerstellt, ass fir eis kee Wee. Et gëtt ganz vill Alternativen, an déi mussen investéiert ginn.

Mir assistéieren aktuell fir e Renouveau vun der Atomkraaft, an et gëtt esou gemaach, wéi wann dat awer elo nach d'Léisung kéint si fir d'Energiefro – an och quasi fir de Klimawandel. Deem muss ee konsequent entgéintwierken. Well et och e Versprechen ass, wat net kann agehale ginn. Well all neit Atomwierk brauch bis zu 15 Joer, ier et iwwerhaupt leeft. An dann hu mer dat alles scho verpasst, wat mer mussen anhalen, fir punkto Klimawandel endlech wierklech op d'Brems ze drécken. Dat heescht, kuerzfristeg funktionéiert dat net. A laangfristeg souwisou net, wéinst all den Altlasten, déi kommen.

Ech sinn dofir ganz frou, dass mer eis, wéi et schéngt, bal all eens sinn als Parteien – oder ganz eens sinn –, dass mer géint d'Verlängerung vun der Lafzäit vu Cattenom antrieden.

Ech bedauern awer, dass dat an der Vergaangenheet hei am Gemengerot net ëmmer esou de Fall war, wann et ëm Saache gaangen ass, déi eis vill méi direkt betraff hunn. Ech erënneren un d'Sotelsleitung, wou ech mech awer zimmlech eleng gefillt hat an deem Gemengerot, wann et drëm gaangen ass, konsequent géint d'Verleeë vun där Leitung duerch de Kiemerchen virzegoen. An eeben dofir anzetrieden, dass mer net weider Atomstroum iwwer weider Weeër hei importéieren.

Änlech misst et op nationalem Niveau sinn, dass ee sech géint all Approchen, Demarché wiert, wou Atomkraaft als gréng Energie verkaf gëtt an an iergendwelleche Portefeuillen op der Finanzplaz gehandelt ka ginn, déi nohaltege Krittere géifen entsprechen. Och do missten all d'Parteien, op all Niveau, konsequent sinn, wann et géint Atomkraaft geet.

Well alles dat och mat dozou bäidréit, dass Cattenom oder Tihange oder all déi Atomkraaftwierker, déi awer méi no hei sinn, verlängert kënnen ginn.

An deem Sënn ënnerstëtzen ech déi doten Initiativ an ech hoffen, dass och déi aner Parteien an Zukunft méi konsequent, och op aneren Niveauen, géint Atomkraaft virginn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. Wann et keng weider Wuertmeldung méi gëtt, géife mir driwwer ofstëmmen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la résolution relative à la sortie du nucléaire et au développement des énergies renouvelables.

Ech soen Iech Merci. Da kéime mer zum Punkt 9 vum Ordre du jour, de Gemengereglementer. Do géif den Här Ulveling eis d'Punkten 9a) an 9b) zesumme virstellen. Well dat zimmlech beiennee läit, géif ech Iech proposéieren, wann Der näischt dogéint hutt, dass mer dat zesummen ofstëmmen, no dem Här Ulveling sengen Erklärungen. Här Ulveling, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Et geet ëm d'Auberge an der Schoul, wou mer 32 Persounen kënnen ophuelen. Do hu mer dräi Dortoire mat Better, déi iwwerene sinn, eng Kéier een Dortoir mat zwielef Better, ee mat zéng an ee mat sechs Better. A mer hunn nach zwou individuell Kummere mat jeeweils zwee Better fir d'Accompagnateuren oder d'Adulten.

Dir wësst, dass mer amgaange sinn, eis touristesch méi op d'Landkaart ze setzen. Dat ganz Angebot, wat mer hei hunn, dat wëlle mer no bausse besser kommunizéiere wéi vläicht an der Zäit. Dofir ass et wichteg, dass mer e Règlement d'ordre interne hunn, fir genau ze

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) affirme que déi Lénk s'oppose depuis toujours de manière conséquente à l'énergie nucléaire et salue donc la résolution présentée. Pour son parti, une technologie qui produit de l'électricité de manière centralisée, laisse un héritage pendant des siècles et représente un danger permanent n'est pas une voie à suivre. Il souligne qu'il existe de nombreuses solutions de rechange dans lesquelles il faut investir.

Il constate qu'on assiste actuellement à un renouveau du nucléaire, présenté comme une solution possible pour la question énergétique et même pour le changement climatique. Il estime qu'il faut s'opposer fermement à cette vision, car c'est une promesse impossible à tenir : toute nouvelle centrale nucléaire nécessite jusqu'à 15 ans avant d'être opérationnelle, ce qui fait qu'on aura déjà manqué tous les objectifs nécessaires pour vraiment freiner le changement climatique. À court terme, cela ne fonctionne donc pas, et à long terme encore moins à cause de tous les déchets qui s'accumuleront.

Il se réjouit que les partis semblent presque tous unis, voire totalement unis, pour s'opposer à la prolongation de la durée de vie de Cattenom. Cependant, il regrette que cette unanimité n'ait pas toujours existé au conseil communal par le passé sur des sujets qui les concernaient plus directement. Il évoque notamment l'affaire de la ligne électrique Sotel, où il s'était senti isolé dans ce conseil pour s'opposer fermement à l'installation de cette ligne dans le Kiermerchen et pour empêcher l'importation future d'électricité nucléaire par d'autres moyens.

Il considère que, au niveau national, il faudrait s'opposer à toutes les approches où l'énergie nucléaire est vendue comme énergie verte et peut être négociée dans des portefeuilles sur la place financière qui correspondraient à des critères durables. Tous les partis, à tous les niveaux, devraient être conséquents dans leur opposition au nucléaire, car tout cela contribue aussi à permettre la prolongation de Cattenom, Tihange ou toutes les centrales nucléaires proches.

9. Règlements communaux

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) *passé au point 9 de l'ordre du jour concernant les règlements communaux et propose de traiter ensemble les points 9a et 9b, qui sont liés, avant de passer la parole à monsieur Ulveling.*

TOM ULVELING (CSV) *explique qu'il s'agit de l'auberge de l'école pour accueillir 32 personnes, avec trois dortoirs équipés de lits superposés : un dortoir de 12 lits, un de 10 et un de 6 lits, plus deux chambres individuelles avec chacune 2 lits pour les accompagnateurs ou adultes.*

Il indique que la Commune travaille à mieux se positionner touristiquement et souhaite mieux communiquer vers l'extérieur l'offre disponible, d'où l'importance d'avoir un règlement d'ordre intérieur précisant le fonctionnement et les tarifs.

Tom Ulveling affirme qu'ils disposent désormais d'un bon outil pour mieux réguler les choses à l'avenir. Il souligne que c'est une offre attractive et qu'après avoir comparé les prix avec d'autres communes, ils restent encore moins chers.

wëssen, wéi dat soll fonctionéieren a wat et soll kaschten.

Eng Klammer op: Ech hat d'lescht Woch Gespräicher mat der Naturschoul a mat de Scouten, déi bereet wären, de geschützten Hangar zu Lasauvage – wéi gesot, mir sinn och dofir, fir Saachen ze schützen a mir wëllen dat och protegéieren –, fir deen als Annex ze notzen. Dee wäert elo lues a lues an d'Rei gesat ginn. Wann dann ëmmer méi Leit kommen an d'Angebot vun der Naturschoul méi grouss ka ginn, da brauche mer dat hei. Dofir musse mer kloer Reegelen opstellen.

Et ass esou: An Zukunft musse sech minimum zéng Leit umellen. Et geet net méi, dass mer déi ganz Auberge opmaache fir zwéi, dräi Leit, well dat kascht eis e Verméigen. Déi zwéi, dräi Leit, déi brauche Sanitär, déi gebrauchen d'Kichen, déi gebrauchen dee Sall, wou se ënnerbruecht sinn. A fir dat ze botzen, dat kascht dat Zéngfacht vun deem, wat mer als Loyer kréien. Dofir hu mer gesot, et musse mindestens zéng Persounen do sinn, fir dat ze lounen, soss verloune mer et net. An déi mussen och eng Kautioun vun 300 Euro hannerleeën.

Et ass festgehale ginn, wa se eng Reservatioun maachen, dass se da musse 50 % Acompte bezuelen. Wa se hir Reservatioun annuléieren endéans vun engem Mount, brauche se näischt ze bezuelen, mee bis 15 Deeg virdru musse se 50 % bezuelen. A bei manner wéi 15 Deeg musse se d'Integralitéit bezuelen.

An et ass och esou, wann een eis seet, e wär zu zéng, e kënnt awer nëmmen zu siwen – wat an der Lescht och ëfters virkomm ass –, da muss en awer fir déi zéng Leit bezuelen.

Dat ass emol dat eent.

Mir wëllen déi Auberge an Zukunft och net méi laang wéi eng Woch en continu un dee selwechten, net méi wéi siwen Nüchteën, verlounen.

An da brauche mer natierlech och een Tarif. Do hu mer och eng kleng Modifikatioun virgeholl. Fréier war dat e bësse méi komplizéiert. Elo ass et esou, dass d'Nüchte pro Kand oder Erwuessemen zu engem Präis X ofgerechent gëtt,

deen Der hei gesitt: 27 respektiv 32 Euro. Do ass dann alles dran. Fréier war dat net esou, do huet een alles misse extra bezuelen. Hei ass de Petit déjeuner dran, hei ass och d'Utilisatioun vun der Kichen dran.

Dofir hu mer ee ganz kloren Tarif hei gemaach. Multiplizéiert een dat mat der Unzuel vun de Kanner, déi an deem jeeweilegen Alter sinn, da weess een, wat een ze bezuelen huet. An da kann ee Supplement bestellen, wann ee Friichte gären hätt, e Jugurt oder Jus, dat kascht dann dräi Euro méi.

A mir hunn och een Tarif fir den Déjeuner oder den Dîner ausserhalb vun de Weekender natierlech, wou e Plat chaud pour enfants zéng Euro kascht, e Plat chaud adultes 12 Euro, eng Assiette froide enfants aacht Euro an eng Assiette froide pour adultes zéng Euro kascht. Soudass een da genau weess, wann een dat reservéiert a bestellt, wat een ze bezuelen huet.

Mir haten ee Problem mat der Locatioun vun der Kichen. Et war esou, dass an deem alen Tarif d'Kiche fir 80 Euro verlount gi war. Mam Resultat, dass elo fir 80 Euro Halloweenpartyte stattfanen, wou mer dann duerno net nëmmen d'Kichen, mee och nach de Sanitär an alles musse botzen. Soudass dat kee Sënn mécht.

An dofir hu mer elo hei e bëssen en dissuasive Präis vun 300 Euro fir Sociétés commerciales festgehalten, respektiv fir Sociétés non locales 250 a fir Associations vun der Gemeng 150 Euro. Mee mir wëllen och festhalen, dass déi Locatioun vun der Kichen nëmmen op Ufro un de Schäfferot ka geneemegt ginn. Soudass et also net méi virkënnt, dass déi elo fir 100 Euro gelount gëtt an dann do riseg Partyte gemaach ginn, wou mer dann déi ganz Auberge musse duerno botzen.

Wéi Dir gesitt, hu mer en Nettoyage supplémentaire pro Stonn fir 40 Euro taxes comprises, oder 41 Euro, virgesinn, wann et net esou ass, wéi mer eis dat virstellen. An och dorop steet eng Kautioun vun 300 Euro dran.

Soudatt ech mengen, dass mer hei elo ee gudden Outil hunn, fir dat an Zukunft besser ze regléieren.

9. Règlements communaux

Et ass eng attraktiv Offer. Mir hunn d'Präisser verglach mat aneren, mir sinn nach ëmmer méi bëlleg an drënner, soudass mer mengen, dass dat do awer derzou bäidroen kann, dass do jiddwereen, deen eventuell wëllt e Camp do maachen oder eng Naturschoul oder eng Excursioun mat senger Schoullklass dohinner wëll maachen, dass dat awer en attraktiivt Ugebuet ass, an dass mer dat da sollten esou stëmmen. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling, fir déi explizitt Erklärungen. Madamm Pregno, wann echgelif.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. Villmools merci fir déi explizitt Erklärungen, Här Ulveling. Et schéngt, wéi wann Der ee ganz gereegelte Kader opgesat hätt, fir dass et einfach eng gutt Misen en oeuvre ass. A vläicht gewëssen Inziviliteite kënnen e bësse méi begrenzt ginn, dobäi d'Attraktivitéit awer nach ëmmer wäert héich bleiwen.

Ech hätt eng Fro, wat d'Taxereglement ugeet. Et war mol dovunner rieds, dass et géif een Taxereglement fir de Refectoire an den neien Ateliere ginn. Dir wollt jo do eng Kéier testen, wéi een dat ëmsetze kéint. Ech wollt emol froen: Wou si mer do drun? Villmools merci.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech kann Iech direkt äntwerten: Déi huele mer mat aneren Taxen, déi nach musse kommen, notamment vläicht de Parkingen oder esou. Dat wäerte mer alles zesummen eng Kéier maachen, fir dass mer nëmmen eng Kéier iwwer déi Taxe mussen diskutéieren.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Dofir diskutéiere mer dann dës Kéier just dësem, fir dass mer d'nächste Kéier méi Zäit hunn.

Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Nach eng Wuertmeldung dozou? Da géife mer zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le règlement d'ordre intérieur relatif à l'utilisation de l'auberge An der Schoul à Lasauvage.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modifications au chapitre « B-2 : Structures communales à Lasauvage » du Règlement des taxes, tarifs et prix.

Ech soen Iech Merci. Kéime mer zum Punkt 9c), dat ass e Relevé vun de fräien Nuechten, deen offizielle Relevé fir d'Joer 2026. Dir hutt en an Ärer Diffcloud an Dir hutt en an Ärem Dossier leien. Wa Froen dozou wäeren, wär ech bereet, Iech déi ze beäntweren. Wann et keng Wuertmeldungen oder Froe gëtt, kéime mer zum Vott iwwer dee Relevé.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le relevé des nuits blanches officielles pour l'année 2026.

Ech soen Iech Merci. Punkt 9d), Modifikatioun vum Verkéiersreglement. Madamm Charlé, wannechgelif.

SCHÄFFIN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Merci fir d'Wuert. Fir d'éischt wëllt ech, wat d'Reglement ugeet, viruginn, datt mer ee groussen Deel aus dem Règlement schonn eng Kéier gesinn hunn. Dat war am Gemengerot vum 7. Mee.

Dëst gouf net akzeptéiert vum Ministère, opgrond vun engem C2, dee mer wollten am Fond-de-Gras maachen, op der Plaz vun de Bornen. Dëse gouf net ugehall, dofir gouf d'ganzt Règlement verworfen. Dofir ass dee ganzen Deel

Il estime que cela peut contribuer à ce que toute personne souhaitant organiser un camp, une école nature ou une excursion scolaire trouve cette offre attractive et propose donc de voter en ce sens.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)

constate qu'un cadre bien réglementé a été mis en place pour assurer une bonne mise en œuvre et permettre de limiter certaines incivilités tout en maintenant l'attractivité élevée.

Elle pose une question concernant le Règlement des taxes, rappelant qu'il était question d'établir un règlement des taxes pour le réfectoire et les nouveaux ateliers. Elle demande où en est ce projet, sachant qu'ils voulaient d'abord tester comment le mettre en œuvre.

TOM ULVELING (CSV) répond directement que ce règlement sera traité en même temps que les autres taxes à venir, notamment celles concernant le stationnement, afin qu'on n'ait pas à discuter séparément de chacune d'entre elles.

(Vote)

GUY ALTMEISCH (LSAP) présente le point suivant concernant le relevé officiel des nuits blanches pour l'année 2026, disponible dans le nuage et les dossiers.

(Vote)

ZENIA CHARLÉ (LSAP) prend ensuite la parole concernant les modifications du Règlement de circulation. Elle explique qu'une grande partie du règlement a déjà été vue lors du conseil communal du 7 mai, mais que le ministère n'a pas accepté l'ensemble à cause d'un panneau C2 qu'ils voulaient installer au Fond-de-Gras à la place des bornes. À la suite de ce refus, tout le règlement a été rejeté et doit donc être représenté, incluant toute la partie concernant Lasauvage.

9. Règlements communaux

Elle énumère plusieurs changements majeurs : les bornes de recharge rapide temporairement réglemantées sont maintenant permanentes sur plusieurs parkings, les places de parking CFL Flex sont définitivement intégrées, de nombreux passages piétons temporaires deviennent permanents dans le cadre du chemin scolaire sécurisé et du pédibus, ainsi que plusieurs places PMR.

Une nouveauté majeure concerne la première limitation de vitesse à trente kilomètres-heure dans la rue Woiwer, sujet de longue discussion. Dans cette même rue, un panneau C18 est prévu à cause du stationnement sauvage, qui endommage les arbres, avec un grand parking disponible à cinquante mètres. À l'entrée d'Oberkorn, sur le chemin longeant les champs, une interdiction de stationnement est mise en place pour garantir le passage des ambulances. Le parking en bas est adapté à quatre heures, comme les autres parkings longue durée. Dans la rue des Trévires, une interdiction de stationnement sur un côté facilite la circulation. Des adaptations sont prévues au Haneboesch après concertation avec le CAE et les commerçants. Enfin, un arrêt de bus supplémentaire est ajouté dans la rue de Longwy.

FRANÇOIS MEISCH (DP) note que ces adaptations sont pour la plupart logiques et nécessaires, certaines répondant à des tentatives d'habitants de s'octroyer des avantages, comme la situation des camionnettes à Lasauvage.

Lasauvage an och nach e ganze Koup aner Saachen eeben do nach eng Kéier dran. Et gouf am Fong awer schonn eng Kéier mat Jo gestëmmt.

D'Verkéiserskommissioun huet een Avis favorable ofginn, wat eis natierlech freet.

Ech géif vläicht verschidde Saachen ervirhiewen aus dem Reglement. Wann duerno awer nach konkreet Froe solle sinn, kënne mer déi ganz gär duerchhuelen.

Wat mer hei erëmfannen, sinn déi nei Schnellladebornen, déi temporär reglementéiert waren um Parking 1535°, op der Place des Alliés, um Haut-Fourneaux, um CHEM zu Nidderkuer an nach am Haneboesch. Déi sinn elo fix.

D'CFL-Flex-Parkplazen, déi mer och schonn d'leschte Kéier ugeschwat hatten, déi fix drakommen: Place des Alliés, Place Jehan Steichen, Rue Asca Rampini a Rue Pierre Gansen um Parking.

Ganz vill Zebrasträifen, déi temporär reglementéiert waren, géife ganz drakommen, am Kader vum „sécher Schoulwee“ a Pedibus. Och eng jett PMR-Parkplazen.

Dann hu mer als Neiegkeet déi éischt Vitess-Limitatioun op 30km/h, déi géif bäikommen an der Rue Woiwer. Wou mer laang iwwerluecht hunn, ob mer dat hikréien an déi och scho laang en Thema ass. A mir hoffen natierlech och, datt dat esou wäert akzeptéiert ginn. Et gesäit awer am Fong ganz, ganz gutt aus.

Dann hu mer an der Woiwer Strooss fir d'Place Liliane en C18 virgesinn. Opgrond vu wëllem Parken, awer och ville Beem, déi e bëssen ënner dem Parke vun de Leit hei op der Plaz leiden. Mir hunn do jo wierklech op 50 Meter ee grouse Parking. Dat heescht, dat dierft kee Problem sinn.

Am Agang vun Uewerkuer, de Wee laanscht d'Felder Richtung Gaalgebierg Bieles erop, hu mer e Stationéierungsverbuet C19 gemaach, fir ze garantéieren, datt do d'Ambulanzen an all aner néideg Camionen, déi do mussen eropfuere, kënne duerchkommen. An hoffen, datt hei während de Spëtzen-

zäiten am Summer keng geféierlech Situatiounen méi entstinn.

De Parking ënnen hu mer och ugepasst un eis aner Laangzäitparkingen, op véier Stonnen.

An der Rue des Trévires gëtt et ee Stationéierungsverbuet op enger Säit, fir dass d'Leit besser laanschtkommen an dréie kënnen.

Et gëtt verschidden Upassunge vum Reglement am Haneboesch, wou mer zesumme souze mam CAE a mat de Commerçanten aus dem Haneboesch, fir hei déi beschtméiglech Léisung ze fannen. Wou mer och frou sinn, dass mer sou gutt Gespréicher hatten an, mengen ech, fir jiddwereen hei eppes Positives konnte mat erauszéien.

Als lescht ee weidere Busarrêt an der Lonkecher Strooss, datt de Bus do zousätzlech stoe bleift, opgrond vun der Längt vun der Strooss.

Dat wär emol ee klengen Iwwerbléck.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Den Här Meisch, wannechgelift.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Hei geet et ëm eng ganz Rei vun Adaptatiounen am Verkéisersreglement. Déi meescht Saache si logesch an dränge sech op. Bei aneren Ännerunge gëtt reagiert, well Awunner probéieren, sech Virdeeler ze verschafen, beispillsweis d'Situatioun vun de Camionnetten zu Lasauvage, fir nëmmen déi ze nennen.

Hauptpunkt ass awer, dass d'Woiwer Strooss muss verkéisersberouegt ginn, wat mer begréissen. Eng Tempo-30-Zon bitt sech do effektiv un. Do awer d'Fro, ob mer dann elo Verengungen op verschiddene kleng Kräizunge musse bauen, wéi op der Woiwer Kräizung oder der Kräizung bei der Gulf-Tankstell, fir nëmmen déi ze nennen?

Well do komme mer jo vun enger Staatsstrooss an eng Zon 30. A laut Permission de voirie misst dat dann

9. Règlements communaux

d'Virgab sinn. Ausser et gëtt eng Dero-gatioun vläicht.

Ausser där Fro, kënnen mer déi heiten Adaptatioun vum Règlement alleguer-te matdroen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Meisch. Weider Wuertmel-dungen? Här Tempels, wannechgelift.

GUY TEMPELS (CSV):

Merci. Just kuerz. Ech hoffe just, déi Saach mat de Parkverbueter op der Bie-lesser Säit, do wou déi Schëlter kom-men, dass kee sech do parkt. Ech hunn nach ni een Auto gesinn do stoen. Ech sinn all Dag do. Et ass net schlëmm. Mee ech hoffe just, dass ni een op d'Id-di kënnt, eng Kéier d'Autorisatioun vun deem Wee, dee frësch gemaach gëtt, op de Bierg, nozekucken. Well do stoung tatsächlech dran – ech hu gesot, dat ka jo net méiglech sinn –, dass dee Wee erëm zrëckgebaut gëtt, nodeems den Nardecchias Tipp ofgedroen ass.

Dat heescht, do misst de Makadam erëm erausgeholl ginn. Da fiert awer keng Ambulanz a kee Pompjeescamion méi do erop, well et war bal net méi ze fueren. Ech hoffe jo, dass et ni esou wäit kënnt – mee, wéi gesot. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Tempels. D'Madamm Charlé nach eng Kéier, wannechgelift.

SCHÄFFIN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

An enger Reunioun, zesumme mat der Suessemer Gemeng, gouf eis drop higewisen, datt dee Wee essentiel wär bei Incendien do uewen um Gaalgebierg. An et gouf drop higewisen, datt wann een dee Wee ganz duerchfiert an uewen ëm d'Kéier – ech mengen, Dir hat mech selwer eng Kéier drop ugeschwat, och mam Knascht. Zum Beispill owes fue-ren d'Autoe mat Vollgas erop, an et sinn esou kleng Partyen um Bëschwee. Ech mengen, dat ass ee kleng Pro-

bleem, dat anert ass awer vill méi ee groussen.

Dat heescht, si fueren am Fong do ëm deen Eck a parken dann do laanscht. Et kënnt een zwar nach laanscht, mee ee Camion oder eng Ambulanz géif net méi laaschtkommen. Mir goufen eeben do vun der Suessemer Gemeng gefrot, ob mer dat kéinten esou maachen, fir dass mer et an de Grëff kréien. De-ementspriedend gëtt eeben dee ganze Wee op deen C19 reglementéiert.

Déi aner Fro, déi Saach mat der Woi-wer Strooss, mat den Anengungen. Et ass jo effektiv esou, dass wa mer op 30 erofginn, dass d'Strooss nëmmen eng gewësse Breet däerf hunn op verschi-dene Plazen. An do zielt dann och déi Plaz virum Parking, ënne bei der Woi-wer Schoul, dozou.

D'Iddi ass elo mol, dass mer natierlech versichen, dat doten esou duerchzekréi-en, fir iwwerhaupt eng 30er-Zon do ze kréien. An ofhängeg, wéi d'Situatioun dann ausgeet, wäerte mer da kucken, wéi eng Mesurë musse geholl ginn, datt mer et kënnen ëmsetzen. A wa mer bis alles esou gemaach hunn, datt eng 30er-Zon do ka sinn, wäerte mer dat da maachen. Wann noutwendeg.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Keng Wuert-meldung méi, mir kënnen zum Vott kommen.

Le conseil communal décide à l'unani-mité d'approuver la modification du Règlement de circulation.

Ech soen Iech Merci. Da géif ech d'Ma-damm Charlé nach eng Kéier zu Wuert-bieden, fir de Punkt 9e), fir d'Dréng-lechkeetsreglementer. Madamm Char-lé, wannechgelift.

SCHÄFFIN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Drénglechkeetsreglement. Ech maa-chen eng kuerz Zesummeffaassung. Et ass zimmlech wéi ëmmer: verschi-de

Il souligne l'importance de la zone 30 dans la rue Woiwer, mais s'interroge sur la nécessité de construire des rétrécissements aux petits carrefours.

GUY TEMPELS (CSV) évoque les panneaux d'interdiction de stationnement du côté de Belvaux. Il précise qu'il n'a jamais vu de voiture garée à cet endroit bien qu'il y passe quotidiennement.

Il exprime son espoir que personne n'aura l'idée de vérifier l'autorisation du chemin récemment refait sur la colline, car il était mentionné que ce chemin devrait être démantelé après l'enlèvement du dépôt Nardecchia. Il souligne que si le macadam devait être enlevé, ni les ambulances ni les camions de pom-piers ne pourraient plus y circuler. Il espère que la situation n'en arri-vera jamais là.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) explique que lors d'une réunion avec la com-mune de Sanem, il leur a été signalé que ce chemin était essentiel en cas d'incendie sur le Gaalgebierg. Elle évoque le problème des voitures qui roulent à toute vitesse le soir et des petites fêtes sur le chemin fores-tier, qu'elle considère comme un problème mineur.

Le problème majeur concerne les véhicules qui contournent le virage et se garent le long du chemin, ren-dant le passage impossible pour les camions ou ambulances. La com-mune de Sanem leur a demandé de prendre des mesures, ce qui ex-plique pourquoi tout le chemin est règlementé en C19.

Concernant la rue Woiwer et les ré-trécissements, elle confirme qu'en passant à une zone 30, la rue ne peut avoir qu'une certaine largeur à différents endroits, incluant l'es-pace devant le parking près de l'école Woiwer. L'objectif est d'ob-tenir une zone 30 et d'évaluer en-suite les mesures nécessaires à mettre en œuvre.

(Vote)

Zenia Charlé présente les règle-ments d'urgence. Elle résume briè-vement qu'il s'agit de travaux de fa-çade par des particuliers, de chan-tiers privés, de passages piétons temporaires et de places PMR.

9. Règlements communaux

Elle mentionne les bornes électriques et stations Flex, qui sont réglementées temporairement en attendant l'accord du ministère. Elle évoque également la fermeture du parking Woiwer pour l'installation d'ombrières photovoltaïques et les phases de test qu'elle a expliquées dans sa communication.

ERIC CILLIEN (DP) intervient concernant les deux phases de test à Niderkorn et au centre de Differdange, visant à réduire le trafic de transit dans l'espoir que les automobilistes français utilisent enfin la liaison Micheville. Il exprime ses craintes que cela soit aventureux et au détriment des habitants, notamment ceux de Lasauvage, qui ne sont pas enthousiastes.

Pour le centre de Differdange, il pense que ce sera difficile pour les commerces de la partie haute si tout le trafic y est drainé. Il propose qu'en cas de décisions définitives, on puisse consulter les citoyens par référendum.

Il souligne qu'une pacification du trafic au centre va de pair avec la suppression du PN15, la barrière entre Differdange et Oberkorn. Il espère ironiquement que ce n'est pas le résultat de la grande étude générale sur la mobilité, dont le crédit a été augmenté à 550 000 €.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) souhaite prendre position sur le règlement 1531 concernant la phase de test à Niderkorn et demande un vote séparé. Elle salue la tenue d'une commission de la mobilité le 16 octobre après une longue absence. Elle approuve le principe des tests, mais s'interroge sur les questions précises qu'ils visent à résoudre.

Elle note que le rondpoint de Niderkorn doit être partiellement soulagé, mais constate que le trafic s'accumule maintenant le long de l'hôpital, créant toujours des embouteillages au rondpoint. Elle souligne l'évidence que fermer une rue déplace le trafic ailleurs, notamment par la rue de Hussigny, et suppose qu'on veut vérifier combien d'automobilistes utiliseront la liaison Micheville plutôt que de traverser Differdange.

Fassadenaarbechte fanne mer hei vu Privatleit, Chantiere vu Privatleit, eng jett Zebrasträifen, déi sollen elo mol temporär geregelt ginn. D'selwecht fir d'PMR-Plazen.

Mir fannen elektresch Bornen a Flex-Stationen do erëm, déi dann esou laang geregelt sinn, bis mer vum Ministère den Accord kritt hu vum Règlement, wat mer virdrun duerchgeholl hunn.

An da fanne mer hei awer och nach d'Spärung vum Woiwer Parking wéinst de PV-Ombrières, déi do wäerten installéiert ginn. An dann eis Testphas, wou ech an der Kommunikatioun erkläert hunn, fanne mer hei erëm. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Den Här Cillien, wannechgelift.

ERIC CILLIEN (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, zu den zwou Testphasen, déi Der am Ufank vun Ärer Kommunikatioun schonn erwäant hat, an der Hiel zu Nidderkuer an am Déifferdenger Zentrum. Do ass jo d'Zil, den Duerchgangsverkéier ze reduzéieren, an der Hoffnung, dass déi franséisch Automobilisten endlech op d'Liaison Micheville zrëckgräifen.

Mir hunn allerdéngs d'Angscht, datt dat relativ abenteuerlech kéint ausgoen, a virun allem zum Nodeel vun eisen Awunner. Beispillsweis sinn d'Awunner vun der Zowaasch am Moment majoritär net esou begeeschtert dovunner, wat jo och ze verstoen ass. A wat den Déifferdenger Zentrum ugeet, wäert et fir d'Geschäfter am ieweschten Deel, mengen ech, relativ ustrengend ginn, wann elo dee ganzen Trafick do duerch drainéiert gëtt.

Nichtsdestotrotz si mer bereet, d'Resultater vun der Testphas ofzewaarden an dann eis Konklusiounen ze zéien. Wann da sollen esou Decisiounen definitiv geholl ginn, kéinte mer jo och op eis Bierger zrëckgräifen an ëm hir Meenung froen, wéi dat och an anere Gemenge mol gemaach gëtt, iwwer Referendum.

Fir eis geet eng Verkéiersberouegung am Zentrum Hand an Hand mat engem Ewechfale vum PN15, also der Barriär tëschent Déifferdeng an Uewerkuer.

An dann – mat engem klengen Schmunzelen – hoffe mer, datt dat hei net d'Resultat ass vun der grousser Étude générale sur la mobilité, wou am leschte Gemengerot de Kredit op 550.000 Euro erhéicht gouf. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Cillien. D'Madamm Pregnino, wannechgelift.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. Déi gréng Fraktioun géif gäre Stellung huelen, virun allem zum Règlement 1531, wat d'Testphas zu Nidderkuer ugeet. A mir géifen och gären iwwer dat Règlement herno separat ofstëmmen. An dat aus follgende Grënn.

Mol virop: Et war jo eng Mobilitéitskommissioun de 16. Oktober. No laanger Absence vun dëser Kommissioun begrësse mer dat natierlech, dass et endlech emol erëm zu enger Kommissioun komm ass. Wou eng sëllege Saache virgestallt goufen an diskutéiert gi sinn, mat dann och engem uschlëssende Rapport, dee scho relativ fréi disponibel war.

Test. Jo, sënnvoll. Absolutt. Ech mengen, d'Madamm Charlé huet schonn ëfters gesot, mir wëssen net alles, dofir muss mer testen. Domadder si mer absolutt d'accord.

Mee verschidde Froen sinn eis einfach net kloer. Well, wann ech eppes testen, da muss ech jo Froen hunn. Déi Froen komme ganz oft hei net wierklech eraus.

De Rond-point Nidderkuer soll deels entlaascht ginn. Dat hu mer dann elo de Moien héieren. Jo. An awer staut et dann elo an der Kéier laanscht d'Spidol. Dat heescht, ee gudden Deel vun deem Trafick, dee soss d'Hiel erofkomm ass, fiert elo laanscht d'Spidol, d'Kéier erof an et staut dann déi Sait

9. Règlements communaux

vum Rond-point. Wat nach ëmmer zu Stau am Rond-point féiert.

Et ass jo och kloer: Wann eng Strooss zou ass, da fueren d'Leit een anere Wee. Si mussen e fueren. Si musse jo do ukommen, wou se wëllen hin. Kloer ass: Wa mer d'Hiel zoumaachen, da fiert ee groussen Deel duerch d'Héisinger Strooss. Dat wousste mer jo och dës le départ. Ech huelen un, dass Der wëllt kucken: Wéi vill Leit gräifen dann op d'Liaison Micheville zréck, amplaz duerch Déifferdeng ze fueren?

Mir mussen eis awer och bewosst sinn, dass einfach vill Leit – net all Leit, awer eng Rei Leit –, an déi brauche mer, och op Déifferdeng schaffe kommen. Fir déi heescht dat doten natierlech och ee groussen Ëmwee. Wou mer awer déi Leit jo och brauchen.

Wann ech Etüden an Etüde maachen, a wéi den Här Cillien et sot, esou grouss Budgeten dofir hunn, dann erwaarden ech mer vun deenen Etüden, dass och iergendwou wëssenschaftlech virgaange gëtt an et och transparent ass. An déi Transparenz feelt an eisen Aen hei.

Ech stellen eng Fro, ech stellen eng Hypothees op, an da fannen ech Äntwerten. Wann en Huckamaio do ass, da klängt et a mengen Aen éischter, wéi wann ee blannt Hong och emol ee Kär fënnt. An dat ass, fannen ech, fir eng Déifferdenger Stad absolutt net méiglech.

Dat Gantz gëtt publizéiert op Facebook an um Internetsite vun der Gemeng Déifferdeng de 24. Oktober 2025. D'Ëmleedung ass de 27.10.2025, en fait eréischt moies um 9:00 Auer. Fir d'Leit da vläicht net méindes moies direkt um 7:00 Auer schonn ze stressen, gëtt dat Gantz dann duuss ab 9:00 Auer ageleet. Firwat keen Affichage op de Stroossen am Viraus?

Wou den Haneboesch zougemaach ginn ass, do war iwwer ee Mount am Viraus – bon, dat ass net ee Chantier vun der Gemeng gewiescht, mee do waren iwwer ee Mount am Viraus grouss Banneren iwwerall, dass d'Strooss géif gespaart ginn. Dass souwuel den Awunner wéi deen, deen duerchfiert, sech konnt drop astellen. Dat huet en iergendwann eemol, zweemol, dräimol gesinn, e fënnt sech vläicht och nach vi-

rum Schëld den Dag selwer, mee op d'mannst gouf en informéiert.

Ech hunn dat hei e bësse vermësst. Well am Endeffekt kommen ech op d'Kräizung vun Héising aus bei de Bécklek, do steet zwar Fond-de-Gras duerchgestrach, mee do steet awer och net, dass ech net op Nidderkuer kommen.

Dat heescht, wann ech dann elo net esou informéiert war, well ech vläicht net de Facebook-Site oder den Internetsite vun der Stad Déifferdeng abonéiert hunn, da fueren ech net méindes moies, mee dëschdes moies dohinner, an da fannen ech mech virun engem Sens interdit.

Wou ech da muss entweder iwwer Rodange eroffueren oder erëm ëmdréie muss an zréck op Déifferdeng. Wat gëschter gemaach ginn ass. Onmoosseg vill Leit, och wa se et net hunn dierfen, hunn et dann awer gemaach, sinn duerch de Sens interdit gefuer. Wat immens, immens geféierlech ass.

De Moien, okay, war d'Police sur place. Um 07:14 Auer ware Kontrollen do. An der Rei. Mee firwat net am Virfeld agéieren? Mir wësse jo awer, dass d'Mobilitéit an den Transport, virun allem moies op d'Aarbecht, fir d'Leit en immens, immens sensibel Thema ass. Well jiddereen ass am Stress an e muss och fréi opstoen, e muss vläicht nach iergendeen enzwousch bréngen, mir wëssen net, wat op de Stroossen ass.

Firwat net do einfach d'Loft eraushuelen, fir d'Leit net esou an d'oppent Messer lafen ze loossen. Well dat ass, am Endeffekt, dat, wat elo geschitt ass. A wat fir vill Onmutt awer an der Bevëlkerung an och bei de Frontaliere suergt.

Dann, wa mer Nidderkuer eropfueren, ass och kee Schëld do, dass do kann e Bus entgéintkommen. Déi Strooss ass ze schmuel fir zwee Autoen, fir Géigeverkéier. Si ass awer immens breet, wann ech eleng op där Strooss sinn. Dann hunn ech eng riseg Rennstreck gebaut, wou awer, deemno wéini ech fueren – dach, et ass awer esou, et ass wierklech geféierlech –, mer kann e Bus entgéintkommen. Et ass kee Schëld do, dass do Géigeverkéier kéint sinn.

Laura Pregno rappelle que de nombreuses personnes viennent travailler à Differdange et que les modifications de circulation représentent pour elles un détournement important, alors que la Commune a besoin de ces travailleurs. Elle critique le manque de transparence dans les études menées malgré les budgets importants alloués. Selon elle, la méthodologie adoptée n'est pas scientifique et ressemble davantage à une recherche hasardeuse qu'à une démarche rigoureuse, ce qui n'est pas acceptable pour une ville comme Differdange.

Elle déplore ensuite les modalités de communication autour de la déviation mise en place. L'information a été publiée sur Facebook et le site internet de la commune le 24 octobre 2025, pour une déviation effective le 27 octobre à partir de 9 h. Elle regrette l'absence d'affichage préalable dans les rues, contrairement à ce qui s'est fait lors de la fermeture du Haneboesch, où des bannières étaient installées plus d'un mois à l'avance, permettant aux habitants et aux usagers de s'organiser.

Elle souligne que, au croisement en provenance de Hussigny, seule l'interdiction d'accès à Fond-de-Gras est indiquée, sans mentionner que l'accès à Niederkorn est également restreint. Les automobilistes non informés se retrouvent face à un sens interdit le mardi matin, les obligeant à faire demi-tour ou à passer par Rodange. De nombreuses personnes ont d'ailleurs emprunté illégalement le sens interdit, créant une situation extrêmement dangereuse. La police était présente pour des contrôles à 7 h, mais elle estime qu'il aurait fallu agir en amont, la mobilité matinale étant un sujet particulièrement sensible pour les travailleurs.

Elle attire également l'attention sur l'absence de panneaux de signalisation sur la route de Niederkorn pour indiquer la présence potentielle de bus venant en sens inverse, alors que la chaussée est trop étroite pour deux véhicules, mais assez large pour encourager la vitesse lorsqu'on y roule seul.

Cette situation laisse un goût amer, car elle coupe Lasavange, qui fait partie du territoire de Differdange,

9. Règlements communaux

de son accès le plus rapide au centre-ville. Les habitants n'ont pas été informés individuellement, ce qui génère de nombreuses discussions dans le village et sur les réseaux sociaux.

Les personnes qui empruntent habituellement cette route pour se rendre à Kayl, notamment celles dont les enfants fréquentent la crèche ou le jardin d'enfants, voient leur trajet passer de dix à quarante minutes à travers tout Differdange. Elle dénonce une hiérarchisation des priorités : en privilégiant le calme dans le quartier de la Hiel, où les écoliers peuvent désormais circuler tranquillement, on augmente considérablement le trafic dans le centre de Differdange. Tout le flux est redirigé devant l'école de Differdange, d'autant que l'autre itinéraire par la barrière est fermé trois heures par jour. Elle considère que cela revient à accorder moins d'importance aux écoliers de Differdange qu'à ceux de Niederkorn et aux habitants du centre qu'à ceux de la Hiel.

Elle conclut en reconnaissant que la mobilité est un enjeu majeur à Differdange et qu'il faut tester des solutions, mais pas avec une communication et une préparation aussi défaillantes, ce qui n'est pas digne d'une ville de 30 000 habitants.

ZENIA CHARLÉ (LSAP) répond qu'il était évident qu'ils ne recevraient pas de félicitations pour cette phase de test. Elle prend acte des différentes opinions exprimées, mais rejette fermement l'idée d'une hiérarchisation entre enfants.

La phase de test dans le quartier de la Hiel n'a pas été organisée une semaine avant par hasard : elle concerne globalement tout le centre-ville. Pour éviter de créer soudainement des embouteillages dans le centre, il était nécessaire de soulager d'abord Niederkorn en mettant en place les mesures dans la Hiel, afin de protéger minimale-ment les habitants de Niederkorn du flux de véhicules qui s'y seraient reportés.

Elle rappelle que 90 % des véhicules traversant la rue de Hussigny n'ont aucun lien avec Differdange — elle ne parle pas des infirmiers

An dann zu gudder Lescht, hannerléisst et wierklech esou ee Goût amer – mir hunn een Territoire vun Déifferdeng, deen eng ganz Rei Fraktiounen u sech zesumme bréngt, dorënner gehéiert och Lasauvage. A wat maache mer elo mat Lasauvage? Mir kappe se of. Mir kappe se of vun hirem schnellste Wee u sech an d'Duerf erof.

Déi Leit goufe jo och warscheinlech net weider am Virfeld individuell informéiert. Wann ech elo kucken, wéi vill Diskussiounen et gëtt am Duerf, wéi vill Diskussiounen et op de soziale Plattformen gëtt. An dann huelen ech u sech dee kierzte Wee fir erof, entre guillemets, vum Bierg, de Leit ewech.

D'autant plus, well jo eng Rei Leit ëmmer Richtung Nidderkuer fueren, fir op Käerjeng ze fueren. Leit och vläicht drënner sinn, déi hir Kanner am Kannerbongert scholariséiert hunn oder an der Crèche hunn. Déi Leit loosse ech dann elo amplaz zéng Minutte moies, duerch dee ganze Verkéier, 40 Minutten duerch Déifferdeng fueren. Elo froen ech mech wierklech: Wat hunn ech elo domadder gewonnen, dass déi Leit wierklech elo quasi handicapéiert sinn an hirem deeglechen Transport?

Da setzen ech och eng Hierarchiséierung dran an dat Ganzt. Well, ech soen, mir huelen de Verkéier ewech aus der Hiel, well de Leit aus der Hiel, deene kënnt dat jo zegutt. Déi Strooss ass jo elo extreemst roueg, de Foussgänger ka gutt um Trottoir trëppelen, d'Kand ka berouegt an d'Schoul goen. Mee doduerch hunn ech elo esou vill méi Verkéier zu Déifferdeng.

Dat heescht, ech soen am Endeffekt – och wann ech dat elo iwwerspëtzt soen –, da soen ech, de Schüler zu Nidderkuer ass mer méi wäert wéi de Schüler zu Déifferdeng. Well ech drainéieren elo alles laanscht d'Schoul zu Déifferdeng, à savoir, dass deen anere Wee, fir duerch Déifferdeng d'Barriär ass. An d'Barriär ass Dräivéierelstonn vun enger Stonn zou. Also forcement fueren all déi Autoe laanscht d'Schoul zu Déifferdeng.

Domadder ass mer de Schüler zu Déifferdeng manner wäert wéi de Schüler zu Nidderkuer. An den Awunner an der Hiel ass mer manner wäert wéi den Awunner aus der Héisenger Strooss

oder aus der Roosevelt Strooss. Dat fannen ech e bësse schued.

Jo, testen. Mir wëssen, d'Mobilitéit ass ee grousst Thema zu Déifferdeng. Doriwwer si mer eis all eens. Jo, testen. Mee Nee, net mat esou enger Kommunikatioun an esou enger Virbereedung.

Ech fannen einfach, dass dat sech fir eng Stad wéi Déifferdeng, mat 30.000 Awunner, net passt. An ech denken, dass mer dat alleguerter besser kënnen. Villmools merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Pregno. Nach eng Bemierkung? Madamm Charlé, wannech gelift.

SCHÄFFIN ZENIA CHARLÉ (LSAP):

Et war jo ganz kloer, dass mer elo net heihinnerkéimen a Blumme kréiche fir eis Aktioun Testphas. An dat ass esou. Mir wäerten dat zur Kenntnis huelen, datt verschidden Opfaassungen do geholl gi vu wien ass elo méi wäert, wéi ee Kand – pardon, et deet mer wierklech leed, mee dat ass jo Quatsch. Also et fält mer elo kee bessert Wuert an.

Mir hu jo déi Testphas net onexpress eng Woch virdru gemaach an der Hiel. Et geet jo hei, global net just ëm d'Hiel, et geet global ëm den Zentrum. A fir de Leit aus dem Zentrum net ze soen, hei d'nächst Woch geet déi Testphas un an op eemol ass alles am Zentrum anescht a mir do Stau produzéieren, gouf et eeben en Dénge, fir viraussichtlech Nidderkuer ze entlaaschten. Fir och déi Saach mat der Hiel eeben do ze maachen, ier alleguerter déi Leit, déi soss an den Zentrum fueren an dann do stinn, well den Zentrum dann deels gespaart ass, net alleguerter an Nidderkuer eranzeschécken.

Dofir ass jo déi Testphas do, fir déi Leit, déi zu Nidderkuer sinn, minimal wéinstens ze schütze virun Tonnen Autoen, déi do erofkommen. Wa mer hei vun 90 % schwätzen, wat ech och virdrun sot –, 90 % vun den Autoen, déi duerch d'Héisenger Strooss fueren, hunn näischt mat Déifferdeng um Hutt. Ech schwätze bei deenen 90 % net vun der

9. Règlements communaux

Infirmière oder dem Infirmier, deen an de CHEM schaffe geet. 90 % hunn näischt mat deene Leit ze dinn.

A mir schwätzen dovunner, dass mer déi 90 %, déi heimat näischt ze dinn hunn, dass mer déi erauskréien. Dass déi sollen déi siwe Kilometer, krut ech de Moien nach gesot, sinn et méi, fir déi Leit, wa se d'Micheville huelen. Siwe Kilometer. Dat entsprécht an deene Vitesse, op déi Autoe kommen, maximal fénnef Minutten, wat do u Wee méi ass fir Leit, déi einfach just duerchfueren a mat Déifferdeng oder Bieles oder den Uertschafte ronderëm eeben näischt um Hutt hunn.

A wa mer et net probéieren, fir einfach déi Leit – mir hätten och elo kënne just soen, mir maachen déi zwou Wochen Zentrum, da fiert alles op Nidderkuer, da moosse mer se zwar do, mee dann hu mer nach ëmmer net gesinn, ob se et dann hikréien, fir op Micheville auszeweichen. An dofir eeben déi eng Woch dat eent, an déi zwou Wochen duerno dat anert. Maache mer dat eent ouni dat anert, mécht dat Ganzt souwisou kee Sënn.

Dat heescht: Wann Der sot, mir huele gär Nidderkuer eraus, brauche mer och den Zentrum net ze testen. An da soen ech ganz éierlech: Wëlle mer den Zentrum net am Sens unique probéieren, da maache mer einfach näischt. Mir hu keng aner Optioun wéi den Zentrum, à long terme, am Sens unique ze maachen, fir déi Schoul do ze entlaaschten, fir deen Trottoir vun 80 Zentimeter ewech ze kréien. Dat ass déi eenzeg Solutioun.

Ech verstinn Iech honnertprozenteg, wann Der sot, d'Lasauvager si gestrooft. Mir woussten dat vun Ufank un. Ech wusst, dass dat op eis zoukéim, datt déi natierlech net frou wäeren. Dat ass eis bewosst. Do ass eng gewësse Bevëlkerung, déi op dee Wee ugewisen ass. A mir hu jo och elo net wëlles, no deenen dräi Wochen, ze soen, sou elo ass hei fir ëmmer alles esou, dat ass elo esou, wéi mir eis dat virstellen. Dat wäert jo net geschéien.

Mir kënnen awer esou vill Mesuren huelen, datt mer soen, wat wäeren dann d'Optiounen, datt de Lasauvager an Zukunft net gestrooft ass? Mee datt mer och deen an der Hiel net weider

wëlle strofe duerch dee massive Verkéier, Ofgasen an onséchert Ëmfeld.

De Message, wou Der sot, dass et vläicht schlecht kommunizéiert war, deen huelen ech op mech. Et war vläicht net gutt, hätt een och kënnen anescht kommunizéieren. Wa mer awer – do sinn ech och éierlech, dat hätt vläicht dann deen een oder deen aneren ageschränkt, iwwerhaupt dohinner ze fueren, an dann ziele jo och erëm d'Mesuren net.

Hätte mer ee Mount virdru gewarnt, fuert all enzwousch anescht, well elo geschitt hei eppes, da maache mer eis Testphas, an da funktionéiert alles, well jiddweree sech eng aner Optioun sicht. A wann et fäerdeg ass, da fuere se trotzdem erëm do. Dat heescht, déi Mesuren, déi wäere sou gutt wéi Nonsens, hätt mer guer net misse maachen.

Ech denken awer, dass een effektiv hätt kënnen eng Woch virdru verschidde Schëlter opstellen, wou ee gesot hätt: ab nächster Woch. An d'Leit hätten en Ëmwee gesicht. Dat hu mer dann net gemaach. Ab haut solle se, normalerweis, do stoen, wat alles ugeet, wat d'nächst Woch kënnt. Do kommen elo Schëlter: „Et si vous preniez le bon chemin“ an esou weider. Dat kënnt elo. Déi ginn haut opgestallt. Mee déi kommen, well dee groussen Deel fänkt d'nächst Woch un.

An d'Hiel war fir eis elo net den Hauptdénge. Deen hu mer just virdru gemaach, fir datt d'Leit sech lues a lues dru gewinnen.

Ech weess elo net ob, ech nach vill méi dozou soss ka soen. Op jidde Fall, wa mer et net probéieren, kënne mer och näischt besser maachen. Mir kënnen och nach zwanzeg Joer einfach nokuken, da gött ee vläicht nach eng Kéier gewielt, mee huet een awer näischt gepackt.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Charlé. Ech wéilt nach betounen, dass déi Micheville-Linn, dass déi gebaut ginn ass vum Nopeschstaat, fir den Transitverkéier aus de Grenzgemengen erauszehuelen a fir

travaillant au CHEM, mais bien de ce trafic de transit. L'objectif est d'éloigner ces 90 % de véhicules, qui n'ont rien à faire là, même si cela représente un détour de sept kilomètres, soit maximum cinq minutes supplémentaires pour ceux qui ne font que traverser sans avoir de lien avec Differdange, Belvaux ou les localités environnantes.

Zenia Charlé explique que le test proposé vise à évaluer deux mesures conjointement : une semaine pour le centre-ville et deux semaines pour Niederkorn. Elle affirme que tester uniquement l'une sans l'autre n'aurait aucun sens. Si le conseil retire Niederkorn du projet, il n'est pas nécessaire de tester le centre non plus.

Elle insiste sur le fait que la mise en sens unique du centre-ville constitue la seule solution à long terme pour décharger l'école et éliminer le trottoir de quatre-vingts centimètres.

Elle comprend parfaitement les préoccupations concernant les habitants de Lasauvage, qui sont pénalisés. Elle reconnaît que cette conséquence était prévisible dès le début et que certaines populations dépendent de cet itinéraire. Elle précise que l'objectif n'est pas d'imposer définitivement ces changements après trois semaines de test, mais plutôt de prendre des mesures pour éviter de pénaliser Lasauvage tout en protégeant les habitants du quartier du trafic massif, des gaz d'échappement et de l'environnement dangereux.

Concernant la communication, elle assume la responsabilité d'une possible mauvaise transmission du message. Elle admet qu'une meilleure communication aurait pu être envisagée, mais souligne qu'annoncer les changements un mois à l'avance aurait pu inciter les gens à chercher des solutions de rechange temporaires, faussant ainsi les résultats du test.

Elle reconnaît qu'ils auraient pu installer des panneaux une semaine avant pour prévenir les usagers. Des panneaux sont désormais installés aujourd'hui pour la semaine prochaine. Elle précise que le quartier de la Hiel n'était pas leur préoccupation principale, mais servait à habituer progressivement les

9. Règlements communaux

gens. Elle conclut que, sans essayer, aucune amélioration n'est possible et qu'attendre vingt ans supplémentaires sans agir ne résoudrait rien.

GUY ALTMEISCH (LSAP) souligne que la ligne Micheville a été construite par l'État voisin pour extraire le trafic de transit des communes frontalières et améliorer la qualité de vie des résidents. Il argumente que rendre le passage plus attractif pour les frontaliers irait à l'encontre de l'objectif initial et réduirait l'utilisation de la ligne Micheville.

Il insiste sur la nécessité de rendre le transit à travers Differdange, qui représente 90 % du trafic, aussi peu attractif que possible pour forcer les gens à emprunter les axes principaux vers la ville.

TOM ULVELING (CSV) résume le concept : les choses doivent empirer avant de s'améliorer. Il explique que l'objectif est de décourager le trafic frontalier en créant des embouteillages, espérant que les conducteurs venant de Hussigny cherchent des solutions de rechange par Micheville.

Il espère qu'après avoir expérimenté cette route pendant une semaine et constaté qu'elle n'est pas pire que d'attendre aux feux rouges de Differdange, ils continueront à l'utiliser, réduisant ainsi le trafic sur la rue de Hussigny. Il insiste sur la nécessité d'expérimenter malgré les perturbations des habitudes et reconnaît qu'on peut toujours revenir en arrière si nécessaire.

ERIC CILLIEN (DP) suggère d'envisager un sens unique uniquement aux heures de pointe, comme cela existe dans d'autres pays, tout en reconnaissant les défis de contrôle que cela impliquerait.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) explique que les propos de monsieur Ulveling ne correspondent plus à la réalité actuelle, car les trajets sont désormais décidés par des applications et non plus par les usagers eux-mêmes. Il souligne que les gens ne choisissent plus leurs itinéraires en fonction de leur expérience personnelle, mais suivent simplement

erëm eng Liewensqualitéit ze bréngen, deene Leit, déi do wunnen.

Wa mir elo dee Passage oder deen Transit nach méi fuerderen, andeem mir de Passage nach méi attraktiv maache fir eis Grenzgänger, dann hu mer näischt geschafft, a mer kréie manner Leit op d'Linn Micheville wéi dat initialement geduecht war.

Dofir muss mer kucken, fir den Transit, deen duerch Déifferdeng leeft, déi 90 %, wéi d'Madamm Charlé dat gesot huet, esou onattraktiv ze maache wéi nëmme méiglech. Fir d'Leit dann eeben ze forcéieren, déi méi grouss Achs ze huelen, fir an d'Stad ze kommen. Fir dann dovun ze profitéieren. Ech mengen: „Qui vivra verra“.

Den Här Ulveling huet nach eng Bemierkung dozou, wannechgelift.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech mengen, hei ass d'Konzept e bessen: Et muss schlechter goen, fir dass et besser geet. An ech mengen, wa mer elo déi Leit – et geet jo haaptsächlech drëm, fir de Grenzverkéier, fir deem ze soen: Hei probéiert net, well do stitt Der am Stau. Sicht Iech eng Alternativ. A mer hoffe jo elo, dass Verschiedener dann, wa se laang genuch am Stau stoungen, déi vun Hussigny eriwwer kommen, sech soen, vläicht ass et awer keng domm Iddi, fir iwwer Micheville ze fueren.

A wann ech dann eng Woch laang op Micheville gefuer sinn an ech hu gemierkt, dat geet am Fong ganz gutt an et ass net méi schlëmm wéi vun Déifferdeng bei all rout Luucht stoen ze bleiwen, dass se dat da weider wäerte praktizéieren. Soudass mer finalement da manner Verkéier kréien, deen iwwer d'Rue de Hussigny erakënnt.

Mee ech mengen, effektiv, wéi d'Madamm Charlé seet, et muss ee Saache probéieren. Quitte dass ee seet, wéi gesot, et weess ee jo net, wat dobäi erauskënnt, mee sécher sinn ëmmer Leit an hiren Habitudë bousculéiert, an et ass keen honnertprozenteg frou.

Mee ech mengen, wann een awer driiwer nodenkt, wat ee ka maachen, wat ee kéint maachen, da muss een einfach

e puer Mesuren ergreifen a kucken, dass et dann eeben zu engem Resultat kënnt, wat ee gären hätt. A wann dat natierlech net de Fall ass, da kann ee jo ëmmer nach zrëckrudderen.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Ulveling. Här Cillien, wannechgelift.

ERIC CILLIEN (DP):

Eng kleng Fro, einfach ee Gedanken, deen ech hunn: Wier et denkbar, wann dat doten elo wierklech seng Friichten droe géif, datt ee sech seet – natierlech muss een da kucken wéi een dat kontrolléiert –, zu de Stousszäiten ass et ee Sens unique an zu aneren Zäiten net. Dat gëtt et jo och an anere Länner. Natierlech muss een da kucken, wéi een dat kontrolléiert. Well da muss ee warscheinlech méi oft d'Police dohinner schécken oder Radaren dohinner setzen, déi zäitweis fonctionéieren. Dat als Ureegung. Mir ënnerstëtzen dat awer.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Cillien. Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Altmeisch. Ech hu mech elo nach net zu Wuert gemellt, well et wierklech eng komplex Matière ass an ech prinzipiell begréissen, dass mer nei Weeër hei probéieren. Mee, en effet, muss mer kucken, wéi mer dat probéieren, wéi mer dozou kommunizéieren a wéi mer aus de Léieren dovunner verfueren.

Dat, wat den Här Ulveling elo gesot huet, mengen ech, fonctionéiert net méi mat deem zesummen, dass méttlerweil d'Weeër vun enger App decidéiert ginn, an net vun de Leit. Et ass net, well se déi eng Woch eppes esou erlieft hunn, dass se déi aner Woch sech och da soen, dee Wee fueren ech net méi. Well du méchs einfach d'App un an du fiers de Wee, deen ausgerechent ginn ass. Dat ass dat, wat ganz vill Leit maachen.

9. Règlements communaux

An ech mengen, dat ännert scho villes. An deem muss een entgéintwierken. Do kann ee vläicht kucken, ob een an eise-m Mobilitéitsservice all Moien an der App kann androen, dass déi Strooss einfach gespaart ass. Vlächte dee ganze Service, zu zéng, dréit et an, dann erreeche mer vlächte méi wéi anescht. Déi si jo participativ, déi Appen. Esou kéint een dat jo maachen.

Nee, also dat ass elo spontan am Witz iergendwéi, mee, en effet, muss ee sech, mengen ech, esou Saachen och iwwerleeën. Dat wär och warscheinlech méi einfach fir ze kucken, ob mer um Bierg net déi Streck kënnen einfach just reegelen, tëschent Héiseng fir iwwerhaupt an d'Hiel do ze kommen.

Dass ee just dat Stéck géif reglementéieren, wat mécht, dass déi, déi aus Frankreich kommen, dee Wee net kéinten huelen, awer déi vu Lasauvage dee Wee kéinte huelen. Mee dee Wee ass warscheinlech erëm anescht gereegelt a vlächte méi komplizéiert. Mee ech wollt awer emol nofroen, ob do schonn Iwwerleeunge gemaach gi sinn, wéi zum Deel eebe moies an déi eng Richtung ze spären an owes an déi aner Richtung ze spären.

Ech mengen, et ass wichteg, dass mer fir Verständnis fir déi Testphas awer iergendwou och probéieren ze suergen. An dann awer och hei eng Diskussioun driwwer féieren, an der Mobilitéitskommissioun natierlech, wat dat doten elo bruecht huet a wat mer laangfristeg doraus zéie kënnen, fir de Problem an de Grëff ze kréien. An eeben ze kucken, dass et esou vill wéi méiglech Gewënner an där Saach gött. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Diderich. D'Madamm Pregno nach eng Kéier.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci. Ech wëll bemierke just, dass ech mer ganz vill Méi ginn hat, fir virun allem d'Virgoensweis an net d'Stroossespär selwer a Fro ze stellen. Ech hunn dann awer och gemierkt,

dass dat, mengen ech, net esou verstane ginn ass.

Ech hat dat mat villen Tireten, wéi een dat op enger Tafel mécht, mat Bullet points opgespléckt. An ech hunn da gemierkt, dass d'Madamm Charlé, mengen ech, net um Fong verstanen huet, wat ech soe wollt. Ech wollt – hutt Der et verstanen? Okay. Mee dann ass et op jidde Fall an Ärer Äntwert net esou eriwwerkomm.

Här Ulveling, et ass bewisen, dass d'Leit zwee Joer brauche fir ëmzedenke vun hire Gewunnechten, fir nei Gewunnechten ze installéieren. Ech weess elo net, ob dat a Relatioun ass vun: Mir spären et dräi Wochen, an dann no dräi Wochen oder no enger Woch huet jidderree verstanen, dass fënnf Minutte méi Wee méi komfortabel ass, wann ech net stinn, wéi wann ech stinn. Ech si mer do net esou sécher. Mee loosse ech dann emol esou stoen.

Zum Thema Waze: Waze huet mir gëschter e Wee duerch de Bësch uginn, vu Lasauvage op Nidderkuer. Ech wollt kucken, wéi vill Minutten ech dann elo bräicht, ouni mech permanent elo mam Auto gëschter Mëtten an de Verkéier ze setzen. Wéi laang ech bräicht als Awunner vu Lasauvage iwwer Nidderkuer/Déifferdeng, fir op Käerjeng ze kommen. Well jo eng ganz Rei Leit – och wann 90 % vun deene Leit net zu Déifferdeng schaffen – ganz vill Leit, déi op Käerjeng oder Suessem fueren, an dann awer duerch Nidderkuer fueren. Well fir déi mécht d'Liasion Micheville kee Gewënn.

Do gött Waze mer e Wee duerch de Bësch un an op de Kaarte vum iPhone och. Dat heescht, dat misst Der vlächte eng Kéier nokucken, wéi dat méiglech ass. Also ech war mega verwonnert, ech hunn dee Wee net kannt. An effektiv ass et een duerch de Bësch.

Ech sinn och net nogefuer! Ech wier jo gär. Ech géif jo gären esou tout terrain fueren, et ass mäin Dram, tout terrain ze fueren. Mee nee, ech hunn et net gemaach.

(Diskussiounen)

Nee, ech hunn extra gekuckt, ob Auto agestallt wier. Well ech hu geduecht, Foussgänger wär jo sënnvoll, wär dee

le trajet calculé par l'application qu'ils activent. Cette situation change considérablement les habitudes de circulation et nécessite des mesures pour y remédier.

Il suggère, sur un ton quelque peu humoristique, qu'on pourrait intégrer dans le service de mobilité communal une fonction permettant de bloquer certaines rues dans les applications chaque matin. Il propose également d'examiner la possibilité de règlementer uniquement le tronçon entre Hussigny et la montée vers le centre, ce qui empêcherait les véhicules venant de France d'emprunter cet itinéraire tout en permettant à ceux de Lasauvage de l'utiliser. Il évoque aussi l'idée d'interdire la circulation dans un sens le matin et dans l'autre le soir.

Il insiste sur l'importance de créer une compréhension pour la phase de test et de mener une discussion approfondie dans la Commission de la mobilité sur les résultats obtenus et les leçons à tirer à long terme pour résoudre le problème, en veillant à ce qu'il y ait le plus de bénéficiaires possible.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) précise qu'elle s'est donné beaucoup de mal pour remettre en question principalement la procédure et non le blocage de la rue en lui-même. Elle regrette que son intervention n'ait pas été comprise ainsi et que madame Charlé ne semble pas avoir saisi son propos.

Elle répond à monsieur Ulveling qu'il est prouvé que les gens ont besoin de deux ans pour changer leurs habitudes et en adopter de nouvelles. Elle doute que trois semaines de test suffisent pour que chacun comprenne qu'il est plus confortable de rouler cinq minutes de plus sans embouteillages plutôt que de rester bloqué dans les bouchons.

Elle relate une expérience avec l'application Waze, qui lui a proposé un itinéraire à travers la forêt entre Lasauvage et Niederkorn. Elle explique qu'elle testait le temps nécessaire pour un habitant de Lasauvage pour se rendre à Käerjeng par Niederkorn, puisque de nombreuses personnes travaillent dans ces communes et que la liaison Mi-

10. Commissions consultatives

cheville ne leur apporte aucun avantage. Elle s'étonne que l'application lui propose un chemin forestier alors qu'elle avait sélectionné le mode voiture et non piéton.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond avec humour qu'il trouve remarquable qu'elle ait déjà répondu à sa question avant qu'il ne la pose. Il reconnaît qu'ils ne trouveront pas de solution miracle immédiate, mais souligne l'aspect positif des réflexions collectives autour de la table concernant la sécurité routière, la sécurité des piétons et la qualité de vie dans les centres des villages et quartiers, qui subissent quotidiennement le flot de circulation. Il assure que l'administration restera disponible pendant toute la phase de test.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) conclut en proposant un vote global sur les mesures, tout en soulignant que la communication aurait pu être meilleure.

Elle souligne que, comme pour le commerce, le conseil communal semble tenu à l'écart des questions de mobilité malgré les nombreuses études réalisées. Elle demande plus de partage d'informations pour obtenir le soutien nécessaire sur ces sujets importants, qui tiennent à cœur à tous les conseillers.

GUY ALTMEISCH (LSAP) reconnaît que le grand problème ne concerne pas seulement la publication, qui n'est qu'un élément parmi d'autres. Il affirme que la Commune va suivre cette question et s'efforcer de s'améliorer à l'avenir.

(Vote)

Guy Altmeisch poursuit avec le point 10 de l'ordre du jour, qui concerne plusieurs changements dans les commissions communales.

kierzte Wee. Mee et war Auto agestellt, an net Foussgänger oder Päerd oder Trakter oder whatever.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech fannen et awer flott, Dir hutt meng Froe scho gelies, ier ech se iwwerhaupt gestallt hunn. Ech wollt Iech nämlech froen, ob Der de Bëschwee da gutt fonnt hat mat Ärem Auto. Ech si frou, dass Der mer elo scho geäntwert hutt, ier ech d'Fro gestallt hunn.

Mir fannen elo hei net d'Solution miracle fir déi Situatioun. Ech fannen et awer positiv, an et ass jo näischt esou schlecht, dass net och eppes Positives dobäi erauskënnt. Ech fannen et awer positiv, dass mer hei ronderëm den Dësch eis alleguer Gedanke maache fir d'Zukunft a fir eis Sécherheet op der Strooss, fir d'Sécherheet vun de Foussgänger, fir eis Sécherheet am Allgemenen. An net ze vergiesse fir eis Liewensqualität am Zentrum vun eisen Dierfer an am Zentrum vun eise Quartieren, déi awer am Alldag betraff si mat där Lawin, där Blechlavin, déi do duerchrullt. An dat ass net ëmmer schéin.

Dofir soen ech Iech awer Merci fir déi Iwwerleeungen, déi Der an deene ville Froen do matbruecht hutt. Mir wäerten dat berécksiichtegen. Kënnt Iech jo och virstellen, dass mer elo net dräi Wochen an d'Vakanz ginn a keen Telefon méi ophiewe während där Testphas, wou déi leeft. Mir sinn omnipresent um Terrain, a mir wäerten och all Telefon entgéin huelen, deen där ganzer Saach do positiv géintwuer steet.

Huet d'Madamm Charlé nach eng Bemierkung ze maachen? Wann net, da géife mer zum Vott iwwergoen.

GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Nee, et war eng Fro, dass der e puer erausgetrennt ginn. Dir hat jo gefrot. Ee Vott am Globalen oder wat fir eng ginn do gespléckt elo?

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Mir hate gefrot, fir d'Testphas Nidderkuer erauszehuelen. Mee mir kënnen

awer domadder liewen, fir en bloc driwwer ofzestëmmen. Mir stëmmen dat da mat, wa mer eis all eens sinn, dass d'Kommunikatioun hätt kënne besser goen a besser gemaach ginn. Da kënne mer dat matdroen, mat deem Konsens, dass mer eis eens sinn, dass eppes muss gemaach ginn.

Mee ech mengen, et ass och dat wat déi Lénk gesot hunn, dass mer einfach vläicht mussen op verschiddene Plazen absolutt ajustéieren a vläicht déi Remarken an Zukunft dann och am Virfeld maachen.

Mir begrëissen natierlech och d'Diskusioun. Mee ech fannen einfach – ech huele mer elo einfach d'Wuert –, et ass grad sou wéi beim Commerce, och bei der Mobilitéit, de Gemengerot hei iergendwéi e bëssen esou do steet. Mir hunn Etüden an Etüden, an Dir sot andauernd, mir testen a mir probéieren, an am Endeffekt gëtt dat net matgedelt.

Et ka sinn, dass Der Är Aarbecht maacht, ech hoffen et, well et si jo genuch Suen am Budget. Mee deelt Iech, wannech gelift, mat. Da kritt Der hei och warscheinlech dat néidegt Verständnis, dass bei esou groussen Theemen, déi eis all um Häerz leien, Der och deen néidege Soutien kritt, an Dir rennt net an eng Mauer. Well eis leien déi Theemen och um Häerz. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech mengen, déi grouss Problematik ass jo net d'Publikatioun. D'Publikatioun ass een Element vun där ganzer Problematik. Mir wäerten dat mathuelen a kucken, dass mer eis an Zukunft doranner verbessern.

Da kéime mer zum Vott vum Drénglechkeetsreglement.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Soen Iech Merci. Komme mer zum Punkt 10, dat ass eng Kommunika-

tioun vu verschiddene Changementer an deene Kommissiounen, déi mer hunn. Déi Gréng deelen eis mat, dass den Här Luis José Ferreira Da Silva Machado remplacéiert gëtt vum Här Nello Artuso an der Bautekommissioun.

An d’Kommissioun vun den Égalité des chances deelt eis mat, dass de Representant vun eise Bierger, d’Madamm Francine Ginepri vun Nidderkuer gëtt an där nächster Commission à l’Égalité des chances.

Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver les changements au sein des commissions consultatives et des groupes de travail.

Géife mer elo zu de Froe kommen. Géif ech dann d’Wuert un den Här Aguiar ginn.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Ganz kuerz. Merci fir d’Wuert. Merci, Monsieur le bourgmestre. Mesdames et Messieurs aus dem Schäffen- a Gengerot, depuis plusieurs mois, de nombreuses associations locales nous en font part : leur frustration concernant les réservations des salles du Hall O.

Malgré des demandes effectuées très longtemps à l’avance, elles sont actuellement refusées à certaines dates sans explications claires. Je sais qu’auparavant, une information avait toujours été claire : que les associations devaient réserver au moins un an à l’avance.

Je crois que ça ne vaut pas la peine de rappeler l’importance du Hall O, que ce soit pour des événements associatifs ou autres, mais on se pose vraiment la question : est-ce que le règlement a changé ? Si c’est le cas, nous ne sommes pas au courant, car dans le cadre du ROI, on constate que les demandes doivent être adressées au Schännerot.

Mais nous nous posons la question : le règlement a-t-il changé, ou quel est l’état des lieux clair de cette gestion ? Pourquoi est-ce que, actuellement, les associations se voient refuser la salle,

d’autant plus qu’elles doivent la réserver une année à l’avance ?

Notre proposition : Est-ce que, par exemple, un calendrier en ligne ou en lecture seule serait la solution ? Ou éventuellement faire un vrai règlement d’usage avec de vrais critères auxquels tout le monde puisse savoir se conformer, respectivement réserver et obtenir une réponse claire. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Aguiar. Ech géif d’Wuert un den Här Wagner gi fir ze äntwerten. Här Wagner, wannechgelift.

SCHÄFFEN THIERRY WAGNER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, fir d’Fro. Mir hunn eis jo schonn echagéiert um Telefon, zu där Geschicht do. An ech muss do e Mea Culpa ginn. Ech huelen dat op meng Kap. U sech hat de Service do ze vill fréi reservéiert. Do war effektiv da keen Datum méi fräi fir déi Associatioun, déi awer net lokal ass, wéi den Här Aguiar gesot huet.

„De nombreuses clubs“ hunn ech elo net héieren. Ech hunn elo vu engem Club, enger Associatioun héieren, déi awer mol net vun Déifferdeng ass – dat ass awer elo egal –, déi eng Reservatioun maache wollt, an do war alles scho besat. Dat war ze vill fréi am Viraus, hu se déi Datumen do blockéiert. Dat ass net gutt.

Do biede mer ëm Entschëllegung. Nichtsdestotnotz hu si dem Här awer Alternativen ugi gehat.

Dat ass eeben esou mat enger Hal, déi gutt besicht ass. Dat ass och flott, dass se gutt besicht ass. Mee et wär vläicht och net falsch, do ee kloert Règlement ze maachen. Wat ech och schonn eng Kéier ugeschwat hat, mat hinnen zesammen, dass mer do en Timing gi vun engem Joer, engem hallwe Joer, deemno wéi eng Organisatioun et ass. Wuel wëssend, dass dann déi Déifferdenger Veräiner virgeholl ginn. Wat deem heite Veräin da vläicht net zegutt géif kommen. Respektiv dass natierlech och Gemengenorganisatiounen méi laang am

Il annonce que les Verts communiquent le remplacement de Luis José Ferreira Da Silva Machado par Nello Artuso dans la Commission des bâtisses. Pour la Commission de l’égalité des chances, il informe que la représentante des citoyens sera madame Francine Ginepri, de Niederkorn.

(Vote)

Guy Altmeisch donne la parole aux conseillers pour leurs questions.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) exprime les frustrations de nombreuses associations locales concernant les réservations de salles au Hall O. Il explique que, malgré des demandes effectuées très longtemps à l’avance, ces associations se voient actuellement refuser certaines dates sans explications claires. Il rappelle qu’auparavant, l’information était claire : les associations devaient réserver au moins une année à l’avance.

Il souligne l’importance du Hall O pour les événements associatifs et autres, et s’interroge sur un éventuel changement du règlement, dont le conseil n’aurait pas été informé. Il note que, dans le cadre du Règlement d’ordre intérieur, les demandes doivent passer par le collège échevinal, mais il s’interroge sur l’état des lieux actuel de cette gestion et les raisons pour lesquelles les associations se voient refuser la salle alors qu’elles doivent réserver une année à l’avance.

Il propose comme solution un calendrier en ligne en lecture seule ou l’établissement d’un véritable règlement d’usage avec des critères clairs permettant à chacun de savoir comment réserver et d’obtenir une réponse claire.

THIERRY WAGNER (LSAP) répond en reconnaissant avoir déjà échangé par téléphone sur cette question. Il fait son mea culpa et assume la responsabilité de la situation.

Il explique qu’il n’y avait effectivement plus de dates disponibles pour l’association concernée, qui n’est d’ailleurs pas locale. Il conteste avoir entendu parler de nombreux clubs et précise n’avoir eu connaissance que d’une seule association, non differdangeoise,

ayant voulu faire une réservation alors que tout était déjà occupé. Il présente ses excuses tout en précisant que des solutions de rechange ont été proposées.

Il reconnaît qu'il serait judicieux d'établir un règlement clair avec un calendrier défini selon le type d'organisation, tout en sachant que les associations differdangeoises seraient prioritaires. Il explique que les réservations en ligne ne sont pas pratiquées dans les grandes salles, car les spécificités varient selon les organisations et que les demandeurs ne savent pas toujours exactement ce dont ils ont besoin. Il considère comme préférable de maintenir un contact direct pour conseiller les organisateurs sur leurs besoins avant la réservation.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) *réplique qu'il a été informé par plusieurs associations, contrairement à ce qu'affirme l'échevin, et propose d'en discuter après la séance.*

ERIC CILLIEN (DP) *intervient ensuite sur la question des églises. Il indique que l'église de Niederkorn est fermée depuis longtemps, tout comme celle du Fousbann. Il précise que des millions d'investissements seraient nécessaires, ce que le fonds ecclésiastique ne peut assumer : 1 million d'euros pour Niederkorn et 1,8 million pour le Fousbann, uniquement pour les travaux essentiels.*

L'église d'Oberkorn reste ouverte, mais des travaux y sont inévitables, notamment 300 000 € pour un drainage à court terme.

Il demande si le collège échevinal est conscient de ce qui attend les bâtiments religieux et des risques de dégradation si rien n'est fait. Il s'enquiert également des contacts avec le fonds ecclésiastique concernant la désacralisation avec toutes ses conséquences.

JERRY HARTUNG (CSV) *reconnaît qu'il existe effectivement de nombreuses discussions et interrogations autour du sujet évoqué. Il explique que la Commune entretient de bons contacts avec la paroisse de Differdange. Vendredi dernier, une grande assemblée s'est tenue, à la*

Virus kënne reservéiert a geblockt ginn.

Dat ass och esou, wéi et a villen Hale gemaach gëtt. Dat ass net nëmme bei eis esou. A virun allem Online-Reservatioun gëtt et an anere gréissten Halen och net, well einfach d'Spezifizitéit net ëmmer déi selwecht ass, wat eng Organisatioun ubelaangt. An d'Leit selwer mol net ëmmer wëssen, wat se eigentlech brauchen. Da sëtze se hei an der Hal an da brauche se awer net esou vill oder si brauche méi.

Dowéinst ass et besser, dass dat esou verleeft, wéi et am Moment ass. Dass ee Kontakt do ass, wou se berode ginn, wat se alles brauchen. Respektiv dann d'Organisatioun ficeléieren, ier se reservéieren. Dat ass menger Meinung no och dat Einfachst.

Dat anert ass, effektiv, dass dat bei engem Veräin – ech wëll betounen, bei engem Veräi – elo net geklappt huet, an net wéi den Här Aguiar gesot huet, mir hätte vill Veräiner, déi mer dat gesot hunn. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Wagner.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Monsieur Wagner, pour la réponse. En ce qui vous concerne, vous avez juste l'information d'un des Veräiner. En ce qui me concerne, j'en ai plusieurs Veräiner. Donc, ça ne me dérangera pas non plus de vous le dire après la séance. Mais c'est clair et nette qu'il y a plusieurs Veräiner qui m'ont informés. Merci. Merci pour la réponse.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Aguiar. Här Cillien, wannechgelift.

ERIC CILLIEN (DP):

Villmools merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et geet ëm d'Kierchen. Déi Nidderkuerer Kierch

ass elo säit längerem zou. Déi Fousbann mëttnierweil och. Milliounen un Investitiounen wären néideg, wat de Kierchefong awer net stemme kann. Eng Millioun Euro fir Nidderkuer, an 1,8 Milliounen Euro fir de Fousbann, nëmme fir dat Néidegst ze maachen, krute mer vun der Par gesot.

D'Kierch zu Uewerkuer ass nach op. Mee och do sinn Aarbechten onauswäichlech. Notamment 300.000 Euro fir en Drainage stinn do kuerzfristeg am Raum. Ass de Schäfferot sech bewosst, wat do op eis reliéis Gebailechkeeten an eis Duerfzentren zoukomme kéint, respektiv wat do kéinte fir Schandflecken entstoen, wann näischt geschitt? Ass een doriwwer mam Kierchefong a Kontakt? A wat d'Theema Desakralisation mat alle Konsequenzen ugeet? Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci fir d'Fro. Här Hartung, wannechgelift.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Villmools merci fir d'Fro. Dir hutt komplett Recht, dass do wierklech ganz vill Diskussiounen a ganz vill Fragezeichen hannendru stinn. Mir sinn a guddem Kontakt mat der Par hei zu Déiferdeng. Leschte Freideg hate si eng gréisser Versammlung, wou mir och vertruete waren.

An et steet och muer um – vu datt mer haut hei am Gemengerot sinn, hu mer haut kee Schäfferot, also ass muer den éischte Schäfferot no där Versammlung vum Freideg. An dat steet och do um Ordre du jour, fir als Gemeng ze kucken, wéi mer eis do positionéieren. Well do hutt Der komplett Recht, et wär net an eisem Interêt, wann do Schandflecken entstoe géifen.

Nichtsdestotrotz muss een natierlech och drop verweisen, dass et eng ganz kloer Trennung vu Kierch a Staat gëtt, wou mir net als Gemeng hinnen elo hir Kierchen däreft renovéieren, och wa mer et wéilten. Dat géif einfach, legal gesinn, net goen. Mee do wäerte mer eis muer intern eis Käpp zesummestrecken, si nach eng Kéier gesinn, fir do-

riwwer ze schwätzen. A si hunn och ganz kloer gesot, datt si am Echange mat hirem Bistum wären. Mee déi awer och ganz kloer de Ball op d'Par vun Déifferdeng schéissen. Merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Här Hartung. Madamm Pregno, wannechgelift.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Villmools merci fir d'Wuert. Ech hunn zwou Froen an eng Remark. Déi Éischt ass eppes, wat de Kalenner ugeet. Dir hutt de Moie ganz vill Datume matgedeelt: Wäer et méiglech, déi zäitno an de Gemeengekalenner anzedroen, dass mer och den Horaire hätten? Well Dir hutt d'Datumer zwar gesot, mee d'Horaiere net. A vu vill Saache kënne mer eis do direkt eis Dispositiounen treffen.

Ech gesi Kopfnicken. Villmools merci.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Maache mer.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Dann eng Fro, wat de Poullig zu Nidderkuer ugeet. Mir haten hei emol ee Contrat de bail, wou d'Gemeng dat Lokal vum ale Poullig, wou entretemps de Carrefour dra war, gelount huet. Et steet nach ëmmer eidel. Wat ass de Point do?

Entretemps ass de Point POST vun Nidderkuer eriwuer an d'Zitha, also den Infosbuttek vun der Zitha, geplënnert. Soudass dat fir den Awunner vun Nidderkuer u sech en Zeechen ass, dass sech elo esou direkt näischt beim Poullig deet.

Mee vläicht hutt Der do méi Informatiounen.

Ech mengen, ech loossen Iech äntwerthen, well ech hunn eng zweet Fro, déi fir een anere Ressort ass. Dann ass dat vläicht méi einfach.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech äntwerthen Iech ganz gär op de Poullig. Éischtens emol sinn ech frou, dass de Point POST eriwuer geréckelt ass, dass d'Leit deen net ganz verluer hunn.

Poullig ass de Probleem folgendes: Déi Firma, déi exploitéiert huet, Carrefour, huet sech, wéi ech erkläert hunn, wéi mer do een neie Kontrakt gemaach hunn, aus dem Marché vu Lëtzebuerg zrëckgezunn. Den Exploitant, deen déi Epicerie do exploitéiert huet, ass faillite. An déi Faillite huet näischt Positives bäigedroen zu där gudder Adress.

Doropshin hu mir als Gemeng sämtlech Alimentatiounschainen, déi mer kennen, déi Supermarchéen hunn hei am Land, ugeschriwwen – ech ziele se net all op, et sinn iwwer eng hallef Dosen –, si mer a Relatioun mat deene getrueden. Si hunn natierlech de Bilan gekuckt, de Bilan commercial vun deem Exploitant vu virdrun. An da kënnt Der Iech jo virstellen, wann deen eng Faillite gemaach huet op där Adress, mat deem Loyer, dee war, si net begeeschtert waren, fir déi Adress ze iwwerhuelen. Respektiv en totale Refus kritt.

Dunn hu mer als Schafferot Récksprouch geholl gehat mat deem Beamten, dee sech dorëm këmmert, fir do Liewen dranzekréien. Do hu mer gesot, mir maachen als Gemeng och nach eng Ouverture, andeem mer esou vill zum Loyer bäileeën, ëmmer am Respekt zu enger Concurrence déloyale zu deenen aneren Epicerien, déi mer am Duerf hunn.

Och no deem Effort sinn déi virdrun ugeschriwwen Grousshändler ofgesprongen. Soudass mer elo momentan am Fong geholl bei null sinn a keng Perspektiv hunn, wat d'Zukunft vun där Adress do ubelaangt.

Mir ginn d'Hoffnung awer net op. Mir wäerten nach eng Kéier kucken, fir mat deenen Alimentatiounschainen a Kontakt ze trieden, fir awer eng lokal Epicerie do ze behalen. Mee et ass ganz schwéier, vu de Bilan vun deem Exploitant vu virdrun, dass deen och nach faillite gemaach huet, fir dann engem ze erklären, méi engem Groussen, fir dat méi attraktiv ze maachen. Trotz deem

quelle des représentants communaux ont participé.

Il précise que, comme le conseil communal se tient aujourd'hui, il n'y a pas eu de collège échevinal, et que demain aura lieu la première réunion du collège échevinal après l'assemblée de vendredi. Ce point figure à l'ordre du jour pour déterminer comment la Commune doit se positionner, car il reconnaît qu'il ne serait pas dans l'intérêt communal que des situations dégradantes se développent.

Néanmoins, il souligne qu'il existe une séparation claire entre l'Église et l'État, empêchant la Commune de rénover les églises, même si elle le souhaitait, car cela serait légalement impossible. Il annonce que demain, les responsables communaux se concerteront et reverront les représentants de la paroisse pour en discuter. Ces derniers ont clairement indiqué être en échange avec leur évêché, qui renvoie cependant la responsabilité à la paroisse de Differdange.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) formule deux questions et une remarque. Sa première demande concerne le calendrier : elle souhaite que les dates mentionnées le matin soient inscrites dans le calendrier communal avec les horaires précis, car seules les dates ont été communiquées sans les heures, ce qui permettrait aux conseillers de prendre leurs dispositions.

GUY ALTMEISCH (LSAP) confirme que cela sera fait.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) enchaîne avec une question sur Poullig à Niederkorn. Elle rappelle qu'un contrat de bail existait, par lequel la Commune louait le local de l'ancien Poullig, où se trouvait Carrefour. Ce local reste vide.

Entretemps, le point Post de Niederkorn a déménagé au Zitha, ce qui représente pour les habitants de Niederkorn un signal que rien ne se passe avec Poullig.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond qu'il est satisfait que le point Post ait été relocalisé pour que les habitants ne le perdent pas complètement.

Concernant Poullig, il explique que Carrefour s'est retiré du marché luxembourgeois et que l'exploitant de l'épicerie a fait faillite, ce qui n'a pas contribué positivement à la réputation de l'adresse.

La Commune a contacté toutes les chaînes alimentaires présentes au Luxembourg. Celles-ci ont examiné le bilan commercial de l'ancien exploitant et, constatant la faillite, ont refusé de reprendre l'adresse.

Le collègue échevinal a proposé une participation au loyer, tout en respectant la concurrence loyale avec les autres épiceries de la localité, mais même avec cet effort, les grossistes contactés se sont désistés. La Commune n'abandonne pas l'espoir et tentera encore de maintenir une épicerie locale, malgré les difficultés liées au bilan de l'ancien exploitant.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) pose une question à monsieur Hartung concernant la maison au 12, avenue du Parc-des-Sports, achetée par la Commune en vue d'un éventuel contournement du PN15. Elle rappelle qu'il avait été dit que la maison pourrait être louée en attendant. Cette maison, en bon état, reste vide alors qu'elle pourrait être mise sur le marché locatif à travers l'AIS avec des contrats de trois ans ou des projets de colocation.

JERRY HARTUNG (CSV) répond que louer maintenant impliquerait de devoir expulser les locataires après quelques mois. Avec les nombreux changements concernant le dossier PN15, la Commune préfère attendre. La maison est maintenue en état, et une décision sera prise selon l'évolution du projet.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) relève une contradiction avec la réponse précédente, où monsieur Hartung avait affirmé qu'une location courte durée serait mise en place.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) prend la parole pour poser deux questions. Il rappelle qu'il a soumis des questions écrites concernant le Haneboesch, le parking, les autorisations et le PAG, pour lesquelles il n'a toujours pas reçu de réponse.

Effort, dee mer gemaach hunn a Relatioun mam Loyer, dass mir géifen en Deel vun deem iwwerhuele vis-à-vis vum Exploitant, dass mer eng Adress awer do kéinten um Liewen halen. Dat ass den Ist-Zoustand vum Poullig.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci. Däerf ech meng zweet Fro elo stellen?

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo. Jo.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Okay.

Et ass éischter eng fir den Här Hartung. Et geet em d'Haus 12, Avenue Parc des Sports, wat d'Gemeng jo kaf huet, en vue vun enger méiglecher Ëmgeung vun der PN15. Wou awer gesot gi war, deemools am Gemengerot, dass, bis iergendwellech Projete géife realiséiert oder kënne realiséiert ginn oder mer wéissten, a wéi eng Richtung et goe géif oder however, kéint dat Haus an d'Lokatioun goen. Dat Haus steet nach ëmmer eidel. Dat Haus ass awer an engem relativ gudden Zoustand, kéint schnell op de Marché bruecht ginn.

Ech weess, dass vill Leit ëmmer denken, dass een net wéilt fir kuerz Zäit verlounen, well ee vläicht de Risk couréiert, dass een d'Leit net eraus kréich. Do kann ee sech jo awer mat der AIS, ënner anerem, op déi Dräi-Jores-Kontrakter baséieren, wou eng Méiglechkeet besténg. An déi e gudde Suivi hu mat de Leit, fir op d'mannst dat Haus net esou laang eidel stoen ze loosser.

Respektiv och iwwer d'AIS, wann een elo net vläicht wéilt eng Famill dra logéieren, kéint ee jo och Projete vu Kolokatioun envisagéieren, fir einfach de Wunnraum net eidel stoen ze loosser. Dat eent ass jo Wunnraum schafen an ënnerhalen, dat anert ass einfach d'Ënnerhalen. Wann dat näischt gëtt, déi Méiglechkeet vun der PN15, hu mer ee wonnerschéint Haus, wat herno morsch a fiicht ass.

SCHÄFFE JERRY HARTUNG (CSV):

Merci, Madamm Pregno. Ech fannen et super, datt Der Iech scho selwer direkt d'Äntwert gitt. Well et ass effektiv de Problem, wa mer et elo verlounen, musse mer d'Leit no e puer Méint eraussetzen. An et ass einfach, am Moment, am Dossier PN15, wou esou vill Changementer an esou vill Aktioun dran ass, datt mer wierklech elo wëllen ofwaarden.

Natierlech loosse mer d'Haus net verfallen, mer kucken natierlech, datt dat weider uerdentlech a Stand ass. A mer kucken natierlech, wa mer bis méi Detailler hunn, a wéi eng Richtung et mam PN15, mat den Delaien an hei an do geet, datt mer dat da wierklech dann och deementspriedend upaken. Mir wëllen et elo net an eng Lokatioun ginn, net dass et vläicht no dräi, véier Méint schonn erëm eng ganz aner Situatioun ass. Merci.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Ass awer eng ganz contradictoire Äntwert zu där, déi Der déi leschte Kéier ginn hutt. Well do hat Der gesot, mir wäerte Kuerzzäit-Lokatioun dra maachen. Dat war nämlech eng Remark, déi ech dee Moment gemaach hunn, do hutt Der direkt geäntwert: „Mir maache Kuerzzäit-Lokatioun dran. Mir hu mat Leit vum Terrain geschwat, déi hu gesot, datt ...“

Also, mir brauchen eis jo elo net virze maachen, dass an dräi Méint de Problem PN15 geléist wär, an dass mer eis fir dat eent oder fir dat anert entscheet hätten, an dass dat Haus ofgerappt géif. Dat ass jo eng Illusioun.

Mee ech loosser dat emol esou stoen. Merci fir d'Äntwert.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci, Madamm Pregno. Den Här Diderich, wannechgelift.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech hunn zwou Froen. Dat eent ass, dass

ech d'leschte Kéier schrëftlech Froen eraginn hat, op déi ech bis dato keng Äntwert kritt hunn.

Dat heescht, déi ganz Fro ronderëm den Haneboesch, dee Parking, déi Autorisationen, de PAG, d'Fro, ob de Mouvement écologique do nach eng aner Äntwert kritt op de kuerze Mail vum Gemengesekretär respektiv ob dat déi offiziell Äntwert ass vum Schäfferot. Do wollt ech nofroen, wéini et déi Äntwerte gëtt, ob Der Iech un iergendwellech Delaie gehale fillt.

Do war jo och rieds vu Presencë sur place vun der ANF. Do misst et jo och Rapporte gi vun deene Visites sur place vun der ANF. Kënne mer déi och kréien als Gemengerot? Dat ass, en gros, d'Fro, déi ech nach eng Kéier stelle wollt.

Dat ass elo awer annerhallwe Mount hier, dass ech d'Fro schrëftlech gestallt hunn. Eng éischt Äntwert hat den Här Krecké jo hei séance tenante ginn, awer sous réserve, dass nach do eng Äntwert no kéim am Detail.

Déi zweet Fro stellen ech dann duerno.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Jo. Ech probéieren, Iech elo op déi doten ze äntwerten.

Et deet mer leed, dass déi schrëftlech Äntwert net esou spontan komm ass wéi Är mëndlech Fro. Mee ech versprechen Iech awer, dass Der se d'nächst Woch hutt. Dat ass effektiv esou. Mee déi wäert awer net wäit ewech si vun deenen Detailer, déi den Här Krecké Iech ginn huet.

Mee wa mer gesot hunn, mir reeche se schrëftlech no, da maache mir dat och. D'nächst Woch kënnt déi spéitstens.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci villmools. Also et war eng schrëftlech Fro vu menger Säit. Déi war net spontan a mëndlech. Mee okay.

Meng zweet Fro ass déi, dass ech mat Freed d'Zeitung e Samschdeg gelies hunn a matkritt hunn, dass zu Didde-

leng, eng LSAP-geféiert Gemeng, d'Grondsteier op Bauland op 1.600 % gehéicht ginn ass. An ech hat jo dat selwecht hei virgeschloen zu Déifferdeng. An do war d'Reaktioun awer déi vum Schäfferot ze soen, respektiv der Majoritéit hei, ze soen, nee, do kënnt jo eppes op nationalem Niveau. Do kënnt eng Steier iergendwann. Mir waarde jo scho méi wéi ee Joerzénge op déi Steier. An dat ass déi Äntwert, déi ech hei schonn esou laang kréien.

An da gesinn ech awer, dass aner Gemengen déi Gesetzesprozedur awer anscheinend esou interpretéieren, dass se mengen, dass si als Gemeng awer absolut gutt dorunner dinn, elo schonn eppes géint fräistoend Bauland ze maachen. An ech fannen dat gutt.

An ech froe mech, ob vläicht de Schäfferot entretemps, nodeem ech dat jo am leschte Gemengerot ugereegt hat, vläicht sech eng Kéier dat ugekuckt huet, wat op nationalem Niveau ënnerwee ass. Wéi eng Delaien do nach en place sinn a sech vläicht iwwerluecht huet, ob net awer de Moment komm wär, fir och an déi Richtung do ze goen. Fir einfach elo schonn d'Proprietären do an d'Gäng ze bréngen, dass se och besser preparéiert wäeren op déi national Gesetzgebung.

BUERGERMEESCHTER GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech kann Iech elo net soen, wou déi national Delaien dru sinn. Dat wier jo fantastesch, wann ech dat wéisst, da wier ech jo ee wéi de Copperfield, oder wéi nenne mer se alleguer, déi an d'Stäre kucken. Ech weess net, wou mer do dru si mat deenen Delaien. Leider weess ech dat net, soss wier ech och vläicht méi determinant an eisen Entscheedungen hei am Schäfferot.

Dat anert: Ech respektéieren all Decisiounen, an all Decisiounen, déi kommunal geholl gi vun Nopeschgemengen an esou virun, mee mir bleiwen awer bei eisem Avis, dee mir ofginn hunn an dee mir Iech als Äntwert ginn hunn.

An allem Respekt zu den Nopeschgemengen, wat déi decidéieren, musse mir kucken, wou eis Interessie sinn a wou d'Interessie si vun der Stad Déifferdeng an där Relatioun.

Il souhaite savoir si le Mouvement écologique a reçu une réponse différente du court courriel du secrétaire communal ou si celui-ci constitue la réponse officielle du collège échevinal. Il demande quand ces réponses arriveront et si le collège se sent tenu par des délais.

Il évoque également les visites sur place de l'ANF et demande si le conseil communal peut obtenir les rapports de ces visites.

Il précise que cela fait un mois et demi qu'il a posé ces questions par écrit et que monsieur Krecké avait donné une première réponse en séance, sous réserve de détails ultérieurs.

GUY ALTMEISCH (LSAP) s'excuse du retard de la réponse écrite et promet qu'elle sera transmise la semaine prochaine, précisant qu'elle ne sera pas très éloignée des détails déjà fournis par monsieur Krecké.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) pose ensuite sa deuxième question. Il a lu avec intérêt que Dudelange, commune dirigée par le LSAP, a augmenté la taxe foncière sur les terrains à bâtir de 1600 %. Il avait proposé la même chose pour Differdange, mais le collège échevinal avait répondu qu'une législation nationale était attendue. Il demande si le collège a reconsidéré sa position.

GUY ALTMEISCH (LSAP) répond qu'il ne connaît pas les délais nationaux et respecte les décisions des communes voisines, mais maintient la position adoptée par Differdange. Il clôt la séance.

Questions

Wa mer elo keng Froe méi hunn, da géi-
fe mer zu der Séance non-publique
kommen. Da géife mer dem Techniker
Bescheed soen, dass deen eis ka lass-
klemmen.

DARLIN — UNE APPINTELLIGENTE CONTRE LES DÉCHETS

La Ville de Differdange lance un outil numérique innovant pour lutter contre les déchets sauvages, en misant sur l'intelligence artificielle et la participation citoyenne.

Dans le cadre de sa stratégie NetZeroCities et de l'appel à projets national **Smart City**, la Ville de Differdange est fière d'annoncer que son projet DARLIn (Differdange AI Resource & Litter Intelligence Dashboard) a été retenu.

L'objectif

Impliquer activement les citoyens, de manière ludique, afin d'identifier où, quand et en quelle quantité les déchets sauvages s'accumulent sur le territoire de la commune.

Comment ça fonctionne ?

Grâce à une **application mobile** disponible sur Android et iOS, les utilisateurs photographient les déchets qu'ils collectent. Une **intelligence artificielle** analyse automatiquement les bouteilles en plastique, les mégots, les emballages... et enregistre leur localisation précise.

Les données recueillies permettront de générer des Litter-Heatmaps, des cartes de chaleur qui orienteront efficacement les équipes de nettoyage vers les zones les plus touchées.

Phase de test : participez au grand nettoyage de la forêt !

Une première **phase de test** débutera le samedi **21 mars 2026** à l'occasion du grand nettoyage de la forêt. Des **volontaires** sont recherchés pour essayer l'application en conditions réelles et partager leurs retours d'expérience.

Développé et hébergé au Luxembourg

L'application et l'intelligence artificielle ont été développées au **Luxembourg**. Toutes les données sont **stockées sur des serveurs locaux**, ce qui garantit leur sécurité et leur souveraineté.

Inscrivez-vous dès maintenant sur <https://crab-ts.com/landing/app> et devenez acteur du changement !



LA VILLE RECHERCHE DES GUIDES TOURISTIQUES

Vous avez le goût du contact humain et une affinité pour le patrimoine historique et culturel du Luxembourg ? La Ville de Differdange recherche des guides touristiques freelance pour assurer les visites guidées autour du riche patrimoine minier de la commune.

Profil recherché

Les candidats doivent être âgés d'au moins 18 ans et maîtriser le luxembourgeois, le français, l'allemand ou l'anglais au niveau C1. Une apparence confiante, de bonnes capacités de communication et une connaissance de base du Luxembourg sont essentielles.

Une expérience dans le guidage ou l'animation de groupes est souhaitée, tout comme, de préférence, une formation touristique de base. Un intérêt ou des connaissances en matière de mines constituent un atout, mais ne sont pas indispensables.

Formation et accompagnement

Les guides sélectionnés suivront une formation obligatoire d'une demi-journée, organisée par la Ville de Differdange. Un dossier complet contenant toutes les informations nécessaires à la réalisation des visites leur sera remis à cette occasion. Les connaissances acquises feront l'objet d'une évaluation avant la prise en charge des premières visites.

Profils variés bienvenus

Que vous soyez étudiant(e), actif(-ve) ou retraité(e), votre candidature est la bienvenue. Les missions sont flexibles et adaptées à la disponibilité de chaque guide — une collaboration est possible même pour une ou deux visites par an. Aucune obligation de disponibilité régulière n'est requise. La passion pour le patrimoine reste le meilleur atout.

Comment postuler ?

Transmettez votre candidature (CV et, le cas échéant, références en guidage) au :

Service culturel de la Ville de Differdange

Sally Offermann


sally.offermann@differdange.lu

Tél. : 58 77 1-1913




EN GÉNÉRAL : Méfiez-vous si des inconnus s'approchent trop près de vous. Les pickpockets utilisent divers moyens de distraction pour s'emparer discrètement de vos objets de valeur.


LE DISTRACTEUR




LE BOUSCULEUR



LE DANSEUR




LE SOLLICITEUR



MAT LU-Alert GESÄIS DU ET KOMMEN.

Bien alerté
pour réagir
correctement.



LU  **Alert**

LE SYSTÈME D'ALERTE NATIONAL



Téléchargez l'application LU-Alert.

www.lu-alert.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG